

Gemengerot Esch

Rapport analytique N° 7 / 2011



Rentrée 2011



www.esch.lu

Séances du Conseil communal du
vendredi 1^{er} juillet 2011
vendredi 8 Juillet 2011

Conseillers présents:


M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. John Snel – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Conseillers absents:

M. Pierre-Marc Knaff – M. Frunnes Maroldt

Ordre du jour

	Page
Réunion à huis clos	
1. Questions de personnel (présentations de candidats, nominations aux emplois, promotions, démissions); décision	
Réunion publique	
2. Information au public des décisions de personnel	4
3. Correspondance	4
4. Carte culture jeunes: concept; décision	4
5. PAP 01/04 Terrasses des hauts-fourneaux: 2 ^e vote; décision	7
6. Compte administratif 2009:	
a) compte administratif; décision	8
b) compte de gestion; décision	8
c) tableaux annexés; décision	8
d) rapport de vérification du compte administratif; décision	8
e) subsides extraordinaires; décision	8
f) titres de recette; décision	8
7. Convention concernant le service pour jeunes pour l'année 2011; décision	9
8. Convention dans le cadre des activités sportives („Sportförderprogramm“) faisant partie du „Pacte d'Intégration“ de la Ville d'Esch-sur-Alzette; décision	9
9. Questions de personnel (création et suppression de poste; réduction et prolongation de stage); décision	10
10. Subsides ordinaires; décision	9
11. Subsides extraordinaires; décision	10
12. Règlements de la circulation routière; confirmation et décision	11



**Sëtzung vum Escher Gemeengerot
Freideg, den 1. Juli 2011**

2. Information au public des décisions de personnel

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

Dir Dammén an Dir Hären, ech géing proposéieren direkt mam Ordre du jour unzufänken. D'Information au public iwwert déi Personaldécsiounen déi mer geholl hunn, ginn lech am Laf vun der Sëtzung zougestallt wéi dat üblech ass.

A) Résiliation d'un contrat de travail. Résiliation, sur sa demande et avec effet au 1^{er} septembre 2011, du contrat d'engagement conclu pour une durée indéterminée avec Madame Gisèle Nagy, chargée de cours au conservatoire de musique.

B) Nominations définitives Carrière de l'agent municipal.

1) Nomination définitive de Monsieur Yves Müller, aux fonctions d'agent municipal, avec effet au 1^{er} juillet 2011.

2) Nomination définitive de Madame Mandy Klein, aux fonctions d'agent municipal, avec effet au 1^{er} août 2011.

C) Questions de personnel salarié.

1) Engagement à durée indéterminée avec effet au 1^{er} septembre 2011 d'une chargée de cours du conservatoire de musique.

Il s'agit en l'occurrence d'une chargée de cours occupée auprès de la Ville moyennant un contrat de travail conclu à durée déterminée qui excède une période de 24 mois et qui a été renouvelé plus de deux fois.

La rémunération des chargés de cours concernés est fixée en application du règlement grand-ducal du 25 septembre 1998 fixant les conditions de formation, d'admission aux emplois et de rémunération des chargés de cours des établissements d'enseignement musical du secteur communal.

La chargée de cours concernée est:

Nom et prénom	Entrée en service auprès de la Ville	Nombre d'heures de cours hebdomadaires	Degré d'occupation	Rémunération sur la base du grade
Kraus Annie	01.09.2009	22 heures (+5 heures par rapport à 2009/2010)	22/22	E 3ter

L'intéressée est engagée sous le régime du salarié.

2) Renouvellement de l'engagement d'un chargé de cours du conservatoire de musique pour l'année scolaire 2011/2012.

Il s'agit en l'occurrence d'un chargé de cours occupé auprès de la Ville moyen-

nant un contrat de travail conclu à durée déterminée qui n'excède pas une période de 24 mois et qui n'est pas renouvelé plus de deux fois.

La rémunération des chargés de cours concernés est fixée en application du règlement grand-ducal du 25 septembre 1998 fixant les conditions de formation, d'admission aux emplois et de rémunération des chargés de cours des établissements d'enseignement musical du secteur communal.

Le chargé de cours concerné est:

Nom et prénom	Entrée en service auprès de la Ville	Nombre d'heures de cours hebdomadaires	Degré d'occupation	Rémunération sur la base du grade
Dyulgeryan Aram	01.09.2010	6 heures	6/22	E 3ter

L'intéressé est engagé sous le régime du salarié.

3. Correspondance

Ënner „Korrespondenz“ hu mer elo keng spezifesch Informatioun, esou dass et direkt virugeet mam éischte Punkt um eigentlechen Ordre du jour.

4. Carte culture jeunes; concept; décision

Dat ass eis Carte culture jeunes, wou mer eng Presentatioun kréie vun eisem Kulturschäffen, den Här Tonnar.

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): Jo, Merci, Madame Buergermeeschter. Nodeem mer am leschte Gemengerot de Kulturpass virgestallt hunn dee fir manner bemëttelt Leit ass, si mer haut frou lech d'Carte culture jeunes ze presentéieren, déi sech adresséiert u Jonker an och jonk

Erwuessener tëschent 12 an 30 Joer. Déi Kulturkaart ass ausgeschafft ginn an enker Zesummenaarbecht tëschent dem Service Jeunesse an dem Service culture a mer wollten deene Merci soe fir hir gutt Aarbecht déi se gelescht hu fir d'Aus-schaffung vun dëser Kulturkaart.

E puer Informatiounen. U ween adresséiert se sech? Ech hunn et scho gesot. Et si Jonker a jonk Adulten tëschent 12 an 30 Joer. Et ass awer net nëmmen ëm Escher wou et geet. All Mënsch kann déi Kaart huelen. Mir wollten net hei eng Selektioun mat exklusiv Escher. Kultur ass, wéi mer d'leschte Kéier scho gesot hunn, soll fir jiddweree sinn. A vu dass mer regionale Charakter hunn als Stad Esch an ëmmer vill Net-Escher hei empfänken, si mer frou matzedeelen, dass déi Carte

culture jeunes sech un Escher an un Net-Escher adresséiert.

Si ass valabel 1 Joer. Et muss ee se kafen, dat kascht 5 Euro. Ech mengen dat ass jo wierklech keen deiere Präis an déi kann ee kafen am Service culture deen d'nächst Woch an d'Mousset-Haus plënnert, an dem Service jeunesse deen offiziell opgeet och an der rue Boltgen, mengen ech d'nächst Woch oder d'iwwernächst Woch, um Point Info Jeune an awer och an alle Kulturhaiser hei vun Esch.

D'Avantages, ech menge mer wëssen, dass mer schonn ëmmer fir déi Jonk Reduktiounen agefouert haten. Mir haten am Theater 50%, mir haten am Conservatoire 50%, mer wollte fir nach méi Jonker ze cibléieren, wollte mer déi Tariffer nach erofsetzen, esou dass mer proposéieren op den Tariffer vun deene Jonken, dat heescht wann den Tarif 8 Euro war am Theater, kommen elo 50% Reduktioun, da kascht nach e Billjee 4 Euro an dat selwecht géllt fir de Conservatoire, wou mer och 50% Reduktioun um Tarif vun deene Jonke proposéieren. Dat heescht et kënn en elo fir 7 Euro an de Conservatoire wann et 14 Euro war. Et kënn ee fir 4 Euro an den Theater wann den Tarif Jeunes 8 Euro war. Dir gesitt, do sinn absolut interessant Tariffer déi all Mënsch et, och engem Jonken erlaben, dann ee Béier manner ze drénken, da kann en an den Theater goen.

Mat der Kulturfabrik ass et esou, dass mer eng Reduktioun vu 6 Euro op allen Ticketen ausgeschafft hunn, dat heescht op deenen 300 éischten Ticketen déi gefrot ginn. Dat ass eng Prise en charge vun der Kulturfabrik, déi akzeptéiert dann eng Reduktioun vu 6 Euro déi mer op den 300 éischte Billjeeën déi si verkafen u Jonker kréien. Wann et doriwier geet, dann

4. Carte culture jeunes

hëlt d'Escher Gemeng d'Prise en charge vun deene 6 Euro. An den nächsten 8. Juli am Gemengerot wäerte mer déi Konventioun ënnerschreiw mat der Kulturfabrik, dass mir als Gemeng iwwer 300 Entréeën 6 Euro bezuele fir den 301. an 302. asw, wann déi Situatioun sech soll stellen.

D'Bibliothék, do versiche mer mam neie Gesetz wat iwwer d'Bibliothéiken erauskënnt, versiche mer, dass an Zukunft de Prêt méi wéi sécher wäert gratis gi fir d'Usagere vun der Bibliothék.

Da sinn nach Diskussiounen mat eisem Kino op Esch Belval, mam Caramba, wou mer wahrscheinlech, mä dat ass nach net ënnerschriwwen, en Ticket fir 3 Euro kréie mëttwochs owes an de Sëtzungen am Kader vum Cinéclub. Dat ass all mëttwochs owes um halwer 9 wou déi Reduktioun wäert sinn. En Entréesticket mat där Kaart fir 3 Euro fir déi Jonk vun 12 bis 30 Joer, déi déi Kaart wäerten hunn.

D'Fro kënn Dir stellen, wat ass mat der Rockhal? Dir wësst datt déi net Esch gehéiert, mä zu Esch ass, duerfir wëlle mer déi onbedéngt abannen. Mir sinn och do an Diskussiounen. Et ass awer esou, dass d'Rockhal éischtens ganz aner Tariffer huet. Zweetens exklusiv bal mat deem Public schafft an drëtzens oft Saachen organiséiert déi net vun hinnen organiséiert sinn. Déi anerer organiséieren an hire Locauxen a mat deene mer kee Gespréichspartner hunn. Mir sinn awer amgaang mat der Direktioun vun der Rockhal a mer wäerten lech do och an nächster Zukunft eng Propositioun wou déi Kaart nach da kann op d'Rockhal ausgedehnt ginn.

Dat ass wat ech wollt soen iwwer déi Kaart. En Résumé, et ass eng ganz flott Idee. Mir wieren och frou wa ganz vill Reklamm géif gemaach ginn, dass méiglechst vill Jonker géife vun där neier Kaart do profitéieren, an dass mer op déi do Manéier géifen errechen, dass eis Kulturhaiser nach méi gefëllt wieren, wat zwar relativ schwéier gëtt, well e Mëttwoch war déi lescht Representatioun fir dës Saison am Escher Theater an ech profitéiere fir do ze soen, dass mer deem Leschten, deen e Billet e Mëttwoch geholl huet fir d'Clôture vun der Saison 2010/2011, dat war den 22.841ten. Dat heescht vum 8. Januar un hu mer 22.841 Entréeën am neie renovéierten Escher Theater gehat.

Ech wollt dat awer hei soen, well dat wierklech a sechs Méint e formidabelt Resultat ass.

D'Leit hu wierklech drop gewaart, dass deen Theater erëm sollt opgoen. Voilà, wann Dir nach Froen hutt, stinn ech gärten zur Verfügung.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Tonnar. Ech menge mir hunn eng Rei Wuertmeldungen. Den Här Huss an d'Madame Hildgen.

Jean Huss (DÉI GRÉNG): Merci, Madame Buergermeeschter, fir d'éischt fir dem Kulturschaff Tonnar Jean Merci ze soe fir déi Presentatioun hei an och fir de Rappel wat mer d'leschte Kéier hei votéiert haten. Ech menge mat deenen zwou Saachen déi mer votéiert haten, och fir deene sozial méi schwache Leit finanziell entgéint ze komme beim Besuch vun eise Kulturinstitutionen, dat ass eng wichteg Saach gewiescht, wat weist, datt mer hei zu Esch net aus sinn op eng just elitär Kultur, mä wierklech op eng Kultur déi soll all Bevëlkerungsschicht mat abezéien a souwuel déi Leit déi ebe manner Suen hunn. An hei ass den zweeten Aspekt, dass da fir déi Jonk méi vun Ufank un un eis Kulturinstitutionen erun ze bréngen iwwer besonnesch Tarifikatiounen, déi besonnesch gönschteg Tarifikatiounen. An ech mengen och dat ass e ganz wichtige Schrëtt, mat deene verschiddene Kulturinstitutionen déi den Här Tonnar hei opgezielt huet. Ech fannen, datt dat absolut an déi richteg Richtung geet, an datt mer op déi Aart a Weis wierklech souguer dann iwwer d'Grenze vun der Escher Gemeng eraus, deene Jonke kënnen entgéint kommen. Dat ass e Schrëtt dee mer och diskutéiert haten am Kader vun den Assises culturelles déi mer jo virun net allze vill laanger Zäit hei zu Esch organiséiert haten. Den Accès zur Kultur, wat de finanzielle soziale Aspekt ubelaangt, ass ee ganz wichtige Aspekt do dervun. En zweeten Aspekt si beispillsweis och fir vu fréierster Kandheet un, scho vun der Primärschoul un, d'Kanner nach méi staark erunzezéien duerch Visiten, duerch Theaterbesichtigungen, a Muséeën an esou virun, fir se dozou ze bréngen, datt se un d'Kultur, wat jo e wichtegt Instrument ass vu sozialer Kommunikatioun am Fong, fir se do vun Ufank u méi erunzezéien an datt se net fäerte fir an esou grouss Haiser, déi méi offiziell ausgesi wéi den Theater, fir iwwerhaupt do eranzegoen. Dat heescht wa se vun Ufank un dru gewinnt ginn och, wann den Accès vun Ufank u garantéiert ass, sief et scho vun de Schoulen aus an dann och duerch sozial Präisser herno, ech mengen da kënnen mer nach Fortschrëtter maache wat d'Abézéierung vu méi groussen Deeler vun der Bevëlkerung an eis Kulturpolitik ubetrëfft. An ech mengen, datt déi zwee Schrëtter déi mer hei gemaach hunn, souwuel par rapport zu méi sozial Schwache wéi elo par rapport zu de Jonken, absolut wichtige Ele-

menter sinn an enger fortschrëttlecher Kulturpolitik.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Huss. Et wier dann un der Madame Hildgen.

Annette Hildgen (CSV): Merci, Madame Buergermeeschter. Selbstverständlech si mir als CSV hei mat d'accord. Mir fannen et eng ganz gutt Saach. Wat awer ass, dat ass d'Informatioun fir déi Jonk, respektiv fir Reklamm ze maachen. Mir wëssen, datt fir iwwer kulturell an Usproch ze huelen, mat Ausnam vun engem Rockconcert, respektiv eventuell de Kino, ass et esou datt dat vun doheem aus muss kommen. Dat heescht, och doheem muss schon eng Culture de la culture si fir ze soe mir ginn an den Theater, well et si verschidde Leit, ganz vill Leit souguer, déi hunn eng gewësse Schwellenangsch fir eranzegoen an déi Haiser, well se et och doheem net gewinnt sinn a well se och vläicht menge si wieren do déplacéiert. Wa mer do an de Schoule géifen ufänken an de Lycéeën fir Reklamm ze maache fir mat de Kanner, ech schwätzen elo Primärschoul, mat de Kanner an den Theater ze goen, net nëmme wa Schoulspuerfest ass, mä fir verschidde Saache kucken ze goen, fir a verschidde Concerten eventuell ze goen, dat géif d'Saach scho fir déi Kanner erliichteren. Si kënnen déi Erfahrung déi se gemaach hu mat heem huelen. Si kënnen eventuell souguer hir Eltere motivéiere fir mat hinne matzegoen an dann hätte mer schon e ganz grouss Schratt no vir gemaach.

Ech hu just eng Fro, wat ass den Ënnerschied, Här Tonnar, zwëschen Théâtre an Théâtre tout public? Ech wier frou wann ech dat kënn erkläert kréien, well do sinn och verschidde Tariffer an dat ass nëmme eng Klenggeek op der Säit 5 steet: "Qui aurait droit à la carte Culture Jeunes?" An da steet am drëtten Ofsaz: "tous les étudiants de l'Université du Luxembourg, résidents et non-résidents d'Esch-sur-Alzette jusqu'à l'âge de ... ans". Ass dat vergiess ginn oder ass dat op no uewen? Mä do kënn een nach vläicht wann dat hei sollt public gemaach ginn, den Alter och drasetzen. Well soss steet ëmmer bis 30, 12 bis 30. Et ass alles bis 30, da misst een dat vläicht do nach dobäi schreiw. Dat war awer eng Faute de frappe. Op der Säit 5, uewen, Concept Carte culture jeunes, den zweeten Tiret. Gutt. Méi hunn ech am Fong geholl net dozou ze soen. Ech soen lech Merci.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Madame Hildgen. Den Här Baum, den Här Codello.

4. Carte culture jeunes

Marc Baum (DÉI LÉNK): Jo, Merci, Madame Buergermeeschter. Mir ënnerstëtzen déi doten Initiativ natierlech och voll a ganz. Wéi den Här Huss virdu gesot huet, Public cible dee mat dëser Mesure viséiert ass, nämlech sozial Schwächer a Jugendlecher, deenen hiren demokrateschen Accès zur Kultur am Moment net an där Form garantéiert ass. Net garantéiert, awer net nëmmen duerch de Präis, dat musse mer eis och bewusst sinn. Do spillen nach eng ganz Rëtsch aner Facteur mat. Mä de Präis ass een Element dovunner. Een Element wat ee steiere kann an do huet mengen ech, d'Gemeng, an dësem Fall ass d'Gemeng op de richtege Wee gaangen.

Erlaabt mer awer eng Remarque, wou ech bal op den Hënner gefall si wéi ech den Dossier gelies hunn. Dat war déi Aart a Weis wéi d'Rockhal, op déi mir net direkt Afloss hunn, an dat weess ech natierlech och, mä déi Aart a Weis wéi d'Rockhal op d'Demande geäntwert huet vun der Gemeng fir och fir hir Entréespräisser en Effort ze maachen, deem Modell unzepassen, an ze soen, datt hir Clientèle, datt déi net ofhängeg wier vun eventuell reduzéierte Präisser. Dat ass fir mech en Ausdrock vun esou eng Zynismus, wann ee gesäit wéi eng Präisser d'Rockhal applizéiert a wéi eng Selektion natierlech d'Rockhal domatter indirekt mécht, datt ech wierklech mengen, datt dat do wierklech net an der Rei ass wéi d'Rockhal do virugaangen ass. An datt d'Rockhal sech domatter erëm nach eng Kéier op en Neits distanzéiert huet vun de kulturellen Institutione vun Esch, wat méi wéi bedauerlech ass!

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Baum. Et wier dann um Här Codello an duerno um Här Jaerling.

Daniel Codello (LSAP): Merci, Madame Buergermeeschter. Mir ënnerstëtzen natierlech déi Virgehensweis do och. Dat ass eng Normalitéit, datt een do iwwer d'Tarifikatioun fir Jugendlecher Kulturhaiser solle méi attraktiv maachen an ech mengen, net nëmmen en vu vun der Universitéit, mä dat war awer och den ausschlaggebende Facteur, dass ee sech zesummesat huet fir esou e Konzept auszeschaffen an duerfir begrësse mer och, dass dat bis 30 Joer geet, well do awer eng Partie Studente wäerten och drënner falen.

Et ass scho gesot ginn d'Tarifikatioun Präispolitik ass ee Schratt fir Kulturhaiser oder den Zougang zur Kultur méi attraktiv ze maachen, mä et gëllt awer eppes anescht ze förderen an den nächste Joeren, an dat ass mengen ech dee gréissten

Defi fir dass déi 12järeg eigentlech, wou jo dës Tarifikatioun ugeet, eigentlech de Goût un der Kultur kréien an dat ass d'Education à la culture. D'Education culturelle an Education à la culture an do mussen och eis Kulturinstituter wéi Theater, Conservatoire schonn an engem ganz frëien Alter ufänken. Et ginn do Programmer hei am Land, d'Philharmonie mécht dat zum Beispill sonndes moies scho mat 4jährege Kanner, an do mussen eis Kulturhaiser e groussen Effort maachen, och e Konzept opstellen, wéi kënne mir Kanner zur Kultur, ech soen elo „erzéien“, mä erubringen an da kënnt dat anert vum selwen an da komme se och an de Genoss vun där spezieller Tarifikatioun. Wéi gesot, dat hei ass een Deel, well et ass schwéier iwwer Elteren d'Kanner motivéieren, wann d'Eltere selwer net motivéiert sinn. An dofir muss d'ëffentlech Hand hei Konzepter ausschaffen, datt eis Kulturinstituter op deen dote Wee ginn.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Codello. Et wier dann um Här Jaerling.

Aly Jaerling (Indépendant): Merci, Madame Buergermeeschter. Ech kann dat och nëmmen ënnersträiche wat den Här Baum hei gesot huet an ech wëll awer am grouse ganze soen, dat meescht ass scho gesot ginn. Eng Selectivitéit aus finanzielle Grënn ass ëmmer eppes wat d'Gesellschaft an zwee spléckt. Ech mengen et kann net sinn, dass iergendwéi den Zougang zum Sport oder zu der Kultur oder zu soss ëffentleche Veranstaltungen, dass deen doduerch erschwéiert gëtt, dass een aus finanziellen Ursachen dat net ka matmaachen. Ech mengen dat ass eppes wat net nëmmen an der Escher Gemeng misst ze denke ginn, mä awer, géif ech mengen, landeswäit an et missten nach eng Rei Efforte gemaach gi fir dass dat do, well elo hei, déi gutt Initiativ déi hei elo getraff gëtt, dass déi awer och nach landeswäit misst agefouert ginn, fir dass eben déi Selectivitéiten aus finanzielle Grënn, dass déi awer endlech verschwënnt an dass all Mënsch Recht huet, Zougang huet op all, op Sport, op d'Kultur oder all aner ëffentlech Veranstaltungen, dass dat muss e Recht sinn. Dofir ass dat hei eng gutt Initiativ fir de Wee opzemaache fir mol zumindest zu Esch dat Recht anzeféieren. Wann elo e Kulturhaus wéi d'Rockhal mengt, mengt, elo am Moment kënnte se nach gutt liewen, se kënnte sech eng Clientèle eraussichen déi aus bessere Kreeser kënnt, et kommen och nach vläicht Zäite wou dat net méi esou de Fall ass an da wäerte se scho vum

selwe mierken, dass se awer dann d'Diere méi grouss musse opmaachen och fir Leit déi net esou gutt stinn an ech hoffen, dass se esoubal wéi méiglech och op deem Wee matginn, well et wier nëmmen an hirem eegenen Interessen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Jaerling. Dann äntwert de Kulturschäffen.

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): Jo, ech si frou iwwert déi Unanimitéit. Ech mengen et ass e ganz flotte Projet a mir si frou, dass mer deen elo kënne mat all Ären Accorde kënne ëmsetzen. D'Informatioun ass ugesprach ginn, dat ass ëmmer e wichtege Sujet, wa mer gesi wat verschidde Kulturhaiser, déi vum Stat ganz grouss subventionéiert sinn, wat déi fir Budgeten hunn nëmme fir d'Publicitéit. Da kënne mir nëmme laachen oder kräischen, well mir géife léiwer och nach méi Publicitéit maachen. Et geet nëmmen esou wéi mer kënne e Programm attraktiv a public maachen. Mä leider hu mer do awer net déi Moyene wéi déi verschiddenen un déi ech hei denken.

Et ass ganz kloer och, an ech mengen dat hu mer awer schonn éweg gemaach, Madame Hildgen, dass d'Primärschoulskanner ëmmer ee bis zwee minimum mol d'Joer an den Theater ginn an dat huet näischt mat der Remise vun deene Spuerbicher ze dinn a mir schaffen och do ganz enk, den Theater schafft do ganz enk mat der Schoukkommissioun an ech mengen och mam Service Jeunesse zesummen an do gëtt all Joer e Programm opgesat. Ech sinn och ganz frou, dass vill méi enk erëm mat de Lycéesdirekteren an Direktiounen zesumme geschafft gëtt, déi an de Programmskommissiounen ganz aktiv dobäi sinn a mat deene mer d'Programmer kucke wat op 2°, op 3°, als Bicher gelies ginn a wou mer da versichen all Joer op d'mannst een oder zwee däitsch oder franséisch oder souguer englesch Stécker déi dat Joer gelies ginn, op Esch an den Theater ze bréngen. Esou dass déi Aarbecht awer scho gelaf ass an och weider méi intensiv wäert lafen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Villmools Merci fir och dës Explikatiounen. Da kéinte mer direkt zur Décisioun kommen.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling

ling – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally
Le Conseil Communal approuve à l'unanimité le concept «Carte culture jeunes».

5. PAP 01/04 Terrasses des hauts-fourneaux: 2^e vote; décision

Mir géingen da virufuere mam Punkt 6, deen ennerdeelt ass a 6 Ennertitele ronderëm ... ah richtig. Ech géing soe mir huelen de Punkt 5 nach vir, nämlech de PAP 01/04 vun den Terrasses des hauts-fourneaux, dat ass den zweete Vote. Här Bauteschaffen.

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): Merci, Madame Buergermeeschter. Ech wëll drun erënneren, dass mer hei den éischten, also am Abrëll den éischten Vote geholl hunn. Mir hunn duerno den Affichage gemaach an do sinn zwou Reklamatiounen erakomm. Eng vum Mouvement écologique déi an der Essenz sech ëm d'Sauvegarde vun Infrastrukture gedréit huet an eng zweet déi awer och eigentlech eppes rejoignéiert hat, wat mir d'leschte Kéier scho bei eisem Vote festgestallt haten, dass an deem Bloc A9, dass dat net een uniforme Block soll si vis-à-vis vun dem Agrora-Gebai a vis-à-vis vun der Rockhal, mä dass dat an zwee soll gespléckt gi fir dass een d'Vue op den Héichuewen an op d'Héichuewestrukture ka behalen. Mir hu festgestallt, och hu misste feststellen, dass mer herno eng Inkohärenz tëschent der Partie écrite a Partie graphique haten an dofir hu mer d'Partie graphique och an deem Sënn rektifizéiert.

Op déi aner Saachen, mengen ech ass et schwierig anzegoen, déi hu mer eigentlech décidéiert bei eisem éischte Vote a mer hunn, d'autant plus war och kee Vertrieber vum Mouvement écologique an der Auditioun.

Déi zweet Reklamatioun ass komm vun der Belval Square SA, déi wollt eigentlech den Amenagement vun där Plaz niewent dem Hotel mat an de PAP erakréien. Dat geet awer net juristesch, well déi Plaz scho vum PAP 01/02 ofgedeckt ass, an dass mer net kënnen iwwert en zweete Vote vun engem PAP en anere PAP iwwerschreien. Mir hunn awer deene Leit gesot, dass hir Reklamatioun sécher Kapp a Schwanz hätt an dass een dofir misst eng Prozedur entaméiere fir de PAP 01/02 ze modifizéieren, an dass se dat sollen eraginn, dass een dat da profitéiert während den nächste Méint op de Proze-

durwee ze ginn, den Avis beim Interieur ze froen, dass soubal wéi en neie Gemeengerot konzipéiert ass, an esou laang brauche mer, dass dee gegebenenfalls dat kann amendéieren, fir dass déi Plaz dann och definitiv korrekt gestallt gëtt, well do am PAP 01/02 relativ wéineg Aussoen iwwert d'Gestaltung vun där Plaz waren.

Esou dass mer proposéieren, de PAP 01/04 mat där Modifikatioun vun der Partie graphique wou kloer ass elo, dass dee Stréch deen drop ass, den Aligement vun de Gebaier fixéiert an net eng Baulinn, eng obligatoresch Baulinn vun de Gebaier fixéiert, an dass mer do all Onkloerheet tëschent Partie écrite a Partie graphique eraushuelen. An et ass och dee Vote dee mer eng éischte Kéier hei scho geholl hunn, dass deen dann och wirklech fest zementéiert gëtt duerch déi Kloerstellung an der Partie graphique.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Den Här Zwally.

André Zwally (CSV): Merci, Madame Buergermeeschter. Ech wollt dem Bauteschaffe Merci soen, och fir d'Explikatiounen. Effektiv ass et esou, dass an den Avisen déi virleien, de Plan directeur virgesinn hat fir en net esou ze bauen. Mir hunn am éischte Vote d'Déisioun gehat, datt mer déi Lote wëilten hunn. Mir hunn och senger Zäit d'Fro gestallt gehat wéi et da baulech kéint ausgesinn, wat fir eng Héichten, dass do géife gebaut ginn. Et ass eis konfirméiert ginn, dass et Héichten tëschent ech mengen 18 an 20 Meter kënnen sinn. 16 an 20, pardon. An dat ass och dat wat eis da motivéiert huet fir dëst mat ze stëmmen, well mer och einfach der Meenung sinn als CSV, dass et wichtig ass fir déi Vue op d'Héichuewen ze erhalen, an doduerch dass d'Héichuewen iwwer 70 Meter sinn, ass dat och garantéiert.

Deen zweeten Deel dee mer ëmmer wollte garantéieren ass natierlech och d'Mobilitéit. D'Mobilitéit op der Terrasse des hauts-fourneaux déi och wichtig ass fir eis fir dat kënnen herno ze bewerkstelligen um Niveau vun der doucer Mobilitéit. A well do déi Zwëscheraim tëschent deene verschiddene Bauten déi do kommen, 11 resp. 13 Meter sinn, garantéiert déi Méiglechkeet fir do op deene sämtlechen Achse sech fräi kënnen ze beweegen. An ech géif och hei soen, dass bei deene leschten Interventiounen déi mer och gemaach haten, wou mer och gefrot haten, oder op d'mannst mol gesot haten, dass een dann hei mat deem zweete Vote géif ennermaueren, datt mer hei an der Diskussioun ëmmer si Formel Monument dans la cité, insofern et dann

och no bausse ka bréngen, dass dat de Message soll sinn, dee mir och als CSV wëlle matdroen an an deem Sënn wäerte mer dann och deen zweete Vote hei matstëmmen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Zwally. Den Här Weidig.

Paul Weidig (LSAP): Et ass wichtig, dass mer de Plan directeur vum Belval dee jo awer elo eng gutt Zäitchen besteet, dass dee progressiv ugepasst gëtt an hei ass eng gutt Geleehheet fir dass daat konform mat der rasanter Entwécklung vum Belval, déi am Moment stattfënt, gemaach gëtt.

Et sinn 3 Punkten déi wichtig sinn, an dësem PAP. Éischstens, dass d'Duerchlässegkeet vun der Terrasse des Hauts Fourneaux garantéiert ass. Doduerch, dass déi Gebaier auserne geholl si ginn, hu mer awer elo déi städtesch Reim déi et erlabe fräi vun der Rockhal a vun der Gare bis bei d'Uni hin ze goen.

Zweetens, wichtig ass, dass déi Gebaier, vum urbanistesche Standpunkt aus, déi Plaz virun der Rockhal besser emfaassen. An an deem Kontext muss een och drop hiweisen, dass den Nopesch-PAP, deen den Hotel Ibis mat dem Gebai wou d'Déngschtleeschtungssewicer sollen dra komme begräift, dass deen och entsprechend ugepasst gëtt. An da kréie mer wéi gesot, e flotte Raum dee gefaasst ass, mä awer och zur gläicher Zäit duerchlässeg ass.

An de leschte Punkt dee wichtig ass, ass dass mer awer och d'Vue op d'Héichuewen net verbarrikadéieren, verbauen. An op déi Aart a Weis hei, wéi de PAP ausgeschafft gin ass, hu mer awer fräi Vue op d'Héichuewen déi mat engem relativ groussen Opwand erneiert ginn an déi och eng ganz grouss Wichtigkeet fir de Belval hunn, eben doduerch dass se op d'industriell Vergaangenheet an och zugläich op d'wessenschaftlech Zukunft hiweisen, mengen ech ass et ganz wichtig, dass déi Vue garantéiert gëtt.

Voilà, an deem Sënn entsprécht dëse PAP, géif ech soen, 100%teg engem moderne Konzept vum Belval esou wéi mir eis dat virstellen. Merci.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Weidig. Den Här Baum hat d'Wuert nach gefrot.

Marc Baum (DÉI LÉNK): Madame Buergermeeschter, wéi mer virun e puer Wochen en technesche Gemengerot um Site selwer zu Belval haten, si mer och laanscht d'Rockhal gaangen a wéi ech do mat verschiddenen anere Gemengeréit

heibanne geschwat hunn a gesot hunn: „Ah ma stell der elo mol vir, hei hues de nach e Gebai virun den Héichiewe wat eng Maximal Héicht vu 16 Meter kéint hunn“, wou och déi Gemengeréit gemengt hunn: „Ah tiens, wou soll dat dann hikommen?“ Just virun d'Héichiewen?

Ech mengen deen dote PAP ass problematesch, zumindest den Deel wat A9 ugeet, notamment wat d'Densitéit ugeet, d'Densitéit vum Bauen op där doter Plaz. An ech mengen, ech sinn net där Mee- nung wéi den Här Weidig, ech mengen, datt d'Vue op d'Héichiewe wierklech beanträchtegt gëtt, notamment vun där Plaz aus virun der Rockhal wou sech Leit wäerten ophalen, wou eng wichteg Plaz, eng zentral Plaz och wäert sinn, wou vill Passage ass.

An ech mengen, datt domatter d'Héich- iewen, och wa se renovéiert sinn, am Fong just op en Zitat reduzéiert sinn an net op e Monument dans la cité wéi dat am Fong misst sinn. Duerfir kann ech deen dote PAP net votéieren

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

Merci, Här Baum. Dann äntwert dorop den Här Bauteschaffen.

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):

Jo, eigentlech ass dat meescht gesot. Ech mengen et ass virun allem och déi Remarque vum Här Weidig, dass dee Masterplang, dee Plan directeur iwwer 10 Joer huet an dass en evolutiivt Instru- ment soll sinn. E Masterplang ass jo ëmmer nëmmen eng Guideline. Et ass eng Guideline op déi ee sech festleet wéi en Areal soll entwéckelt ginn a virun allem en Areal mat där Komplexitéit wéi Belval hat, mat all deenen offene Froen déi dee Moment net gekläert gi ware wéi de Masterplang definéiert ginn ass, ass et evident, dass deen elo weider sech ent- wéckelt huet an hei ass eng kloer geomes- tresch Delimitatioun vun engem Areal deen ëmmer dat war. Deen ëmmer dat war an deen awer och domat sécher stellt, dass net déi Baukierper déi do sinn, dass déi d'Vue op d'Héichiewe verspären. 16 Meter maach héich schéngen, mä 16 Meter par rapport zu engem 75 Meter héijen Héichuewen a wou déi ënnescht, déi éischt Strukturen déi een iwwerhaapt gesäit, op 20 – 25 Meter leien. Also ech mengen dat ass vun dohier sécher deen ideale Kompromëss tëschent der archi- tektonescher Ëmfaassung vun der Plaz, an Definitiouen vun der Plaz an der fräier Siicht op den Héichuewen deen awer en Industriedenkmal ass. An an deem Sënn ass hei sécher eng gutt Léisung fonnt ginn.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

Au vote.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. John Snel – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve par 15 voix oui et 1 voix non définitivement le plan d'aménagement particulier «01/04 Terrasses des Hauts-Fourneaux».

Ont voté oui Madame le bourgmestre Mutsch, les échevins Braz, Hinterscheid, Spautz et Tonnar ainsi que les conseillers Codello, Hannen, Hildgen, Huss, Jaerling, Roller, Snel, Weidig, Wohlfarth et Zwally. Le conseiller Baum a voté non.

6. Compte administratif 2009:

a) compte administratif; décision

b) compte de gestion; décision

c) tableaux annexés; décision

d) rapport de vérification du compte administratif; décision

e) subsides extraordinaires; décision

f) titres de recette; décision

Sou, da kéime mer elo zum Punkt 6 deen ech e bësse verfréit ugekënnegt hat. Dat sinn d'Comptes administratifs vun 2009. A well jo esou richtig gesot gëtt, dass d'Wouerecht an de Konte läit, wollte mer lech nach e klengen Iwwerbléck ginn iwwer déi Kontesituatioun 2009 wéi se sech duerstellt. An de Konte vum Joer 2009 stinn am Budget ordinaire Recettë vun 122 Milliounen. Wann Dir d'accord domatter sidd, da géing ech ofgerënnte Montanten nennen, well soss mengen ech féiert dat ze wäit. Also an de Konte vum Joer 2009 stinn am uerdentleche Budget Recettë vun 122 Milliounen géigeniwwer vun Dépensë vun 106 Milliounen. Dat war also en Iwwerschoss vu 16 Milliounen. Wa mer elo den Iwwerschoss vum Joer 2008 dobäi huelen, dann hu mer e Gesamtiwwerschoss vun 29 Milliounen.

Am Budget rectificié vum nämlechte Joer hate mer Recettë vun 123 Milliounen an Dépensë vun 110 Milliounen virgesinn. Also nëmme mat engem Iwwerschoss vun 13 Milliounen gerechent. Doraus ergëtt sech fir d'Kontejouer 2009 eng Ver-

besserung vum uerdentleche Resultat vun 19,6%. 19,6%. Dat heescht, trotz dem schwieerege wirtschaftlechen Ëmfeld an deem mer eis beweegt hunn an och eng Mindereinnahme vun 2,6 Milliounen, also fir d'regruppéiert Gewerbesteier an d'Dotatioun géigeniwwer vum Joer vir- drun, hate mer trotzdem e ganz zollitt Resultat am Budget ordinaire ze ver- zeechnen, wat beweist dass eis Gemeng et fäerdeg bréngt fir hir uerdentlech Dépensen am Grëff ze halen.

Elo dann och den Iwwerbléck vun dem ausseruerdentleche Budget, och fir d'Joer 2009. Mir hate do Dépensen an Héicht vun 30 Milliounen, wat bedeit, dass mer och am Joer 2009 e ganz héicht Investi- tionsvolumen hate an mer konnten dat nach steigere vis-à-vis vum Virjoer ëm 35%.

Also mat deenen 30,4 Milliounen déi mer ausginn hunn 2009 leie mer ëm 35% vis- à-vis vum Vergläichsjoer 2008, ouni, dat wëll ech betounen, ouni dass mer op en neien Emprunt hu missten zeréckgräifen, obwuel mer en am initiale Budget virge- sinn hate fir de Budget iwwerhaapt an den Equilibre ze kréien. Deem géigen- iwwer stinn ausseruerdentlech Recettë vu 5,9 Milliounen.

Et bleibt also e Mali am Extraordinär vu 24,4 Milliounen. Wa mer elo de Boni huelen dee mer am Ordinär hate, da bleibt nach ëmmer en definitiven Iwwer- schoss vu 5 Milliounen. Mir mengen dat wier e ganz zollitt Resultat mat deem mer net onbedéngt am Laf vum Joer gerechent hate. Mir sinn also frou doriwwer an d'Konten vum Joer 2009 wei- sen deemno eng ganz stabil Finanzsitua- tioun op, bei gläichzäitig engem ganz héije Volume d'investitioun.

Mir wäerten, an dat kënnen mer nëmme widerhuelen, wäerten och weiderhi pro- béieren eisen uerdentleche Budget esou ze gestalten, dass mer genuch Spillraum behale fir weiderhin an d'Zukunft vun eiser Stad ze investéieren. Ech géing lech da bieden desene administrative Konten Är Zoustëmmung ze ginn.

Au vote.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. John Snel – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve par 8 voix oui contre 6 voix non le compte administratif pour l'exercice 2009.

Ont voté oui Madame le bourgmestre Mutsch, les échevins Spautz et Tonnar ainsi que les conseillers Codello, Huss, Snel, Weidig et Wohlfarth. Ont voté non les conseillers Baum, Hannen, Hildgen, Jaerling, Roller et Zwally.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. John Snel – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité le compte de gestion l'exercice 2009, les tableaux annexés au compte de l'exercice 2009, la réponse du collège des bourgmestre et échevins au rapport de vérification du compte administratif de l'exercice 2009 et les titres de recette concernant les articles 2/0112/7043/001, 2/0740/7020/001, 2/0740/7070/004, 2/0814/7020/001, 2/0815/7020/001, 2/0815/7021/002, 2/1213/7020/001 et 2/1390/7020/001.

7. Convention concernant le service pour jeunes pour l'année 2011; décision

Mir géingen da virufuere mam Punkt 7, dat ass eng Konventioun am Zesammenhang mam Service pour jeunes fir d'Joer 2011 an ech géing an deem Zesammenhang eiser Jugendschäffin d'Wuert ginn.

Schäffin Vera Spautz (LSAP): Merci. Et ass déi alljährlech Konventioun zwëschen der Gemeng an dem Ministère de la Famille fir d'Jugendhaus. Wann Dir kuckt, ass déi de 17. Dezember d'lescht Joer vun dem Ministère formuléiert ginn. Si ass awer bei eis elo réischt ukomm. Et muss haut gestëmmt gi fir datt d'Jugendhaus ka Geld kréien. Vun der Escher Gemeng hu se et schonn. Et gött em 207.790 Euro déi vun dem Ministère zu gläichen Deeler och, ... also op där enger Säit mir an dem Ministère un d'Jugendhaus iwwerweisen. Ech bieden lech deem zouzestëmme, datt se kënnen d'Peie bezuelen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Au vote.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette

Hildgen – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. John Snel – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité la convention du 17 décembre 2010 concernant les services pour jeunes pour l'année 2011.

10. Subsidies ordinaires; décision

Ech géing lech da proposéieren de Punkt 10 virzezéien, en attendant dass eise Sport- a Personalschäffen erëm heibanen ass. Dat ass de Punkt vun de Subsidies ordinaires déi Dir an enger Lëscht virleien hutt. Dat ass déi regulär Opstellung wéi mir se vun de Kommissiounen kréien. Et geet an dësem Fall iwwer d'Commission des Espaces verts, Commission des Affaires culturelles, Commission du Conservatoire, em eis Sportskommissioun, eis Schoulkommissioun, d'Finanzkommissioun an that's it. Au vote.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. John Snel – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité les subsidies ordinaires pour l'exercice 2011.

8. Convention dans le cadre des activités sportives („Sportförderprogramm“) faisant partie du „Pacte d'Intégration“ de la Ville d'Esch-sur-Alzette; décision

Sou, da kéime mer elo zum Punkt 8, dat ass eis Konventioun am Kader vum Sportförderprogramm déi Partie intégrant vum eisem Pacte d'Intégration ass an do geet dann d'Wuert elo un eise Sportschäffen.

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): Merci. Wéi schonn e groussen Deel Konventiounen déi scho gestëmmt si ginn hei am Kader vum Sportförderprogramm, hu mer haut den Avantage eng Konventioun ze stëmme mat enger Monitrice oder mat enger Trainerin déi aktiv ass am Beräich vum Kapitel vun der Intégréioun am Sportförderprogramm a wou mer och

am Pacte d'Intégration dee Volet ofgedeckt hunn an dat ass d'Konventioun mat der Madame Martins Varela Maria déi d'Origine capverdienne ass, déi Liichtathletiktrainerin ass an déi notament am Beräich vun der Intégréioun tätég ass an do ganz besonnesch am Beräich vu Sport fir Fraen aus Kulturkreeser wou et net allgemeng üblech ass, dass Frae sech sportlech betätigen. Sief dat um Niveau vun eiser kapverdianescher Populatioun, sief dat awer och um Niveau vun eiser afrikanescher Populatioun, maghrebinesch Populatioun. An ech mengen et ass dofir eng sënnavoll Konventioun déi Dir hei elo gläich hoffentlech stëmme wäert, well se e weidert Kapitel an eisem Sportförderprogramm an an eiser Intégréiounspolitik sécher stellt.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Den Här Zwally.

André Zwally (CSV): Merci, Madame Buergermeeschter. Wat deen Deel vun de Konventiounen ubelaangt hate mer och d'Diskussioun an der Finanzkommissioun. Mir waren och do der Meenung, dass et och wichteg fir eis wär, dass am Kader vun deem heiten, wat dës Konventiounen ubelaangt jo och finanztechnesch jo en Impakt op de Budget hunn, respektiv och dat wat d'Dépensé si vum Gemengerot, wier eis Fuerderung oder eis Fro och déi vun der CSV, ob een net eemol am Joer kéint esou en Tableau de bord kréie mat all deene Konventiounen déi an deem dote Beräich bestinn, esou dass mer dann och den Iwwerbléck behalen, wee wat kritt. Ech mengen dat ass och esou als Avis erakomm gewiescht an dofir eis Fro um Niveau vun der CSV fir da kënnen en Tableau de bord ze kréien an deen och hei fir sämtlech Leit am Gemengerot zougänglech ze maachen. Merci.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Zwally. Soss keng Wuertmeldungen do? Dann äntwert kuerz de Ressortschäffen.

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): Jo, Här Zwally, dat ass sécher legitim wat Dir do frot. Mir hunn d'lescht Joer oder d'virlescht Joer wou mer fir d'éischt de Sportförderprogramm am Budget ausgewisen haten, hu mer e fir dese Budget dëst Joer schonn differenziéiert an enzel Ënnerpositiounen wou déi Moniteuren an déi Käschte fir Moniteuren an Encadranten am Budget festgehale sinn, an dat hei gött alles op dee Budgetsposte verbucht, also am Budget ordinaire fir am Kontext Sportförderprogramm, fir d'Moniteuren an d'Encadrante gemaach sinn.

A wann et elo gewënscht ass, dass een do eng Kéier en Detail virleed oder en Zwëschestand virleed, mä au plus tard mam Budget rectificié hu mer e virleien an eis Servicer passen och op, dass mer do am Budget bleiwen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

Au vote.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. John Snel – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité la convention précitée signée entre la Ville d'Esch-sur-Alzette et la dame Varela Maria Martins, animatrice sportive interculturelle.

9. Questions de personnel (création et suppression de poste; réduction et prolongation de stage); décision

Mir kéimen dann zu de Personalfroen déi mer an der öffentlecher Sëtzung virgesinn hunn, Punkt 9.

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): Jo, do si mer relativ zügeg haut derduerch. Mer hunn zwou nei Fixatioune fir d'Schouljoer 2011/2012 fir Personal salarié wat, dat ass am Conservatoire. Do hu mer d'Madame Liang Hao Xing déi 13 Stonnen am plaz vu 5 Stonne kritt an d'Madam Nagy Tihamer Karolyne déi 0 Stonnen am plaz vun 8 Stonne kritt, well d'Madame Nagy hu mer am Huis clos demissionéiert well se hir Alterspensioun ugefrot huet an och kritt huet.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. John Snel – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le Conseil Communal procède par vote secret et approuve à l'unanimité les questions de personnel.

Wéi ass d'Resultat, dann huele mer dat nach mat. 15X Jo an ech wollt nach eng

Kéier soen, dass Dir Är Ziedelcher nëmmen eemol braucht ze falen. Et ass erëm esou wäit.

11. Subsidés extraordinaires; décision

Sou, de Punkt 10 hate mer scho geholl. Mir kéimen dann zum Punkt 11, d'Subsidés extraordinaires. Och hei sinn déi net bei eis gebuer, mä ginn eis vun eiser spezialisierter Kommissioun zougestallt, op déi mer eis ëmmer kënne verlosse bei deene Propositionen déi gemaach ginn an ech géing lech bieden dese Propositionen wéi se an Ärem Dossier virgesi sinn, Är Zoustëmmung ze ginn. Den Här Huss.

Jean Huss (DÉI GRÉNG): Just par rapport zu deem Dossier vu Subsidés extraordinaires wann een deen esou hei kuckt, da gesäit een datt hei 4 Posten, datt do steet „en suspens“, Madame Buergermeeschter. Do steet „en suspens“, kënnt Dir eis kuerz erkläre wéi dat dann do, wann dat en suspens ass, wéi dat dann do soll virgoen, dat heescht kréien déi am Moment näischt oder gëtt déi Demande nach analyséiert ier se eppes kréien oder wéi gesäit dat aus?

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Also de Schäfferot presidéiert jo net d'Subsidekommissioun. Ech weess awer well de Schäfferot a Kontakt ass mat der Subsidekommissioun, dass wann eppes en suspens ass, dass dann nach zousätzlech Dokumenter ugefrot ginn. Ganz oft ass et bei gréisseren Evenementer, dass mer oder dass d'Kommissioun e Budget ufreet fir ze wësse wéi eng Dépenses a Recettë fir den Evenement projezéiert sinn, esou dass mir da mat zousätzlechen Informatiounen kënne kucke wéi d'Kontributioun vum Schäfferot ka sinn. Dat heescht déi déi elo en suspens sinn, kommen dann an enger vun den nächste Sëtzungen an de Gemengerot well d'Donnéen nach net all virleien. Wuertmeldunge waren ofgeschloss. Wann et awer eng wichteg Fro ass, Madame Hildgen, kënnt Dir se awer roueg nach stellen.

Annette Hildgen (CSV): (micro éteint) ... remplacement de la chaudière, kënnt mer do eng Explikatioun kréien?

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Jo, gären, mä net haut, well de Schäfferot da muss Récksproch huele mat der Kommissioun wat zu där Begrënnung gefouert huet. Gären.

(Interruption)

Also, ech mengen et ass eng regroupéiert Proposition a wa spezifesch Saache sinn, ...

(Interruption par M. Codello)

Jo, mä eigentlech ass elo d'Diskussioun ofgeschloss. Exceptionnellement, Jo.

Daniel Codello (LSAP): Merci. Also als Member vun där Kommissioun, mat deem wat den Här Huss do seet, en suspens, do gesitt Dir, dat do war eng Ufro scho fir 2012 an et ass wéi d'Madame Buergermeeschter richtegerweis gesot huet, do ginn och mol Bilane gefrot vun deene grouse Manifestatioune fir ze kucke wéi héich dann de Subside extraordinaire soll ausfalen.

Wat déi Chaudière ugeet, mir hate schonn där Demanden, also dat si jo awer scho bal Saachen déi iwwer Fonctionnementskäschte musse geregelt ginn an net iwwert e Subside extraordinaire. An duerfir hu mer do en Avis négatif als Kommissioun ginn dem Schäfferot fir do ze kucken ob dat net kann iwwert de Budget ordinaire goen.

Et geet awer elo net esou, dass Chaudiären iwwert e Subside extraordinaire kënnen ugefrot ginn a bezuelt ginn. Da muss een awer e Subside extraordinaire an där Logik hale wat et awer ass fir eng Manifestatioun an net fir ob eemol fir d'Reamenagement vu Gebailechkeeten oder d'Astandsetzung vun technesche Mëttelen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Gutt, ech mengen dat wier awer wierkelech eng flott Informatioun gewiescht déi mer gäre mat op de Wee huelen. Mir kéimen dann zur Ofstëmmung.

Jeannot Clement (Secrétaire): Och nach d'Permanence vum Theater.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Pardon, déi hat ech vergiess ze soen, Merci, Här Sekretär.

Conseillers présents:

M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. John Snel – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité les subsidés extraordinaires suivants:

12. Règlements de la circulation routière

Nom de l'association	Concerne	Montant
Amicale du Centre pour Personnes Âgées CIPA «Op der Leier»	Participation aux frais d'organisation du «Summerfest»	€ 250,00
Service Krank Kanner Doheem	Don	€ 250,00
Independant Litte Lies asbl	Subside pour spectacle de théâtre «My name is Rachel Corrie»	€ 1.000,00
Handicap International	Subside pour exposition FATAL FOOTPRINT à Esch/Alzette	€ 2.000,00 (à payer seulement après l'accord définitif du CBE concernant l'autorisation de cette manifestation)
Avr – Ass. nationale des Victimes de la Route	Subside pour 2011	€ 125,00
Secouristes de la Ville	Permanences effectuées au théâtre municipal pendant l'exercice 2010	€ 7.088,20

12. Règlements de la circulation routière; confirmation et décision

Sou, da bleiwen eis just nach d'Verkéiersreglementer, Här Verkéiersschaffen.

Schäffe Félix Braz (DÉI GRÉNG): Et sinn nëmmen temporär Reglementer. Ech géing lech bieden déi ze validéieren.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Au vote.

Conseillers présents:

M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. John Snel – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally
Le Conseil Communal approuve à l'unanimité les règlements de la circulation.

Sou, da wiere mer um Schluss vun eiser Sëtzung ukomm. Ech mengen dat ass absolut spektakulär dass mer um 10 Auer fäerdeg sinn, mä dofir hunn ech awer d'Freed lech matzedeele, dass mer eis schonn an enger Woch erëmgesinn.

Résumé en français de la séance du Conseil communal du 1^{er} juillet 2011 (Pour le détail des votes, veuillez consulter le texte luxembourgeois)

2. Information au public des décisions de personnel.

A) Résiliation d'un contrat de travail

Résiliation, sur sa demande et avec effet au 1^{er} septembre 2011, du contrat d'engagement conclu pour une durée indéterminée avec Madame Gisèle Nagy, chargée de cours au conservatoire de musique.

B) Nominations définitives

Carrière de l'agent municipal

1) Nomination définitive de Monsieur Yves Müller, aux fonctions d'agent municipal, avec effet au 1^{er} juillet 2011.

2) Nomination définitive de Madame Mandy Klein, aux fonctions d'agent municipal, avec effet au 1^{er} août 2011.

C) Questions de personnel salarié

1) Engagement à durée indéterminée avec effet au 1^{er} septembre 2011 d'une chargée de cours du conservatoire de musique.

Il s'agit en l'occurrence d'une chargée de cours occupée auprès de la Ville moyennant un contrat de travail conclu à durée déterminée qui excède une période de 24 mois et qui a été renouvelé plus de deux fois.

La rémunération des chargés de cours concernés est fixée en application du règlement grand-ducal du 25 septembre 1998 fixant les conditions de formation, d'admission aux emplois et de rémunération des chargés de cours des établissements d'enseignement musical du secteur communal.

La chargée de cours concernée est:

Kraus Annie;

Entrée en service auprès de la Ville:

01.09.2009;

Nombre d'heures de cours

hebdomadaires: 22 heures

(+5 heures par rapport à 2009/2010);

Degré d'occupation: 22/22;

Rémunération sur la base du grade:

E 3ter.

L'intéressée est engagée sous le régime du salarié.

2) Renouvellement de l'engagement d'un chargé de cours du conservatoire de musique pour l'année scolaire 2011/2012.

Il s'agit en l'occurrence d'un chargé de cours occupé auprès de la Ville moyennant un contrat de travail conclu à durée déterminée qui n'excède pas une période de 24 mois et qui n'est pas renouvelé plus de deux fois.

La rémunération des chargés de cours concernés est fixée en application du règlement grand-ducal du 25 septembre 1998 fixant les conditions de formation, d'admission aux emplois et de rémunération des chargés de cours des établissements d'enseignement musical du secteur communal.

Le chargé de cours concerné est:

Dyulgeryan Aram;

Entrée en service auprès de la Ville:

01.09.2010;

Nombre d'heures de cours

hebdomadaires: 6 heures;

Degré d'occupation: 6/22;

Rémunération sur la base du grade:

E 3ter.

L'intéressé est engagé sous le régime du salarié.

3. Correspondance

Il n'y a rien sous ce point.

4. Carte culture jeunes: concept; décision

Jean Tonnar (LSAP) présente la nouvelle carte culture jeunes qui s'adresse aux jeunes gens entre 12 et 30 ans. Elle ne s'adresse pas exclusivement aux Eschois et elle est valable pour 1 an. On peut se la procurer au prix de 5 € au Service Culture, au Service Jeunesse, au Point Info Jeunes et auprès de toutes les institutions culturelles de la ville. Cette carte donne droit à une réduction de 50% sur les tarifs jeunes au Théâtre et au Conservatoire et de 6 € pour les billets à la Kulturfabrik. Selon toute vraisemblance, les prêts à la bibliothèque seront gratuits. Les tickets pour le Cinéclub les mercredis à 20h30 au cinéma Caramba seront probablement réduits à 3 €.

En ce qui concerne la Rockhal, les pourparlers ne sont pas encore terminés. M. Tonnar se réjouit en outre du fait que depuis janvier 2011 il y a eu 22.841 entrées au Théâtre Municipal.

Jean Huss (DÉI GRÉNG) rappelle que lors de la séance précédente on avait introduit le «Kulturpass» pour les gens défavorisés. Maintenant on introduit cette carte pour amener les jeunes à s'intéresser

d'avantage à la culture. Ce sont deux pas importants pour amener une plus grande partie de la population à participer à la politique culturelle.

Annette Hildgen (CSV) pense qu'on devrait visiter plus souvent le théâtre ou un concert avec les élèves du primaire pour éliminer ainsi l'appréhension que les enfants peuvent avoir à entrer dans une telle infrastructure.

Elle aimerait savoir la différence entre «théâtre» et «théâtre tout public».

Marc Baum (Déi Lénk) est d'avis que le prix des billets n'est pas le seul facteur qui empêche les jeunes à participer à la vie culturelle mais c'est un des facteurs que la Commune peut influencer. Il se réjouit donc de cette initiative.

Il pense cependant que la réponse de la Rockhal à l'offre de collaboration de la Commune, à savoir que le prix des billets ne jouerait qu'un rôle subordonné quant à la décision du jeune public d'acquiescer un de leurs billets, est témoin d'un cynisme profond. Il est d'avis que la Rockhal fait ainsi un tri de ses spectateurs potentiels et il regrette qu'elle prend à nouveau ses distances par rapport aux institutions culturelles d'Esch.

Daniel Codello (LSAP) se réjouit de cette initiative.

Il propose à nos institutions culturelles d'introduire une éducation à la culture dès le plus jeune âge à l'instar de la Philharmonie qui propose un programme pour enfants à partir de 4 ans.

Aly Jaerling (Indépendant) reprend les propos de M. Baum. Il ne serait pas acceptable d'établir une barrière financière pour la participation au sport ou à la culture. Il pense qu'une telle initiative comme la carte culture jeunes devrait être introduite au plan national. M. Jaerling est d'avis qu'il serait dans son propre intérêt si la Rockhal rejoindrait cette initiative.

Jean Tonnar (LSAP) se réjouit de l'unanimité pour ce projet. Il regrette cependant que la Commune n'ait pas les mêmes moyens de faire de la publicité pour cette initiative que certaines institutions culturelles subventionnées par l'Etat.

M. Tonnar explique à Mme Hildgen que les enfants des écoles primaires vont plusieurs fois par année au théâtre.

Il se réjouit en outre de la collaboration

des directeurs des lycées concernant la programmation du théâtre pour y présenter des pièces qui sont au programme des lycées.

(Vote)

5. PAP 01/04 Terrasse des hauts-fourneaux: 2^e vote; décision

Henri Hinterscheid (LSAP) explique qu'après le 1^{er} vote il y a eu deux réclamations, une du Mouvement écologique et une de la SA Belval Square.

Les réclamations du Mouvement écologique concernaient la sauvegarde d'infrastructures du patrimoine industriel et la demande de scinder le bloc A9 en deux pour sauvegarder ainsi la vue sur les hauts-fourneaux. La SA Belval Square demandait d'incorporer la place devant l'hôtel dans le PAP. Ceci n'est pas possible parce que la place est couverte par le PAP 01/02 et on a donc proposé au réclamant d'introduire une demande pour la modification du PAP 01/02. M. Hinterscheid propose d'accepter le PAP 01/04 avec la modification de la partie graphique concernant le bloc A9 puisque la division de ce bloc a déjà été acceptée lors du 1^{er} vote. Il ne s'agissait que d'une incohérence entre partie écrite et partie graphique.

André Zwally (CSV) accepte les explications de M. Hinterscheid et votera en faveur de ce point.

Paul Weidig (LSAP) relève les trois points essentiels du nouveau PAP: la perméabilité des structures urbaines, une meilleure façon d'entourer la place devant la Rockhal et une bonne vue sur les hauts-fourneaux.

Ce PAP représente ainsi à 100% le concept moderne de Belval.

Marc Baum (Déi Lénk) est d'avis que la densité des structures autour de la place devant la Rockhal va entraver la vue sur les hauts-fourneaux et ne votera donc pas en faveur de ce point.

Henri Hinterscheid (LSAP) pense qu'un plan directeur comme celui de Belval qui est vieux de dix ans doit pouvoir se développer au fil des années. Il pense que des immeubles d'une hauteur maximale de 16 m et qui se trouvent au moins à 20-25 m de la place ne vont pas entraver la vue sur les hauts-fourneaux qui eux ont une hauteur de 75 m. Ceci constitue donc un bon compromis entre la nouvelle définition de la place et la demande d'une vue dégagée sur les hauts-fourneaux.
(Vote)

6. Compte administratif 2009:

- a) compte administratif; décision
- b) compte de gestion; décision
- c) tableaux annexés; décision
- d) rapport de vérification du compte administratif; décision
- e) subsides extraordinaires; décision
- f) titres de recette; décision

Lydia Mutsch (LSAP) donne un aperçu de la situation des comptes de 2009. Au budget ordinaire il y a eu des recettes de 122 mio € et des dépenses de 106 mio €. Il y a donc un bonus de 16 mio €. Avec le bonus de 2008 ceci donne un total de 29 mio €. Le budget rectifié prévoyait des recettes de 123 mio € et des dépenses de 1110 mio €, donc un bonus de seulement 13 mio €. Nous avons donc une amélioration du résultat ordinaire de 19,6%.

Au budget extraordinaire il y a eu des dépenses de 30 mio € ce qui démontre que le volume d'investissement était à nouveau très élevé. En fait, il y a eu une augmentation de 35% par rapport à 2008 et ceci sans devoir tirer d'emprunt. Il y a eu des recettes de 5,9 mio € et donc un malus de 24,4 mio €. Si on retire ce malus du bonus de l'ordinaire nous avons un bonus définitif de 5 mio €.
(Votes)

7. Convention concernant le service pour jeunes pour l'année 2011; décision

Vera Spatz (LSAP) présente la convention annuelle avec le Ministère de la Famille pour la Maison des Jeunes.
(Vote)

10. Subsides ordinaires; décision

Lydia Mutsch (LSAP) présente la liste des subsides ordinaires.
(Vote)

8. Convention dans le cadre des activités sportives («Sportförderprogramm») faisant partie du «Pacte d'Intégration» de la Ville d'Esch-sur-Alzette; décision

Henri Hinterscheid (LSAP) présente une convention avec Mme Varela Maria Martins, entraîneur d'athlétisme d'origine capverdienne, qui s'occupe surtout de l'intégration par le sport de femmes pro-

venant de cultures où il n'est pas usuel pour les femmes de pratiquer certains sports.

André Zwally (CSV) demande s'il ne serait pas possible de recevoir une liste de toutes ces conventions pour se faire une image du chiffre totale des rémunérations qui dépendent de ces conventions.

Henri Hinterscheid (LSAP) explique qu'un tel répertoire sera présenté au plus tard lors de la présentation du budget rectifié.

(Vote)

9. Questions de personnel (création et suppression de poste; réduction et prolongation de stage); décision

Henri Hinterscheid (LSAP) présente deux nouvelles fixations du nombre de cours hebdomadaires de chargés de cours du Conservatoire.

(Vote)

11. Subsides extraordinaires; décision

Lydia Mutsch (LSAP) propose d'accepter la liste des subsides extraordinaires.

Jean Huss (Déi GRÉNG) aimerait savoir ce que la remarque «en suspens» veut dire.

Lydia Mutsch (LSAP) explique qu'il s'agit de cas où la commission des subsides a demandé de plus amples renseignements.

A micro éteint, **Annette Hildgen (CSV)** pose une question concernant une chaudière.

Daniel Codello (LSAP) explique qu'un remplacement de chaudière doit être réglé par le biais des coûts de fonctionnement et non par un subside extraordinaire.
(Vote)

12. Règlements de la circulation routière; confirmation et décision

Félix Braz (Déi GRÉNG) présente les règlements de la circulation.
(Vote)

Conseillers présents:


M. Marc Baum – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – M. Pierre-Marc Knaff – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Conseillers absents:

Mme Jeanne Becker – M. Frunnes Maroldt – M. John Snel

Ordre du jour

	Page
Réunion à huis clos	
1. Questions de personnel (présentations de candidats, nominations aux emplois, promotions, démissions); décision	
Réunion publique	
2. Information au public des décisions de personnel	16
3. Correspondance	16
4. Présentation de l'enseignement fondamental à Esch-sur-Alzette	17
a) informations	
b) vote de l'organisation scolaire „Scolaria“ (version provisoire); décision	
5. Ecole du Brill: Projet global pour la réfection du nouveau bâtiment école dit „Neie Brill“ et travaux de gros-oeuvre pour la centrale de cogénération Brill, (projet définitif, 2 ^e vote); décision	22
6. Présentation de la situation des logements sur le territoire de la Ville (logements communaux et sociaux); informations	23
7. Règlement-taxé pour la Maison Relais de l'Ecole à journée continue; décision	35
8. Conclusions du Jury sur la nouvelle dénomination de la Place dite „Agora“; décision	36
9. Dénomination d'une place pour la nouvelle école Nonnewisen; décision	38
10. Organisation du service M-Pass destiné aux salariés des administrations communales de la Région Sud pour l'année 2012; décision	38
11. Convention avec la Kulturfabrik asbl dans le cadre de la „Carte culture jeunes“; décision	39
12. Questions de personnel (création et suppression de poste, réduction et prolongation de stage); décision	39
13. Avenant à la convention du 17 avril 2008 concernant l'organisation de l'Ecole des Parents Janusz Korczak; décision	39
14. Décomptes des services industriels de l'exercice 2010; décision	40
15. Etat des restants à recouvrer de l'exercice 2010; décision	40
16. Relevé et rôle supplétif de l'impôt foncier pour l'exercice 2010; décision	40
17. Modification budgétaire; décision	40
18. Transactions immobilières; décision	40
19. Commissions consultatives; modifications; décision	41
20. Contrats de bail; décision	41
21. Règlements de la circulation routière; confirmation et décision	41



**Sëtzung vum Escher Gemengerot
Freideg, den 8. Juli 2011**

2. Information au public des décisions de personnel

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

Mir hunn haut mengen ech e gérable Programm, well mer jo och wëllen zesummen eist Ofschlossiesse maachen an och am Nomëtten nach eppes wëlles hunn. Ech géing dofir direkt wëlle mam Punkt 3 weiderfueren, well d'Informatiounen a Punkt 2 gi jo der Press zougestallt wéi dat bei eis Usus ass fir dass de Public Kenntnis doriwwer kann hunn.

A) Démission.

1) *Démission honorable à accorder, sur sa demande et avec effet au 1^{er} septembre 2011, à Monsieur Cliff Assel, rédacteur au théâtre municipal.*

B) Nomination du Directeur du Conservatoire de Musique.

Occupation du poste de directeur du conservatoire de musique.

Seul candidat: Monsieur Marc Treinen, professeur de musique au conservatoire d'Esch-sur-Alzette.

C) Promotion.

Carrière du rédacteur

Promotion avec effet au 1^{er} octobre 2011 de Monsieur Marc Meysembourg, affecté au département des services industriels, aux fonctions d'inspecteur (grade 11).

D) Question de personnel engagé sous le régime de l'employé communal.

Engagement à plein temps et avec effet au 1^{er} août 2011 de Madame Lola De Oliveira Rodrigues, comme employée communale auprès du service de la sécurité sociale. L'intéressée sera engagée moyennant un contrat à durée indéterminée.

3. Correspondance

Ënner Korrespondenz hu mer haut zwee Punkte pour information. Deen éischten ass e Courier dee mer kritt hu vum Ministère des Sports deen eis Gewëssheet gëtt, dass mer begleet gi beim Projet vun engem nationale Beachvolleyball-Zenter. Eise Sportsschäfte mat eise Servicer huet en entsprechenden Dossier virbereet „pour information“ à ce stade an ech géing him dann och kuerz wëllen d'Wuert dozou ginn.

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):

Merci, Madame Buergermeeschter. Dir hutt den Dossier virleien esou wéi de Ministère des Sports e presentéiert kritt huet wat den nationale Beachvolleyball-Zenter ugeet. Fir ze rappeléieren, mir hunn eng Zouso vum Ministère kritt vir-

un annerhallwem Joer, dass deen nationale Beachvolleyball-Zenter soll hei op Esch kommen an dass en och soll vum Stat subventionéiert gi bis 75%. Dofir hu mer net geschlof an haten och am leschte Budget schonn d'Frais d'études ageschriwwen an déi Frais d'études hunn dozou gefouert, dass mer e Projet deen op engem Niveau APS ass elo fäerdeg ausgeschafft hunn an de Ministère presentéiert hunn. De Projet beinhalt niewent dem nationale Beachvolleyball-Zentrum och e mutualiséierbare Block vu Vestiairen a vun allgemengen technesche Raim, deen téschent dem Trainingszenter an der Hiehl, wou d'Jeunesse drop trainéiert, an deem Terrain deen nördlech dovu läit, deen eis och nach gehéiert, wou fréier de Brecher drop stoung, do soll de Beachvolleyball-Zenter installéiert ginn. An dertéischent gëtt dann de Block vu Vestiaire gebaut, well déi Vestiairen déi de Moment an der Hiehl sinn, an engem ganz, ganz schlechten Zoustand sinn. Dat sollt en Interim sinn an deen Interim dauert awer och elo méttlerweil bal 10 Joer.

De Ministère des Sports war mat där Idee mat d'accord, well dat erlaabt ganz vill Flexibilitéit doran ze kréien, well et kaum wäert sinn, dass grouss Eventer zäitgläich sinn, well de Beachvolleyball éischter stattfénnt zu enger Zäit wou d'Fussballs-championnate fäerdeg sinn, déi grouss international an national Eventer. An dofir, wa grouss Eventer vu Beachvolleyball sinn, kann de ganze Vestiaires- a Sanitärblock genotzt ginn dofir, an emgedréint och.

Et huet sech och kuerzfristeg nach eng weider Opportunitéit erginn. Et ass scho ganz laang, dass de Cercle Escrime Sud, de Fechtclub sicht fir en Ënnerdaach ze fannen an de Fechtclub brauch eigentlech net vill ausser eng grouss, laang, schmuel, eidel Hal. An dat huet sech vun der Konfiguratioun prêtéiert an och de Ministère des Sports war scho méi laang hannert eis fir hëllefen eng Léisung ze sichen. A wéi dee Projet developéiert ginn ass, do huet et sech erausgestallt, dass eigentlech de Grondrëss vun deem Projet, wann een e Stack géing dropsetzen, wat ganz wéineg Käschte bedeit, de Grondrëss vun deem Projet ideal wär fir e Fechtzentrum. An dunn hu mer dem Ministère dat och proposéiert an och domat war de Ministère mat d'accord.

Aus wat besteet dat Ganzt elo? Well jo den initiale Projet, den nationale Beachvolleyball-Zenter war, ass et esou, dass et een, zwee Beachvolleyballsterrainen 'in house' sinn, also dräi Beachvolleyballsterraine bannen am gedeckte Raum sinn. Déi kënnen zu normalen Trainingsge-

leeënheete genotzt ginn, an dass encastrierbar mobil Tribüne sinn, dass wa grouss international Eventer oder Championnater sinn, da ginn d'Tribünen erausgezunn an da gëtt op engem Terrain an der Mëtt gespilt, vis-à-vis vun Tribünen an um Enn, kappsäiteg ass nach en zweeten Terrain fir déi Equipen déi sech waarm spillen.

Déiselwecht Logik, e bësse méi grouss, fénnt een och baussen erëm, well Beachvolleyball awer och e Sport ass dee meeschtens, wéinstens an deene Breedegrader déi sech dofir prêtéieren, dobausse gespilt gëtt. Et ass een Terrain och baussen. Do brauchen d'Zuschauer Infrastrukturen net esou komplizéiert ze si wéi bannen, well ee sech do fräi ka ronderëm beweegen an et sinn och zwee Beachvolleyballsterraine bannendran.

Dir hutt virleien am Dossier, dass Dir, an da gesitt Dir e Stack méi héich, do sinn d'Vestiairesbléck, wou dräi Grondbléck si fir Vestiairen déi an engem laange Schlauch fräi een deem aneren attribuierbar sinn, wou et awer esou ass, dass déi vis-à-vis vum Beachvolleyballsterrain, wou een och direkt op den Terrain erofgesäit, prioritär fir de Beachvolleyball sinn an déi aner prioritär fir d'Fussballveräiner, fir de Fussballveräiner a fir déi. An op deem Stack uewendriwwer hu mer elo eng Planung mat 10 Fechtpipe wat och fir de regionale Fechtclub deen awer säi Site hei zu Esch huet, an deen och eng laang Traditioun hei zu Esch huet, duer geet.

Ech wéilt et vläicht haut dobäi beloossen. Dir hutt d'Dokumentatioun virleien. Déi Informatioun ass awer wichteg. Et ass esou, dass de Ministère och virgesäit an den nächste Plan pluriannuel 2013 anzuschreien. Dat heescht d'Joer 2012 geet dann essentiellement an d'Planung, an d'Preparatioun an, dass mer ab 2013, wann d'Kreditter op Statssäit do sinn, dann och mat de realen Aarbechte kënnen ufänken. Mir hunn och keng Diskussioun gehat mam Ministère, dat kënnt Dir och erausliesen, wat de Käschtepunkt ugeet. Also de Käschtepunkt ass ronn 9 Milliounen Euro fir de Beachvolleyball-Zenter, 1,5 Milliounen fir d'Fechthal déi optional war an dann nach e bësse loses Mobiliar. Awer zënter där Reunioun mam Ministère ass et och kloer, dass déi Fechtal och do soll kommen a Fechten ass e Sport deen och ufänkt sech ëmmer méi engem Zoulaf ze erfreen an dofir ass dat flott wa mer do eng Léisung kréien.

À ce stade ass dat vläicht dat wat wichteg ass ze wëssen an et ass wichteg fir déi Veräiner déi awer do scho laang op déi Infrastrukture waarden, sief dat d'Jeunes-

se wat d'Situatioun vun de Vestiaren ugeet an all déi aner déi och doropper Fussball spille ginn, well jo méttlerweil och net nëmme méi d'Jeunesse deen Terrain benotzt. An esouwuel de Beachvolleyball wéi och de Cercle Escrime Sud déi gesinn elo, dass eng Perspektiv do ass an dass dat ab 2013 da ka realiséiert ginn. Mir stellen eis gegebenefalls vir, dass deen nächste Gemengerot bei deem nächste Budget deen Devis dann definitiv stëmmt, well mer sinn op engem Punkt, dass mer direkt kënnen een eenzelnen Devis mat engem eenzelne Vote stëmmen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Villmools Merci fir dës Informatioun. Ech géing lech bieden dee Punkt, ech géing lech proposéieren, quitte dass et e laange Punkt ënnert dem Info public war, mä awer een deen derwäert war, géing ech lech bieden et als dat ze betruechte wat et ass, mä à ce stade just eng Informatioun fir de Gemengerot.

Genau wéi deen zweete Punkt och just eng Informatioun – kënne mer e bëssen Opmierksamkeit kréie wann ech gelift, et ass schwéier fir een deen hei uewen ze schwätzen huet, wann esou eng grouss Geräischkulisse ass – och deen zweete Punkt ass e Punkt pour information, och e ganz erfleechen. Mir hunn de „Go“ kritt vun der Universitéit fir iwwer 300 nei Studentewunnengen, dat wollte mer lech awer matdeelen.

Dir wësst jo, dass mir net lass geléist vun der Universitéit eis Studentewunnengen a generell eise Studentewunnraum plangen. Mir maachen dat mat hinnen zesummen. Si ginn och da vun hinne gériert a mir si frou, dass mer och hei d'Zoustëmmung kritt hu wat dann an deenen nächste Méint wäert zu der Schafung vun zousätzlech Studentewunnraum féieren. Och dat à ce stade just pour information.

4. Présentation de l'enseignement fondamental à Esch-sur-Alzette

a) informations

b) vote de l'organisation scolaire „Scolaria“ (version provisoire); décision

Mir kéimen dann zum éischten Hauptpunkt um Ordre du jour. Dat ass d'Présentatioun vum Enseignement fondamental.

Fir d'éischt Informatioun vum eisem Schoulschäffen an dann de Vote vun der Organisation scolaire, esou wéi et gesetzlech virgesinn ass, och vun eisem Här Schoulschäfte presentéiert.

Schäfte Jean Tonnar (LSAP): Jo, Merci, Madame Buergermeeschter. Dir wësst, dass mer schon am leschte Gemengerot d'provisoresch Schouloorganisatioun gestëmmt hunn, esou dass ech kann e bësse méi séier weiderkommen. Ech wollt lech awer eng Partie Informatioun ginn a fir d'éischt mol ufänke fir Merci ze soen all deenen Enseignanten an Educateurs an Educatrices a stellvertriedend fir déi alleguerten dem Service scolaire an dem Service de l'enseignement. Un der Spëtz dem René Thorn fir hir exzellent Aarbecht déi se dat ganz Joer gemaach hunn. D'Aarbecht gëtt net méi einfach mat deem neie Gesetz. Bien au contraire et gëtt ëmmer méi komplex an et muss een och wëssen, dass et e ganz engt Spill ass tëschent dem Ministère an de Kompetenze vum Ministère an deene vun enger Gemeng.

Ech wollt awer och op dëser Plaz profitéiere fir engem vun de Membere Merci ze soen deen d'nächst Woch an d'Pensioun geet. Dat ass de Roby Gengler, deen e Liewe laang an der Schoulokommissioun verbruecht huet an dee ganz vill Aarbecht an Energie investéiert huet.

Da profitéieren ech fir 6 Leit déi an d'Pensioun ginn, lech déi nach eng Kéier ze nennen an deenen dann en extra Merci. Dat ass d'Madame Alix Ackermann, déi heescht Kimmes, fir déi déi se net mam Meederchersnumm kennen. Hei hu mer d'Meederchersnumm. Dat ass d'Madame Karin Biwer, d'Madame Josée Steffen, d'Madame Viviane Graas an d'Madame Arlette Herr an d'Madame Pierette Jung. Déi 6 Damm gi wéi gesot an d'Pensioun a si hunn hiren Alter erreecht an hir Anciennetéit.

Dann hu mer 4 Persounen déi d'Gemeng wiesselen. Dat sinn déi Damm Annick Müller, d'Madame Carole Müller, d'Madame Sara Vispi an d'Madame Cindy Bruck. Mir soen deenen alleguerte Merci fir hiert Engagement.

Wat d'Zuelen ugeet, hunn ech lech zwee Tableauen ausgedeelet, ech mengen dat ass ëmmer dat Interessantst. Wat ee fir d'éischt mol muss wëssen, mir hu fir dat nächste Schouljoer 204 brevetéiert Enseignanten a mir hunn 107 Chargéen, dat mécht am ganzen 311 Enseignanten déi mer fir d'nächst Joer à disposition hu fir eis Schoulen. Dat ass e Plus vu 6 Persounen. Fir d'Joer 2010/2011 hate mer der 305 a mer ginn op 311 erop, esou dass mer 6 Enseignante méi à disposition hunn.

Dir gesitt och an deem Tableau vun der Répartition des classes wéi déi Klasse verdeelt sinn. Mir hunn am ganze mat dem Précoce 176 Klassen hei zu Esch. Dat ass schon eng ganz erstaunlech Zuel. Dat

heescht, dat war déi fir dëst Joer an d'nächst Joer wäerte mer der 182 hunn. Dat ass also e Plus vu 6 Klasse par rapport zu dem aktuelle Joer. Dat ass ganz vill fir ee Joer. An et sinn och 104 Kanner déi méi „inscrit“ sinn, wann een alles confondu Précoce an déi 4 Cyclen hält. Esou dass mer en Total vun 3.153 Kanner wäerten hunn an Dir gesitt d'Moyenne vun de Klassen ass 17,32. Déi Moyenne ass eng absolut korrekt Zuel an déi ass nach méi héich well mer hei de Précoce mat gezielt hu wou d'Kanner a Plagen agedeelt sinn, wou Dir da gesitt, dass do 22 steet, mä déi Kanner sinn net all Dag do an net an all Plage do. Wann een dat nach géif eraushuelen, wier d'Moyenne vun eise Klassen nach méi niddereg, esou dass ech mengen dass mer entretemps awer op enger Zuel, eng Moyenne vun de Kanner pro Klass sinn déi absolut, absolut korrekt ass a wou all Enseignant mengen ech ka parfaitement mat de Kanner léieren.

Op deem zweete Blat do hutt Dir eben déi Zuel déi ech d'éinescht genannt hunn, Brevetéiert, d'Chargéen an dat gëtt dann eng Zuel vun 311. Gëschter ass d'Lëscht erauskomm vun deene Brevetéierten déi gepackt hunn. Dat sinn déi nei Brevetéiert, déi ginn e Méinden, dat ass och nei am Schoulgesetz, et sinn net méi d'Gemengen déi se assermentéieren, déi ginn e Méinden alleguerten zu e puer Honnert – ech weess net wéi vill et gepackt hunn – assermentéiert am Ministère oder an engem Lycée an en Dënschdeg verdeele mir da mat deenen d'Klasse fir déi déi sech op Esch gemellt hunn. Dat ass dann direkt en Dënschden, esou dass jiddwereen dee sech op Esch gemellt huet, weess a wéi eng Klass hie kënnt a wou hie kann ufänken.

Op deem drëtten Blat gesitt Dir déi Klassen déi fräi sinn. Dat heescht déi Enseignanten, déi Brevetéiert kréien déi Plazen da proposéiert. An op enger drëtter Lëscht dann, oder 2b) wéi een dat wëllt nennen, maache mer dann déi Woch drop eis Chargéen déi mer principalement schon haten an déi zréck op Esch affektéiert ginn. A wann dat dann net duer geet, kréie mer dann an enger leschter Etapp nach déi Enseignanten déi wäerte feelen. Mä ech mengen déi mer bis elo hate komme prioritairement selbstverständlech op Esch zréck, well mir dat wëllen a well dat och gutt esou ass a well dat eng gewësse Kontinuitéit fir d'Kanner a fir den Enseignement hei zu Esch duerstellt.

Fir de Rescht wollt ech lech dann nach soen, dass mer et fäerdeg bruecht hunn, mat der Commission scolaire hate mer eng Demande gemaach un de Ministère

de l'Education nationale. Et geet erëm ëm dee berühmte Kontingent wou mer d'lescht scho ganz vill driwwer geschwat hunn. A fir déi verschidde Spezifizitéite vun Esch hate mer e schrëftleche Bréif gemaach deen och vum Inspekter ënnerstëtzt ginn ass a mer si ganz frou, dass mer den Accord vum Ministère kritt hu fir e Supplément vun 247 Leçonnen am Précoce. Mir hunn 161 Leçons supplémentaires fir Cours d'accueil a mer hunn 211 Leçonnen fir de Remplacement permanent. Dat ass eppes wat mer schonn e puer Joer hei zu Esch hunn a wat och ganz wichteg ass an notamment ass dat esou wichteg, well nach ëmmer de Ministère et net fäerdeg bruecht huet fir eng Lëscht, eng convenabel Lëscht vu Remplaçanten opzestellen. Esou dass all Kéier moies de Problem ass wann ee krank ass, déi Responsabel vun eisem Service, déi telefonéiert dann duerch d'hallef Land fir ze kucke fir een ze fannen deen ersetze kënn. An ech weess dass dat an all Gemeng dee selwechte Problem ass. Mir hunn dee Service an eisen Hänn gehalen, mä et ass duerfir net méi einfach. Déi eng hiewen net op, déi aner soen ech si scho gefrot ech si besat, an duerfir hu mer ugefrot an och kritt a weider dee Service féieren, déi 211 Leçonnen fir dee Remplacement permanent dee mir da selwer organiséieren a wou déi Enseignanten da prioritär gefrot ginn.

Ech kommen net nach eng Kéier op déi 8 Entitéiten zréck. Ech wollt just nach eng Kéier soen, dass mer am ganzen entretemps, wann elo dat neit Gebai an den Nonnewisen opgeet, 18 Gebaier ze versueren hunn an deenen 8 verschidden Entitéiten. Déi 18 Gebaier erkläre sech zum Beispill, dass mer am Brill déi 3 Gebaier hunn, dass mer do nach e 4. mat der Hiehl elo wäerte bäikréien. De Brouch huet 4 verschidde Gebaier. De Brouch, de Mâcon, de Léon Jouhaux an de Module an der Dellhéicht, de Module am Jean Jaurès, pardon d'Dellhéicht sinn 2 Gebaier well d'Neiduerf dozou gehéiert. An dann hu mer zu Lalleng zum Beispill och 3 Gebaier, Lalleng selwer, de Lallenger Däich an den Aerodrom. Esou dass mer am ganzen 18 Gebaier ze versueren hunn.

D'Maisons Relais hu mer d'lescht Woch vill driwwer geschwat. Ech kommen do och net drop zréck, dass mer déi ëmmer weider ausbauen an notamment de Jean Jaurès deen opgaangen ass, Lalleng wat opgeet, déi nei Nonnewise Schoul déi och eng Maison Relais kritt. Wann ech scho bei der Nonnewise Schoul sinn, wëll ech drun erënneren, dass mer do e Complexe scolaire mat enger Piscine hunn, e 25 Meter Basseng wou mer och dann

d'Méiglechkeet hunn de ganze Cycle 1 kënne scho schwamme léieren ze loosenen, wat och eng grouss Nouveauté ass a wat net a ville Gemengen ugebuede gëtt.

Mer kréien neie Schoulraum zu Lalleng mat 6 Schouklasse. Vum Brill deen hu mer d'leschte Kéier gestëmmt, dass mer an der Hiehl 4 Classes supplémentaires kréien. De Module Jean Jaurès ass annexéiert ginn an de Brouch, esou dass am Fong op déi Manéier ganz vill leeft, an dass mer absolut weider musse kucken, dat ass oft genuch ervirgestrach ginn nach d'leschte Kéier, dass mer am Zentrum Schoulraum brauche well dat an den nächste Joeren absolut dat wichtegst ass an eisen Aen.

Dann awer och nei Initiativen déi lafen. Neier oder déi déi sech bewäert hunn. Leschte Méinden hu mer mat der Buergermeeschtesch a mat der Madame Spautz e Chancëgläichheetsprogramm virgestallt oder inauguriert deen des ganz Woch leeft am Escher Theater, deen en enorme Succès huet, zesumme mat de Maisons Relais a mat de Schouklasse. Ech mengen et waren iwwer 50 Schouklasse déi mat maachen a Maisons Relais a wat onheemlech flott Projekte sinn. Mir hunn eis Vakanzenaktivitéiten déi ëmmer méi vergréissert ginn. Dir wësst mir hu Kolonien d'ganz Joer. Et ass just an der Chrëschtvakanz déi eng Woch wou mer näischt hunn. Soss hu mer Aktivitéiten d'ganz Joer. Eist Home zu Ensber ass erëm opgaangen an huet volles Haus. Et ass ausgebuht. Mir hunn Ateliers d'artistes elo am Summer déi am Chapiteau waren, déi elo am Theater wäerte sinn, esou dass och déi parascolaire Aktivitéiten op déi Manéier viru ginn.

Ech wëll versiche wann ech déi Donnéeën hunn, bis un d'Enn vum Joer, dass Dir vläicht en Aperçu kritt oder e Résumé, déi leien nämlech nach net ganz vir, wat mat eise Kanner nom 6. Schouljoer geschitt. An ech hunn déi ugefrot, dat gëtt och iwwert de Ministère géréiert, wann ech déi hunn, géif ech lech déi ginn an ech géif lech awer da vläicht bieden déi Donnéeën confidentiel ze halen. Mer versichen lech déi weider ze schécken.

Et ass dat wat ech elo hei wollt soen. Wat mir misste stëmmen, dat wär dann dee provisoresche Scolaria, dat heescht déi Donnéeën déi mer vum Ministère wéi se bis elo virleien, kritt hunn an déi Dir och mengen ech an Ärem Dokument hutt, a wou all eenzel Klass opgezielt gëtt, mat der Enseignant déi bis elo do ass. Dat gëtt natierlech kompletéiert en Dënschdeg vun deenen neie Brevetéierten an dann duerno vun de Chargéierten, esou dass mer am September nach eng Kéier

dat Definitivt wäerten ofstëmmen. Ech si selbstverständlech à disposition fir all Froen déi Dir nach hutt an ech soen lech Merci.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Ech schénge keng Froen do ze sinn, dach den Här Baum huet sech gemellt. Da kann den Här Tonnar seng Stëmm e bësse schounen.

Marc Baum (DÉI LÉNK): Här Tonnar, ech fänke mam Schluss un, Dir hutt elo grad gesot mir missten, mer sollten d'Scolaria votéiere wéi mer se vum Ministère kritt hunn. Ech mengen dat stëmmt an där doter Form net, mir stëmmen hei d'Schoulorganisatioun vun der Escher Gemeng. An dozou ginn et awer mengen ech e puer Bemierkungen ze maachen déi zwar och schonn d'leschte Kéier ugeklonge sinn, mä déi een awer nach vläicht verdéiwe kéint.

Éischtens hutt Dir virun enger Woch dovunner geschwat, dass de Kontingent, dass d'Escher Gemeng dee vum Ministère octroyéiert kritt hätt. Ech si frou elo ze héieren, dass Dir net méi an deene Wieder vun Octroi schwätzt, mä dass Dir d'Opportunitéit dovunner erkennt. Et ass nämlech eng grouss Opportunitéit fir d'Escher Gemeng, dass duerch dee Kontingent méi Leçonnen zur Verfügung stinn an natierlech mat de Leçonnen och méi Léierpersonal. D'Fro an déi entscheidend Fro ass awer, wat geschitt mat deene Leçonnen a mat deem Léierpersonal a wou gëtt dat Léierpersonal affectéiert, respektiv wéi ginn déi Leçonnen ugewant? An do muss een nach ëmmer soen, dat selwecht wéi d'lescht Joer an och wéi d'lescht Woch schonn an der provisorescher Schoulorganisatioun, dass se einfach queesch duerch de Gaart, queesch duerch d'Escher Schoullandschaft affectéiert ginn, ouni eng speziell Vue dorop wat wierklech d'Besoinne vun deenen eenzelne Schoule sinn. Sozial Besoinne wou mer wëssen, dass et eng Populatioun gëtt a verschiddene Schoulen déi sozial defavoriséiert ass oder déi net onbedéngt an deene beschte Konditiounen ass. Mer wëssen, dass et verschidde Schoule gi wou den Undeel, de sozio-kulturellen Undeel vun Ausländer iwwerdurchschnëttlech héich ass. Dat heescht et géifen zu Esch, grad zu Esch grouss Méiglechkeete gi fir dat Léierpersonal anescht ze affectéieren, esou ze affectéieren dass et an deene Schoule kann agesat gi wou déi gréissten Erausforderunge sinn. Dëst ass net geschitt an dëser Schoulorganisatioun an dat eleng ass mengen ech, scho Grond genuch fir se net ze votéieren. Dann hutt Dir awer och vun den Entitéite

geschwat an Dir hutt gesot, datt mer d'lescht Woch oder déi leschte Kéier d'Entitéit Hiehl votéiert hunn. An déi Kritiken déi ech déi Zäit virbruecht hunn, gëllen och elo nach. Ech gesinn nach ëmmer kee fäerdege Projet fir déi Entitéit Hiehl. Ech gesinn och nach kee Budgetsartikel, och wann et gelount gëtt. E Budgetsartikel vun deem dat soll finanziert ginn. An ech mengen, datt et awer d'Souveränitéit vum Gemengerot wier fir dat ze gesinn an och fir doriwwer en bonne et due forme deliberéieren ze kënnen. Ech soen lech Merci.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

Hei kënnst mer wann ech gelift e bëssen Opmierksamkeet kréien?

Merci, Här Baum. Den Här Jaerling huet sech gemellt.

Aly Jaerling (Indépendant):

Merci, Madame Buergermeeschter. Wann ech och dem Här Baum zum Deel ka Recht ginn, esou ass et awer net esou einfach fir déi sozio-kulturell Problemer an Esch an de Grëff ze kréien. Ech mengen et hänkt net nëmme vum Schäfferot of oder vum Gemengerot, et hänkt och ganz vill of vum Wëlle vun de Leit a mat der Opdeelung wou d'Leit gären hir Kanner an d'Schoul schécken. Ech mengen et muss een och mol eng Kéier kloer soe wa mer schonn an all Eck eng Schoul maache fir dass d'Kanner net esou wäit brauchen ze goen, da musse mer awer och dofir suergen, dass se dann och an déi Schoul ginn. An dass et net ka sinn, heiansdo wéi et esou oft ass, par tête du client, dass deen een duerf dohinner, deen aneren do oder deen do wëllt net do. Ech mengen dat sinn all déi Saache wou mer awer iergendwann eng Kéier musse kloer an de Grëff kréien a wou mer och keng Ausnamen dierfe maachen.

En anere wichtegen Aspekt ass awer, wou mer awer ëmmer erëm mussen erëm nei drop zeréckkommen, dat ass d'Relatioun mat den Elteren a mat de Kanner, besonnesch bei auslännesche Familljen, well de Problem deen do ass, ass dass mer effektiv de Kanner eng Rei Saache bäibréngen, och scho vun der Spillschoul aus, mä dass et awer schwéier ass wann d'Eltere selwer net verstéi wat d'Kanner mengen a well se eng aner Sprooch schwätzen, an dass et do ganz schwéier ass fir do iergendwéi e Wee ze fannen, wéi een déi Relatioun ka verbessern. An déi beschte Bindung fir engem Kand eppes bäizebréngen, sinn a bleiwen nach ëmmer d'Elteren. D'Eltere sinn deen Deel wou d'Vertrauen do ass a wann d'Elteren net vill kënnen hëllefen de Kanner eppes bäizebréngen, dann ass et natierlech ganz schwéier an do misst

een awer iergendwéi och déi Programmer déi bestinn, nach intensivéieren a besonnesch an Esch, well do jo am Fong de Problem mat am gréissten ass, well den Undeel vun auslännesche Kanner awer an Esch am gréissten ass. An do misst een awer nach méi versiche mat den Elteren a mat de Kanner zesumme kucke wéi een dat an de Grëff kritt. An och mol Léiergänger maache fir d'Elteren, mä och dat ass erëm eng Kéier ganz schwéier well déi meescht Eltere praktesch um Bâtiment schaffen oder a schwéiere Beruffer schaffen, dass d'Mamme mat schaffen, an dass et da ganz schwéier ass fir déi och nach iergendwéi an e Programm eranzekréie wou se am Fong kënnen hire Kanner besser hëllef wa se kee lëtzebueresch schwätzen. Ech mengen, dat sinn all déi Saachen déi wuel ganz vill um Pabeier stinn, mä déi an der Praxis praktesch net ëmgesat ginn. An do ass meng Fro, wat maache mir an déi Richtung fir ze kucken, dass mer mat den Eltere méi zesumme schaffe fir effektiv d'Relatioun tëschent de Kanner an den Elteren am Schoulsystem a besonnesch an deenen neie Schoulsystemer déi mer hunn, déi ëmmer méi schnell ginn, wou mer ëmmer gär hätten dass d'Kanner méi séier ganz vill solle léieren. Wat fir Programmer, oder wat maache mer do fir den Elteren d'Méiglechkeeten ze ginn do mat ze kommen? Well ech weess jo wann ech selwer Enkelkanner hunn, da weess ech jo schonn eleng wéi et do schwéier ass mat de Kanner ze léieren an nozokommen an ze verstoe wéi deen neie System ass, froen ech mech wéi et mat deenen Elteren ass. Well ech mengen soss wann d'Elteren net kënnen de Kanner hëllef virunzokommen, ech mengen dann ass et d'office schonn dass d'Kanner net vill Chancen hunn am ganzen Educationssystem, och wann elo Classes d'accueil kommen oder wann no der Schoul nach hinne geholf gëtt. An awer ass d'Relatioun mengen ech, tëschent den Elteren an de Kanner, wann déi net do ass, och am Schoulberäich, da gëtt et ganz schwéier fir déi Kanner fir virunzokommen. Dofir meng Fro: Wat hu mir do virgesinn oder wat fir eng Weeër kënnen mer do goe fir dass déi Situatioun sech ännert?

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

Merci, Här Jaerling, mir hunn nach eng Wuertmeldung vum Här Huss.

Jean Huss (DÉI GRÉNG):

Jo, ech wëilt am Numm vun der Grénger Fraktioun och dem Schoulschaffen, dem Jean Tonnar, Merci soen an och de Responsable vun der Schoulkommissioun fir déi Schoulor-

ganisatioun. Ech mengen d'Schoulorganisatioun ass e permanente Chantier, net nëmme an enger Stad wéi Esch mä natierlech och hei zu Esch mat där soziologescher Zesummesetzung vun eiser Bevëlkerung an dat wäert och an den nächste Joeren natierlech esou bleiwen. Et ass am Fong eng Sisyphusarbecht ëmmer erëm eng Kéier fir d'Schoulpolitik, ëmmer erëm vu Joer zu Joer ze organiséieren. Dat och an engem Ëmfeld wou mer ëmmer nei Kanner bäikréien. Dat heescht wann d'Bevëlkerung wüsst, wat jo geschitt ass an deene leschte Joeren, mer hu ronn 3.000 Leit déi bäikomm sinn, dann huet dat jo och ze dinn, datt Kanner mat bäikommen. A mir hunn an deene leschte Joere jo hei als Schaffen- a Gemengerot permanent Efforte gemaach, a rieseg Efforte gemaach fir d'schoulesch Infrastrukturen auszebauen. De Schoulsektor war jo ëmmer am Budget, am Investitionsbudget praktesch vu Joer zu Joer dee gréissten dee mer engagéiert haten an dat wäert och an den nächste Joeren nach esou sinn. Ech mengen mat deem Wandel deem Esch hei ënnerläit a mat ëmmer méi Leit déi op Esch wäerte wunne kommen, wäert et noutwenneg si virun an de Schoulsektor ze investéieren, neie Schoulraum ze schafen. Dobäi kënnt, dat wat ech d'leschte Kéier an der Sëtzung hei scho gesot hunn, datt mer nach weider Efforte musse maache fir d'Brillschoul ze entlaaschten, well se eng ganz grouss Schoul ass, well se immens vill Schüler huet an et ass ëmmer esou, datt et preferabel ass, datt déi gréisste Schoulen, datt déi schrittweis ëmmer erëm kënnen entlaascht ginn. An déi Richtung muss déi nächst Koalitioun, egal wat fir eng datt dat ass, an deenen nächste Joere virun investéieren.

D'Schoulpolitik bleift e grouse Facteur an der Investitionspolitik an och an der Integratiounspolitik, dat wat den Här Jaerling ugeschwat huet, ass effektiv e Problem deen elo an de leschte Joere schonn ëmmer do war an dee wäert bleiwen, mä net nëmme hei zu Esch. Ech mengen et ass jo net nëmme datt et auslännesch Kanner hei zu Esch ginn, et gëtt et och a villen aneren Uertschaften, quill datt mer hei vläicht eenzel Quartieren hu wou mer eng relativ Zesummeballung hu vun auslännesche Matbierger, deene vun der Sprooch hier a vum kulturellen Hannergrond hier natierlech méi Schwierigkeeten do si fir sech un eise Schoulsystem ze adaptéieren, während eise Schoulsystem mat senger Reformen op déi den Här Tonnar schonn higewisen huet, doropper hu mer als Escher jo kaum en Afloss. Ech mengen dat gëtt um nationalen Niveau ginn déi

Schoulreformen do decidéiert a mir musse mat deene Schoulreforme liewen.

Wat awer elo an der Schoulorganisatioun konkret, wat ech nach ëmmer positiv fannen, dat ass datt mer et fäerdeg bruecht hunn hei awer Schoureffektiven ze hunn déi awer eenegermoossen – Dir hutt gesot korrekt, ech mengen dat kann en esou soen – mat 17 an der Moyenne, knapps 17 an der Moyenne an de Schoullassen dat ass, muss ee scho soen, dat ass zimlech korrekt fir dat kënnen ze maachen. Souguer wann ee seet, datt vläicht a muenche Quartieren ebe méi Schwieregkeeten, pädagogesch Schwieregkeete bestinn, well eventuell den Auslännerundeel oder den Undeel u mannerbemittelte Leit, wou de sozialen an de kulturellen Hannergrond eben net esou gutt ass, wou do Schwieregkeete kënnen bestoen. Mä insgesamt ass dat awer an der Rei, sinn déi Schoureffektiver awer an der Rei.

Ech wéilt och drop agoen, an der Suite ech vun deem wat den Här Jaerling och opgeworf huet. Här Jaerling, wann Dir den Ordre du jour kuckt, wat mer haut op eisem Ordre du jour hei hunn, da gesitt Dir, datt mer e wéineg méi wäit hei e Punkt do hu vun der Ecole des parents „Janusz Korczak“.

Ech mengen dat ass jo just e Punkt wou Efforte solle gemaach gi fir och un d'Eltere méi staark vun de Kanner erunzekommen. Dat ass eng Konventioun déi elo mat deene gemaach gëtt. Selbstverständlech ass dat noutwenneg dat ze maachen, well de schouleschen Erfolleg oder Mësserfolleg vun de Kanner natierlech wesentlech ofhänkt vum sozialen Hannergrond a vum kulturellen Hannergrond vun den Eltere vun de Kanner. An ech mengen do mussen also Efforte gemaach ginn, mä dat do ass jo en Effort, do ass e Beispill vun engem Effort. Mer wäerten herno nach kënnen drop zeréckkomme wann d'Madame Spautz de Projet virstellt. Mä ech mengen datt dat do an déi richteg Richtung geet an datt Efforte gemaach ginn. Mä d'Schoul kann einfach net all Defiziter vu Kanner behiewen. Si kann en Deel versichen ze behiewen, dat maache mer och mat Projekte wéi Ganzdagsschoulen an esou virun an déi Richtung ze goen. Mir maachen hei, d'Gemeng mécht all Efforten déi mer nëmme kënnen maachen, déi budgetär méiglech si fir an déi do Richtung ze goen, mä ech huelen un datt d'Madame Spautz herno och wäert op deen Aspekt wäert agoen.

Fir eis als Gréng ass op jidde Fall kloer, datt dat hei an eng richteg Richtung geet, dofir ënnerstëtze mer déi Schoulorganisatioun.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Huss. Et wier dann um Här Codello an duerno un der Madame Hildgen.

Daniel Codello (LSAP): Merci, Madame Buergermeeschter. Ech ka mech ganz kuerz hale well viles ass vum Här Huss och elo scho gesot gi wéi ech mech hei preparéiert hunn. Ech wéilt awer och am Numm vun der LSAP-Fraktioun dem Schoulschäfte Merci soe fir d'Präsentatioun och vun der definitiver Schoulorganisatioun. Dëst ass, an dat hunn ech schonn e puer mol hei gesot, eng vun den ureegensten Aufgabe vun enger Gemeng, déi alljärelech Schoulorganisatioun ze stëmmen. An et gëtt eis och als Conseillere en lwwerbléck an och eng Diskussionsbasis wou mer mat eiser Schoulpolitik dru sinn a wou mer higinn.

Et si vill interessant Diskussionspunkten opgeworf ginn, zum Beispill dee vum Här Jaerling vun der Integratioun. Mir wëssen natierlech dass d'Schoulorganisatioun hei an Esch méi eng spezifesch ass wéi an anere Gemengen, vu d'Kompositioun vun eiser Bevëlkerung, déi nach anescht wäert an den nächste Joere wäert änneren. Eis Populatioun ass divers an dat bréngt mat sech, dass och d'Schoulorganisatioun deem muss Rechnung droen. Den Här Huss huet vun der Eltereschoul geschwat. Ech mengen un Integratiounsplang maache mir ganz vill an och do d'Schoulpolitik ass ee vun de Beräicher wou mer mussen och an den nächste Joeren nach weider integrativ musse schaffen. Ween awer Schoulorganisatioun seet, dee kann net nëmme vum Personal schwätze wat motivéiert an dynamesch soll sinn an och ass, mä mir mussen natierlech och weiderhin an eis Infrastrukturen investéieren. Mir haten do iwwer Joeren e kleng Retard, mä ech denken dass dat awer an de leschten 10 Joer awer méi wéi opgeholl ginn ass. An och déi zukünfteg Investissementer an d'Schoulinfrastrukture beweisen déi Noutwennegkeet a beweisen och déi Importenz, dass och nëmme Schoul ka gehale ginn an Infrastrukturen déi deementspreechend adaptéiert sinn.

Den Här Huss huet och vun der Moyenne vun de Schoullasse geschwat déi mat 17,32 ganz gutt leien. Ech mengen dat ass fir d'Personal eng Moyenne wou gutt Schoul ze halen ass. Ech wéilt dem Schäferot soen, dass mer déi dote Schoulorganisatioun esou kënnen stëmmen. Och nach ee Wuert gesot, datt dës Majoritéit awer och net nëmme an d'Schoul investéiert, mä och an déi para- a perischolesch Infrastrukturen déi och ëmmer méi wichteg ginn. Hautdesdaags an enger Gesellschaft wou d'Conciliatioun

tëscht Familljeliwien, Schoulliwien a Privatliwien an och d'Beruffsliwien ëmmer méi musse matenee bruecht ginn. Mir hu mengen ech, dës Woch och e Präis kritt an deem Sënn vun der Egalité des chances. Dat ass jo awer och bezechenswäert an och do musse mer weiderhin aktiv dru bleiwen, well dat och seng Influenz op d'Schoulpolitik huet.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Codello. D'Madame Hildgen.

Annette Hildgen (CSV): Merci, Madame Buergermeeschter. Wann ech hei e bësse gelauschert hunn déi Kommentaren déi hei komm sinn, da muss ech fir d'alleréischte soen, et ass ganz einfach iwwert d'Schoul ze schwätze wann een net direkt domat konfrontéiert ass. Well d'Schoul an d'Schoulorganisatioun dat ass esou eng neverending story. Ech mengen déi Schoulpopulatioun vum leschte Joer – vu virun 10 Joer schwätze mer scho guer net méi – dat ass eng komplett aner Situatioun. Ech menge mir wëssen allegueren, datt verschidde Saachen no uewe vum Ministère octroyéiert ginn a regléiert ginn. Dat heescht do hu mir als Gemeng, musse mer just domat versichen ze liewen. Datt ëmmer méi Kanner komme mat méi grouse Problemer, dat wësse mir allegueren. Datt d'Schoul net do ass fir all Problemer ze léisen, dat wësse mir och, well de primären Optrag vun enger Schoul ass nach ëmmer Wëssen ze vermëttelen. An déi Problemer déi ustinn déi kënnen net méi grouss gi wéi dat wat de primären Optrag ass. Dat heescht och do muss den Enseignant praktesch am Spagat sprange fir dat do op d'Rei ze kréien, wat och fir déi net einfach ass, well ech mengen esou vill Stonne si si och net present. Mir hu verschidden Nationalitéite kommen an et wier mol eng Kéier interessant fir ze kucke wéi d'Fluctuatioun ass vun deene verschiddene Kulturen déi hei op Esch erakommen, well ech hu mir soe gelooss an der leschter Zäit, déi Primo-arrivante ganz vill aus deem fréiere Jugoslawien kommen, vläicht méi wéi virun, déi Kanner kommen aus enger komplett anerer Kultur, bréngen ganz ganz aner Problemer mat. Hir Elteren hunn natierlech och aner Problemer fir sech ze integréieren an do spillt, ganz vill spillt do mat fir datt déi Kanner hei am Ufank komplett verluer sinn, fir déi Kanner opzefänken ass och net einfach.

De Kontingent do kënnen mir all Kéier driwwer streiden, a wann Dir kuckt an Dir liest e bësselche wat an deenen anere Gemengen, haaptsächlech méi grouss Gemengen, haaptsächlech am Süden, respektiv d'Stad, hei vum Kontingent als

Problematik dohinner gestallt gëtt, da si mir alleguerten op d'ärselwechter Linn. Dat heescht, mir sinn net eleng mat deem Problem. Et d'ärf een natierlech nimools midd ze gi fir permanent nozehaken an ze soe mir hunn dee Problem. Mä mir hu méi Problemer, mir brauche méi Leit. Wéi de Stat dat gériert, do hu mir absolut keen Afloss méi drop.

D'Klasseneffektiver hunn en Duerchschnitt vu 17, ass effektiv reng theoretisch guer net schlecht. Mä mir wëssen, datt och Klasse sinn déi méi héich sinn. Mir wëssen och, datt Klasse si wou da méi Ausländer dra sinn, déi een héchstwahrscheinlech misst mat engem anere Schlüssel opdeele wat awer fir de Moment net gemaach gëtt.

D'Integratioun ass no wéi vir enorm wichtig a mir kënnen eisen Enseignanten net méi Problemer ze léise gi wéi se selwer packen. Mä och do hu mir keng Influenz drop. Ech mengen et steet a fällt mam Engagement vum Enseignant. Mir hunn Enseignanten dobäi déi och a punkto Kultur onwahrscheinlech vill leeschte wat guer net hei gewousst ass. Mir musse jo och net alles wëssen. Mir hunn och Enseignanten, an duerch d'Bank si se alleguerte ganz engagéiert a si setze sech 100% an. Wou den Enseignant sech beklot ass effektiv heiansdo nach Punkt Schoulgebai. Dat wësse mir och. Dat ass och nach e Problem dee muss geléist ginn. Et ass a leschter Zäit ganz villes doranner geschitt. Och do si mir ni fäerdeg. Dat geet ëmmer virun. Et kommen ëmmer nei Problemer. Finanziell gesi musse mer eis och do der Decken no strecken. Dat wësse mir och. Et kann een net alles maache wat een als Wonschbild huet. Och dat geet leider Gottes och net. Mä ech mengen et muss ee sech dat awer mathuelen an ech schwätzen elo schonn an d'Zukunft, selbstverständlech, fir déi nächst Koalitioun déi vläicht hei entsteet, fir ze soe mir setzen alt erëm eng Kéier d'Akzenter op d'Schoulen. D'Schoulgebai ok, renovéiere jo, Neibau jo, Neischeafe jo. Zënter datt ech vun 2000 un hei dobäi sinn, gëtt gesot de Brill entlaaschten, jo. Mir wëssen och wéi schwéier datt dat ass, well ech meng wann hei e Schoulgebai bäi kënnt, dann ass de Brill schonn erëm eng Kéier iwverlaf vun neie Familljen déi dohinner kommen. Dat d'ärf mer och net aus den Ae verléieren.

U sech mengen ech, ass hei ganz vill geschitt a punkto Organisatioun. Nach eng Kéier Schoulgebai jo, dat wäerten déi nächst da kënnen entaméieren. An et ass och hei gesot ginn, datt mer all den Enseignante Merci soen déi hei schaffen, well mir d'ärfen och ni vergiessen, datt déi Kanner déi haut an de Schoule sinn,

datt dat déi Jugendlech an déi Erwuesse vu muer sinn an datt mer deen Optrag dee mir als Gemeng och hunn, datt deen enorm grouss ass. An ech wënschen elo scho jiddwerengem deen am Enseignement doheem ass an deen do schafft, dat kann och an der Schoulkommissioun sinn, dat kann och d'Gemeng sinn, dat kënnen d'Enseignante sinn, vill Courage well si hunn et a leschter Zäit net ganz einfach gehat, well all Kéier wann eng Reform kënnt, ass et fir d'Kanner net einfach, et ass fir d'Elteren net einfach, et ass fir d'Enseignanten net einfach, et ass fir keen einfach an dat brauch eng gewëssenen Zäit vu Joere bis se sech doran erëmfannen.

Herno komme mer op d'Ecole Janusz Korczak an hoffentlech kréie mer gesot, datt och déi Leit ganz zefridde si mat der Situatioun wéi se fir de Moment hei zu Esch ass. Wa se sollicitéiert sinn dat geet och net einfach an ech meng mir d'ärfen ni vergiessen, datt mer och e Service de psychologie hei hunn déi ganz enk mat där Ecole des parents zesumme schaffen, well se einfach déiselwecht Problemer hunn. An eleng dat, déi Vernetzung ass enorm wichtig. Et kënnt bei den Enseignante ganz gutt un. Si sinn dankbar fir all Hëllefstellung an nach eng Kéier Merci jiddwerengem deen am Intérêt vun eisen Escher Kanner hei schafft. Mir soen lech Merci.

Mir stëmmen et selbstverständlech.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Madame Hildgen. De Schoulschäffen äntwert.

Schäfte Jean Tonnar (LSAP): Jo, ech ka mech kuerz faassen. Ech soe jiddwerengem Intervenante Merci. Dem Här Jaerling wëll ech just äntwere wat schonn den Här Codello an den Här Huss gesot hunn, an d'Madame Hildgen och, mer hunn zwee Punkten déi interessant an deem Sujet sinn. Deen een ass e Sujet wou een a priori mengt et hätt näischt domat ze dinn iwwert d'Logementer. Mir wëssen alleguerten, Här Jaerling, dass et net méi méiglech ass, dass eng Mamm oder e Papp net méi schaffe geet an d'Kanner doheem zillt. Wann ee wëllt en Appartement oder eng Wunneng eng Kéier kafen, da kann een net mat enger Pei da maachen. Well scho mat zwou Peie muss een hautdesdaags 40 Joer vläicht schaffen a Prëten erëmbezuelen. Esou dass dat einfach net méi méiglech ass. Et ass eng Evolutioun déi kënne mir och net ophalen. Mir kënnen dann hëllef an eng vun deene Méiglechkeeten ass déi Eltereschoul. Eng vun deene Méiglechkeeten ass d'Maison Relais. Eng vun deene Méig-

lechkeete sinn d'Vacanzenaktivitéiten. Duerfir si mer op deem Wee. Mä mir kënnen de Kurs vun der Weltgeschichte net ophalen. Dat muss ee gesinn an dat muss een dann och esou analyséieren.

Dat zweet wat ech dem Här Baum wollt soe wann hie seet, ech stëmmen dat hei net. Dat hei si Fakten, dat hei sinn Nimm an et si Klassen an ech géif lech just bidden an deem Dokument déi lescht Säiten ze kucken. Mol eng Kéier ze kucken a wat ass dat do. A wann Dir nëmmen dat kuckt, Liste de décharges vun der Säit 25 u bis de Schluss, dem Alphabet no, Liste de décharges et leçons supplémentaires des enseignants. Do ass den Här Thorn a seng Equipe vum 15. September praktesch un amgang dat hei opstellen. Do liest Dir Décharges 50, Prési., Sécur., Cycle, Comité, Cycle, Bibli.. Dat sinn all d'Enseignanten déi Déchargen hunn. An da liest Dir hannendrun eng Ziffer. An da geet dat op, dass deen Enseignant esou vill Stonnen d'Woch manner hält. An da muss fir deen eng aner Formule, da kënnt e Surnuméraire oder et kënnt en Turnen oder et kënnt Relioun.

(Interruption par M. Baum)

Dat huet näischt mat der Affektatioun, dat ass dat hei wat mer stëmmen. Well dat muss esou opgestallt ginn. An dann hu mer vir deen Enseignant huet dat an da muss hannendru gekuckt ginn a wat feelt dann elo fir déi Klass, dass se 30 Stonnen an der Woch hir Schoul do hunn. Dat ass wat mer hei stëmmen. An dat ass déi Aarbecht, ech soen lech éierlech, ech wëllt dat net maachen an eise Service ass praktesch vum 15. oder 16. September un amgang. Dat eent sinn Altersdéchargen. Dat anert ass well ee sech ëm d'Bibliothék këmmert. Dat anert ass well ee sech ëm d'Securitéit këmmert, dat anert ass well ee President vun enger Entité ass. Dat anert ass well ee Member an engem Comité vun enger Entité ass. An déi Stonne mussen all ersat ginn an déi Stonnen, an dat erkläert och dass mer därmoosse vill Enseignante brauchen. Dat ass mat deem neie Gesetz geschafte ginn.

Ar aner Remarque wat déi Heures supplémentaires contingent sinn, mä mir wäerte scho suergen, dass déi équitablement do gebraucht gi wou se gebraucht ginn an do agesat gi wou se gebraucht ginn.

Eng allerlescht Remarque, Dir hat d'leschte Kéier scho gesot, mat dem Module an der Hiehl, mir hätten do kee Budget gestëmmt. Mir hatten do scho geäntwert mengen ech, dass dat op Base vun engem Loyer ass, an dass mer duerfir kee Crédit spécial musse stëmmen.

Ech soen op jidde Fall all deene Merci déi dat hei ënnerstëtzten an ech soen haapt-

sächlich nach eng Kéier dem Service an den Enseignante Merci wéi mer dat awer elo allequerte gemaach hunn.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Villmools Merci, Här Tonnar. Mir kéimen dann zur Ofstëmmung.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – M. Pierre-Marc Knaff – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve par 15 voix oui et 1 voix non provisoirement l'organisation de l'enseignement fondamental de l'année scolaire 2011-2012.

Ont voté oui Madame le Bourgmestre Mutsch, les échevins Braz, Hinterscheid, Spautz et Tonnar ainsi que les conseillers Codello, Hannen, Hildgen, Huss, Jaerling, Knaff, Roller, Weidig, Wohlfarth et Zwally. Le conseiller Baum a voté non.

5. Ecole du Brill: Projet global pour la réfection du nouveau bâtiment école dit „Neie Brill“ et travaux de gros-œuvre pour la centrale de cogénération Brill, (projet définitif, 2^e vote); décision

Sou, mir kéimen dann zum Punkt 5, Ecole du Brill am Kader vum Projet global. Eise Bauteschäfte seet eis wou mer do dru si mam 2. Vote.

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):

Ech menge mir sinn hei a Präsenz vum 2. Vote oder eigentlech, wéi et am neie Gesetz steet, Här Sekretär, en Devis rectifié. Mir hu jo den éischte Vote schonn eng Kéier hei 2009 geholl. Wat huet sech geännert par rapport zum éischte Vote? Dat ass, dass mer elo definitiv déi Infrastrukturekäschten hunn déi noutwenneg si fir déi Centrale de cogénération ze installéieren, déi net nëmmen d'Brill Schoul mat Hëtzt bedéngt, mä och den Theater, d'Casa d'Italia, gegebenefalls d'Grenzer Kierch, de ganze Square dee ronderëm d'Friddensgeriicht an de Musée de la Résistance operéiert. Also iwwerall do wou mir eigentlech Propriétaire vum de Gebailechkeete sinn, ass et geduecht fir iwwert eng Centrale de cogénération dat ze maachen. Ech wëll awer kuerz rappelléiere wéi de Projet elo definitiv ausgesäit

a wéi en dann och soll am Hierscht demarréieren. Mir hunn am Sous-sol hu mer d'Installation de cogénération, d'Installation technique an e groussen Espace polyvalent. Et sinn am ganzen Deel vun deem Gebai deen hannen un der Schwämm ass, dee sougenannten neie Brill, wéi e genannt gëtt, deen awer duerfir als éischt muss sanéiert ginn, hu mer 6 Schoulsäll an um zweete Stack hu mer 5 Salles polyvalentes déi dann dem Besoin do gerecht ginn.

Ech mengen dat alles hate mer schonn eng Kéier hei. Wat huet sech geännert par rapport zu do? Dat sinn déi zousätzlech Käschte vu ronn 400.000 Euro fir d'Reibaukäschte fir d'Centrale de cogénération ze installéieren, déi awer als solcht, an do wëll ech drun erënneren, dass mer déi Konventioun hei gestëmmt hunn, vun der Sudgaz installéiert an exploitéiert gëtt. An dann och nach eng Kéier ronn 110.000 Euro fir d'Menuiserie extérieure a fir den Daach och nei ze maachen, well e Kühler op den Daach stoe kënn, also 581.000 Euro.

Wat ass virgesinn? Virgesinn ass, dass direkt wann d'Schouljoer elo fäerdeg ass, dat Gebai condemnéiert gëtt well elo sinn déi zousätzlech Gebailechkeeten am Modulaire vum Brill, zousätzlech Klasesäll sinn entstanen an der Hiehl, esou dass déi Raim kënnen definitiv condemnéiert ginn. De 15. September solle mat den Aarbechten ugefaange ginn. D'Soumissioun lafe schonn an déi sollen Enn September opgemaach ginn, dass mer real mat den Aarbechte kënnen am November dëst Joer ufänken an dass och d'Cogénération nach am Wanter ka preparéiert ginn, fir dass Enn d'nächst Joer, am Fréijoer d'nächst Joer leeft an da geet et nahtlos viru mat den Aarbechte fir de sougenannten neie Brill komplett grondop ze sanéieren, wat dann am ganze ronn 24 Méint dauert.

Dat zur Explikatioun. Mir sinn eigentlech hei och wann et esou geschriwwen ass, an engem Vote vun engem Devis rectifié deen noutwenneg ginn ass duerch déi Infrastrukturearbechte vun der Cogénération, mä et ass awer gläichzäiteg gutt, dass d'Leit och d'Certitude hunn, dass dee Projet elo da real physesch am September ugeet.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

Den Här Zwally.

André Zwally (CSV): Jo, Merci, Madame Buergermeeschter. Ech wollt nach e puer Gedanke ginn, déi mer och d'leschte Kéier scho gemaach hunn um Niveau wat d'Planifikatioun ubelaangt vun eiser Entwécklung vun der Stad Esch. Vu dass

mer jo och elo an der Phas si wou mer de PAG amgaange sinn ze entwéckelen, war et fir eis och emol wichtig fir hei Kloerheet ze kréie wat de Plan sectoriel vun de Baute wat d'Schoulen ubelaangt, ze kréien. Mir fuerderen dat, well mer einfach der Meenung sinn, dass et wichtig ass iwwert dat do ze diskutéieren an et ass och fir d'Planifikatioun selwer e wichtige Bestanddeel fir d'Entwécklung.

Wat de Brill ubelaangt, ech denke schonn dass de Site bekannt ass. Mir wëssen, dass et ëmmer erëm schwiereg ass um Niveau vun engem Site deen am 19. Jorhonnert gebaut ginn ass, fir do nei Infrastrukturen dran ze setzen. Dat beinhalt souwisou och Changementer wat de baulechen Usproch ubelaangt. Ech mengen d'Schoul vun dem 19. Jorhonnert ass eng ganz aner wéi déi déi mir haut kennen, mat all deenen ekonomeschen an och ekologeschen Diskussiounen déi mer hu wat esou Bauten ubelaangt, sinn d'Usprécher anerer ginn an deementspreechend och d'Bauten hu sech aneschtchers developéiert. Mir maachen eis Gedanken op deene Siten déi schonn esou laang bestinn, haapt-sächlich um Niveau vun de Bannenhäff, well mer jo och ëmmer erëm da wa mer nei Bauten dra setzen, op en Areal dee scho planifiéiert ass, et Schwieregkeete gi wann d'Kanner herno an hir Paus gi fir sech kënnen ze defouléieren, insofern ass et natierlech ëmmer méi einfach op enger grénger Wiss wou een dat scho mat arechent ze bauen, wou een dat da kann aneschtchers ausleeën.

Mir wollten och als CSV nach drop hiweisen, vu dass dat hei elo de Projet definitiv ass a mir hoffen och, dass et esou bleibt, ech erënneren do gär un dat Beispill vu Lalleng wou mer deemools nach eng Kéier missten heihinner komme fir en zousätzlechen Devis supplémentaire ze stëmme wat de Gros-oeuvre ubelaangt an an deem Sënn wäerte mer natierlech och dat heite mat ënnerstëtzen an hoffen, dass déi Gedanken déi mer hei vun eis ginn hunn an déi nächst Iwwerleeung vun de Planifikatioun mat eraginn. Merci villmools.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

Merci, Här Zwally. Den Här Hinterscheid äntwert.

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):

Här Zwally, zur genereller Iwwerleeung wat d'Evolution vun eise Schoulgebaier ugeet, do hutt Dir Recht, ech mengen d'Esquisse ass am Plan pluriannuel virgesi vum Schäfferot, mä Dir gesitt awer och, dass permanent sech awer versicht gëtt och ze adaptéieren un d'Evolution vun

der Stad. Mir mussen d'Schoulen idealerweis do baue wou d'Leit wunnen, wou d'Kanner wunnen, an der Logik vum kuerze Schoulwee. Et ass jo och dofir wou déi Idee entstanen ass fir op der Lentille Terres Rouges eng Schoul ze baue fir de Brill südlech ze entlaaschten an dann alles vun ëmmer no Süden op de Brill, dat gëtt sécher eng Léisung an déi aner Reflexiounen ginn am PAG virugefouert. Mir hunn de Besoin vun enger Zentrumsschoul jo nach ëmmer, deen ass jo festgehalten, mir hunn dat jo och am Plan pluriannuel virgesinn a mer hunn eis just net definitiv festgeluegt wou déi Zentrumsschoul soll gebaut ginn, well een och do muss kucke mat Opportunitéiten déi am Stadbild entstinn, kënnen ze schaffen. Mä de Prinzip vun enger zousätzlecher Zentrumsschoul ass jo festgehale ginn.

Ech mengen ech wëll nach eng Kéier kuerz op déi Remarque vun de Bannenhäff agoen. Et ass ënner anerem de Souci fir de Bannenhäff net nach méi ze verklengeren, dass mer an déi Logik do gaange sinn, fir dat elo direkt an de Sous-sol vum Gebai ze integréieren. Do ass Plaz. Also dat gëtt keen Aschnëtt an d'Bannenhäff well mer wëssen, dass wéinstens déi Zäit wou déi Modularen am Brill Schoulhaff stinn, den Häff méi kleng ass. Den Häff méi kleng ass. Et sinn awer vill Kanner do an dofir hu mer och eis technesch fir dese Wee entscheed fir dat dann direkt am Sous-sol ze maachen an dat gëtt dann net eng weider Verklengerung vum Häff.

Et ass awer wichteg och nach eng Kéier dat ervirzehiewen, dass déi Energiezentral déi dohinner stoe kënn, awer net grad 1 Megawatt thermesch Energie produzéiert an dass dat positivt Offallprodukt vun deem net bal 1 Megawatt awer 300 Kilowatt elektresch Energie sinn déi quasi als Offallprodukt produzéiert ginn, wat dann awer e sënnvolle Beitrag ass zur CO₂ Reduktioun, wann et och net absolut puristeschem als erneierbar Energie kann klasséiert ginn.

Dësen Devis misst eigentlech elo klappen. Dofir hu mer e jo als Devis rectificié nach eng Kéier virgeluegt. Ech wëll awer nach eng Kéier drun erënneren, Lalleng kann een net alles den Architekten imputéieren, dat war eng Fro wou och iwwert eng Plainte bei der Soumissiounskommissioun net de moins disant konnt finalement geholl ginn, mä den zweeten huet misste geholl ginn an dat war awer deemools eng Affaire vun 800.000 Euro déi eleng op déi do Plainte zrëckzeféiere war. Eis Leit versichen natierlech hire Maximum ze maachen. Dat hei misst awer elo ganz no bei der Wouerecht leien, hoffen ech wéinstens mol.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
Au vote.

Conseillers présents:

M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally
Le Conseil Communal approuve à l'unanimité le devis définitif rectifié au montant de 7.435.554.- € relatif à la rénovation de l'école du Brill (phase II).

6. Présentation de la situation des logements sur le territoire de la Ville (logements communaux et sociaux): informations

Mir géingen da virufuere mam Punkt 6. Dat ass d'Situatioun vun eise Logements wou d'Madame Spautz eis eng Presentatioun mécht.

Schäffin Vera Spautz (LSAP): Merci.

“Wunnen a Baue si schrecklech deier zu Lëtzebuerg ginn. Um Wunnengsmaat kucken déi kleng Leit dacks no wat déi aner maachen, mä si gesinn net wéi si kënnen mat maachen. Ech fanne mech net mat där Feelentwécklung um Lëtzebuerger Wunnengsmaat of.”

“Dat d'Bauen an d'Wunnen zu Lëtzebuerg méi deier ass wéi zu Paräis a wéi zu London, weist datt mir se net méi alleguernten hunn.”

Dat doten ass keen Zitat vu mir. Dat do sinn zwee Auszich aus de Rieden zu der Lag vun der Natioun vun eisem Statsminister 2005 an 2006 virun der Chamber. An deem neien Observatoire de l'habitat vun dësem Joer stellt sech eraus, datt an deenen éischten dräi Méint vun dësem Joer de Präis fir de Kaf vun enger Wunneng par rapport zu 2010, ëm weider 2,72% geklommen ass. Bei Neibauten ëm 4,64%. Hei am Süde kascht en Haus am Duerchschnëtt ronn 530.000 Euro wat e Plus vun 2,68% op 2010 ass. Bei der Locatioun sinn d'Haiser ëm 1,57% par rapport zum leschte Joer an d'Luucht gaangen, bei den Appartementen ëm 2,01%. Den Duerchschnëttsloyer fir en Haus hei am Land läit bei 2.327 Euro. Den Duerchschnëttsloyer fir en Appartement bei 1.162 Euro de Mount, ouni d'Chargen déi dobäi kommen, Waasser, Heizung, Strom, asw. Ech wëll just drun erënneren, datt den RMG 1.877,93 Euro sinn an den net-qualifizéierte Mindest-

loun 1.757,56 Euro sinn. Jiddweree ka sech säi Raim drop maachen.

Am gesamte Wunnengssektor hei am Land ginn net nëmme 4% u soziale Mietwunnengen. Bei bal 15% u Leit déi hei zu Lëtzebuerg un der Aarmutsgrenz sinn, 70.000 Leit ongeféier, ass 4% u sozialem Wunnengsbau eng Katastroph. Et betrëfft awer net nëmme déi déi um ënneschte Level sinn, déi vun der Aarmut bedroht sinn, et betrëfft ëmmer méi déi ënnescht Mëttschicht déi Problemer huet sech eppes ze kafen, respektiv ze lounen. A Lëtzebuerg ass un zweeteslechter Plaz an der Europäescher Unioun wat d'Offer vun de soziale Mietwunnengen iwwerhaapt ugeet. Ech wollt dat am Virfeld soe fir op den Dossier vum Logement communal ze kommen dat mir als Gemeng zënter laangem eis Verantwortung iwwerhuelen a weider iwwerhuele wëllen. Dir hutt eng Analys, eng detailléiert Analys do leie wou ech elo net op all Tableau wäert agoen, awer trotzdem e puer Remarquë wëll dozou maachen.

Mir hunn op den 1. Juli 2011 338 Gemengewunnengen. Dovun 280 bewunntener, 58 net bewunnt, well dat domat ze dinn huet, datt mer jo zënter längerer Zäit, längere Joeren amgaange sinn en zimlech voluminöse Renovatiounsprogramm ze maachen an heiansdo betrëfft dat besonnesch elo déi lescht zwee Joer ganz grouss Appartementshaiser wou mer fir d'éischt musse Leit eraushuelen, alles erausplënnere an aner Wunnenge vun eis setzen, well déi meeschtens net fir de private Wunnengsmaat méi sinn, well deen ze deier ass an dofir sinn dat 58 Unitéiten déi am Moment eidel stinn, wou dru geschafft gëtt. Ech wëll als géie Chiffer dozou nennen datt de Fonds de Logement hei zu Esch 2010 198 Unitéiten a sengem Parc locatif hat a Wunnengen déi hie verkaaft huet, waren 110 Unitéiten.

Dir gesitt op där anerer Säit mir hunn e groussen Effort gemaach, mëttlerweil hu mer vun deenen 280 Wunnengen 247 déi endlech de Confort moderne hunn, dat heescht Buedzëmmer a Chauffage. An Dir kënn lech erënnere wou mer 2002 ongeféier mat deem ganze Programm ugefaangen hunn, hunn déi Chiffere ganz grausam ausgesinn. Do hate mer e ganze Koup nach mat Confort réduit oder an engem schlechten Zoustand. Mir hunn nach 14 Wunnengen an engem schlechten Zoustand, habitées, wou mer net konnte relogéieren an aner Wunnenge vun eis. Dat si Leit wéi gesot, déi musse mer bei eis logéieren, mä et ginn elo dëst Joer eng Rei Gebaier färdig, esou datt mer déi Leit kënnen eraus-

huelen. Mir hunn nach ëmmer e groussen Iwwerschoss natierlech u Logementer déi déi eng Schlofkummer hunn, mëttlerweil awer och 9 Haiser déi tëschent 4 an 9 Piëcen hunn. Op den 1. Juli 2011 hu mer 511 Leit déi an eise Wunnenge sinn. 402 Erwuessener an 109 Kanner. 72 Locataire mat Kanner, 208 ouni Kanner. Dir hutt och eng Oplëschting wéi vill Locataire 175 wat Rentner sinn, also mir hunn ëmmer nach immens vill Rentner bei eis an de Wunnenge wunnen, wat awer och domat ze dinn huet, dat entsprécht ganz oft awer hirer finanzieller Situatioun, dass se bei eis wunne mussen. 85 Salariéen, 50 Chômeuren oder Leit déi den RMG kréien. Vun 2006 u bis elo ass eng Iwwersicht an Ärem Dossier wat an eise Wunnenge passéiert ass. 185 Leit si vun 2006 un aus eise Wunnengen erausgaangen. Dovunner intern 75 Relogementer, wat am Fong geholl beweist, datt et immens vill Leit sinn an eise Wunnengen déi wéi gesot net kënnen privat loune goen. 42 Leit sinn definitiv erausgeplënnert. Aus ënnerschiddleche Grënn. Dat se mol an eng aner Gemeng geplënnert sinn, awer och well se einfach méi e grouse Revenu haten a mir dat jo all Joer hei am Gemengerot och upassen a wou déi Leit och gesot hunn, mir ginn eraus. Stierffäll, dat ass esou, duerch eis, soe mer, duerch eis Leit déi mer an de Wunnengen hunn, eng eeler Bevëlkerung, 51 Stierffäll, 17 sinn der an d'Altersheim gaangen an et sinn 81 nei Locataire an eis Wunnenge vun 2006 un erakomm. Mir hunn och endlech e bësselche méi eng équitabel Situatioun wat déi Nationalitéiten ugeet déi an eise Wunnenge sinn. 22 verschidden Nationalitéiten, Leit wunnen och elo an eise Gemengewunnengen. Dat huet och 2002 ganz aneschtters ausgesinn, do ware bal 90% vun den Awunner Lëtzebuurger. Mat 118 verschidden Nationalitéiten déi mer hei zu Esch hunn, fänke mer lues a lues un eis do och unzepassen. Mëttlerweil hu mer och adaptéiert Wunnenge fir Personnes à mobilité réduite. 20 Stéck sinn der adaptéiert ginn, mat der Assurance dépendance an no de Pläng vun ADAPTH. An dem Centre Albert Schweitzer hu mer e Lift am Gebai an déi Wunnenge sinn och adaptéiert ginn, virun allem d'Buedzëmmeren, fir Leit à mobilité réduite. Et sinn zwee Projeten am Bau wou zwee Logementer an der rue Large wäerten kommen. Dat ass dat Gebai niewent dem Diderich, dat Haus niewent dem Diderich wat eis gehéiert huet. Wat mer un e private Promoteur verkaaft hate mat der Oplag, datt hie fir d'Gemeng misst zwou Wunnenge maachen. An zwee Logementer an deem

Gebai Spoostrooss/Brill Strooss wou Fotoen hannendrun an der Annexe sinn. An Ärem Dossier fannt Dir wéi gesot och eng Rei Fotoe "vorher/nachher" a wat amgaangen ass an der Konstruktioun. Eis aktuell Loyere sinn am Duerchschnëtt, wann Dir et vergläicht vum Abrëll 2006 wou mer de Loyer haten zwëschen 44,62 Euro an dem Maximum 856, bezéien déi sech op den 1. Juli vun dësem Joer op de Minimum 126 Euro an de Maximum 1.093 Euro. Datt mer méi héich Loyerer, och Loyer natierlech iwwer 1.000 Euro hunn, ass nach an enger Explikatioun eng Kéier hannendran. Mir hunn awer ganz vill Leit déi ënner 600 Euro de Mount u Loyer leien. Wann ee vergläicht wat d'Gemeng als Loyer de Mount am Duerchschnëtt erakritt, da kënn Dir dat op deem Tableau gesinn, et ass keng Säitenzuel do, Dir bliedert einfach weider. Mir hunn am Oktober 2003 am Duerchschnëtt 259,39 Euro de Mount Locatioun un eis Leit gefrot. Dat war e Gesamtrevenu u Loyer pro Mount vun 79.891. 2006 huet dat 86.773 Euro ronn de Mount gemaach a mëttlerweil am Juli 106.906 Euro. Dat huet näischt domat ze dinn, datt d'Loyere per se andauernd an d'Luucht gaange sinn, dat huet och einfach eppes mat der Salairesituatioun vun de Leit ze dinn, Indexranchen déi komm sinn, Kanner déi schaffe gaange sinn, Pensiounen déi ëmgerechent gi sinn. An Dir wësst, datt mer dat jo hei regelméisseg upassen, entweder no uewen oder no ënnen. An dat gesäit een op där anerer Säit hannendrun d'Situation financière des locataires, wou Dir d'Zuel hutt vun de Leit déi iwwer, soe mer, 1.200 Euro leie bis maximal 5.000 an eppes méi. Dat variéiert all Mount, dat ass op Grond vun hirem, also hire Revenu, dat variéiert all Mount well wéi gesot Situatiounen si wou Leit zwee, dräi Kanner op eemol am Stot hunn déi schaffe ginn, déi sech eng Wunneng sichen an da komme mer do och op eng Problematik zrëck, Jonker déi wunnen nach bei hiren Elteren, déi eng Pei kréien, an déi einfach näischt op dem Wunnengsmaart fannen. Do erënnere mer eis un déi berühmten Diskussiounen den Hotel Mamma, firwat déi Jonk doheem bleiwen, net well se net wëllen erausgoen, mä well vill vun hinnen einfach e grouse Problem hu fir eng Wunneng ze fannen déi bezuelbar ass fir se an dofir variéieren déi Präiser och. Dann hu mer natierlech och nach ëmmer eng Rei Haiser besat an dat ass dann onofhängeg vum Salaire natierlech vun de Leit déi mer aus Bränn hunn, vu fréier, an do si mer amgaange Logements d'urgence anzerichten. Wann dee Projet fäerdeg ass, et ass amgaangen dru

geschafft ze ginn, da kënn deen natierlech och hei an de Gemengerot.

Mir hunn eis wou mer 2002 d'Analys definitiv fäerdeg haten, deemools vun de Locataire déi deemools an eise Wunnenge gewunnt hunn, dohinner entwéckelt, datt am Fong geholl haut d'Majoritéit vun de Leit awer déi dra wunnen, déi Wunneng och zegutt hunn. Dat heescht, mir huelen de facto scho keng Leit méi op eis Waardelëschten era wou mer soen, déi doten hu kee Recht op eng Sozialwunneng, mat dem Ofstréch natierlech wou et net ëmmer evident ass, wann e Brand ass oder spezifesch Situatiounen, Urgencesituatiounen sinn. Eng wier do vläicht ze nennen, mir schaffe jo enk hei hannendru mat der Associatioun Sclérose en plaques zesummen. Heiansdo si Leit déi do op der Waardelëscht si bei hinnen, déi net drop kommen, datt déi an esou dramatesche Situatiounen sinn, datt mer se eng Zäit bei eis an eng adaptéiert Wunneng huele bis déi aner Säit eng Plaz fräi gëtt.

Awer och mat enger ganzer Rei Associatiounen, sozialen Associatiounen hu mer mëttlerweil Konventiounen ofgeschloss wou mer deene Wunnengen no hire Besoinen zur Verfügung stellen. Dat sinn der insgesamt 12 wou si un eis erunrieden, eis matdeelen, Leit, a mir kucken dann och dee Moment fir hinne Wunnenge kënnen zur Verfügung ze stellen a si maachen de Suivi a mir wëllen och mat deene Konventiounen weiderfueren. Dir gesitt, dat ass ee mol fir d'APEMH, d'Immo-Stëmm vun der Stëmm vun der Strooss, de Réseau Psy, d'Jongengehem asbl, d'Fondatioun Jugend- an Drogenhëllef.

Ënnert dem Service Logement fonctionnéieren natierlech och d'Déngschtwunnenge fir eis Portieren an déi hutt Dir opgelëscht an no der Décisioun vum Schäfferot déi mengen ech, viru 4 oder 5 Joer geholl ginn ass, sinn d'Loyeren do och adaptéiert ginn a mir berechnen hinne 5 Euro pro m² vun hirer Wunneng. Dofir och hei ënnerschiddlech Präisser.

Mir kommen op déi nei Demanden. Am bloe wéi gesot hutt Dir déi vun dem Joer 2006. Firwat 2006? Well dat déi lescht grouss Enquête war déi gemaach ginn ass. Dir gesitt datt mer eng grouss Demande hu bei Leit déi eleng sinn. Do si mer op 187, 66 fir 2 Persounen, 4 fir 3 Persounen. Firwat 3 Persounen? Do sinn zum Beispill Koppelen déi dann d'Bomi mat am Stot hunn oder e Fleegefall hu wou d'Demande gemaach gi sinn. Wat awer ee mierkt bei den Demanden insgesamt, an dat ass eng Entwécklung esou wéi se och um nationale Wunnengsmaart, dat déi Singlehaushalter sech

immens entwéckelen an do eng grouss Demande ass fir elengstehend oder Singlehaushalter. 505 Demande hu mir reell hei an eise Fichieren ageschriwwen. A wann een dat ëmrechent an d'Familljesituatioun kuckt vun deenen, da sinn dat zwar 505 Demanden, mä beträff dovunner sinn ongeféier 1.500 Persounen déi waarden. Eenzel Famillje mat oder ouni Kanner.

Dir gesitt d'Catégorie d'âge wou mer e groussen Drock hunn. Mëttlerweil bei och erëm Singlen am Alter vun 20, 30, 40 Joer, och do einfach eng Entwécklung déi sech och um nationale Wunnengsmaart weist. Déi Demande si virun allem esou vun 2004, 2005 un zimlech massiv hei zu Esch an d'Luucht gaangen, wat lech den Tableau och vun der Date de la demande weist.

Wat fir ee Revenu hunn déi Leit? Relativ vill, mëttlerweil 2011 wann een dat vergläicht mat 2006, hunn den RMG, sinn an dem ATI, Chômeuren an dann awer och e grouse Prozentsaz, also 51 Leit fir 2011 wat elengstehend Persounen sinn. 2 Adulten 2011, 29 Persounen, also och esou déi adaptéiert Forme fir eeler Leit do muss onbedéngt och dru geschafft ginn. Dir gesitt dann nach eng Kéier op där anerer Säit d'Revenue vun de Leit alleguerten. Mir schwätzen hei vun der Demandeslëscht. Do sinn och eng Rei Leit déi zum Beispill da wou Revenu „sans“ steet oder „pas indiqué“ déi hir Pabeieren net komplett eraginn hunn, wou mer nogefrot hunn, wou mer awer zum Beispill wëssen, datt se kee grouse Loun hunn dee mer iwwer d'Assistante sociale oder esou weider gemellt kréien. Am Fall wou se eng Wunneng kréien, mussen eis natierlech déi Ënnerlagen och ginn.

Mir hunn ongeféier, nee mir hu kloer 46 Demanden do leie vu Persounen mat 3 a méi Kanner. Also och dat eng Entwécklung, déi fannen um private Wunnengsmaart ganz schwéier eng Wunneng oder en Haus a mir hu jo ugefaangen och hei als Gemeng, Escher Haiser ze kafe fir eis deene Besoinen do och unzepassen. Den Datum vun den Demanden insgesamt vun deenen, do gesitt Dir datt mer nach vereenzelter hunn, nach eng vun '93, nach eng vu '95, d'Majoritéit läit zréck, do mierkt een do hunn d'Renovatiounen ugefaange bei eis an de Gemengewinnunge mat de Relogementen. Mir hunn der méi vun 2003, 2004, 2005 do leien. Vu que déi laang Waardezäit an déi héich Demande, ass dat doten et eppes wat eréischt lues a lues sech wäert an Zukunft ofbauen. Mä ech maache mer keng Illusiounen, ech denken datt déi Lëscht souwisou nach e gudde Batz méi

grouss wäert ginn. Dir gesitt op der Säit Recettes an Dépenses ordinaires, wat d'Gemeng investéiert huet, dat heescht d'Recette an d'Dépenses extraordinaire vun 2006 u vun den Investissementen vun der Gemeng. An do kann ee soen, an do gesäit een och d'Entwécklung datt een, fir dat mol eraszehuelen, am Joer 2006, a wa mer et ëmrechnen, am Duerchschnitt 1.041.280 Euro Loyer erakritt hunn an am Joer 2011, elo ouni déi wou an der Renovatioun sinn, 1.282.000 Euro och ronn, Loyeren erakréien. Wa mer da wëssen, datt mer vum Ministère 75% Subventioun kréie beim Kaf, bei der Renovatioun an esou weider, da kann ee soen, et ass en Nullsummenspiel. Dat heescht den Invest an d'Wunnenge kascht d'Gemeng am Fong geholl d'Peien, déi hei net agerechent sinn. An dat och vläicht nach eng Kéier als waarmen Opruff un aner Gemengen, et kascht net vill Geld a mir kënnen Léisunge fanne wa mer all zesumme schafen.

Dir gesitt wat mer, mir hu jo zënter 2008 am Budget um Enn vum Joer mëttlerweil och Gelder agesat fir Haiser ze kafen déi mer dréngend benéidegen an Dir gesitt d'Entwécklung, mir hu vun 2008 bis 2010 elo insgesamt 7 Haiser kaaft, am ganze fir 2.800.000 Euro wou mer 75% Recettë kréien. Wat 2010 ugeet, respektiv 2011, do si mer nach amgaangen, mir hunn do nach, mir hunn eent kaaft schonn a mer hunn der nach een, zwee an Aussicht wou mer nach Verhandlung feieren, well et muss een immens oppasse wann een als Gemeng Haiser wëll kafen, datt net ugefaange gëtt ze spékuléieren. Dat ass jo e bësselchen d'Angscht oder wann d'Leit wëssen datt d'Gemeng un engem Haus interesséiert ass, also do sinn nach net all Detailer elo dran.

D'Déguerpissementen, d'Entwécklung vun den Déguerpissementen vun 2006 op 2011, do gesitt Der datt an där Zäit 170 Stéck virgesi waren, an exekutéiert gi sinn 123 an där Zäit. 2009 ware 44 virgesinn an 31 sinn der exekutéiert ginn. Do ass en éischte Beweis dofir, datt d'Bail- a Loyersgesetz seng Folgen hat an net déi bescht. An dat Gesetz misst och adaptéiert ginn. Mir hunn dat hei och gemierkt op der Gemeng vun den Aschreiwungen hier. 2010 ass de Chiffer zeréckgaangen. Et sinn der nach 19 exekutéiert ginn. Wann Dir awer elo kuckt bis haut, op 2011, hu mer schonn 11 Déguerpissementen déi exekutéiert gi sinn. Mir sinn an der Halschent vum Joer, da geet och do de Chiffer erëm an d'Luucht. Et sinn der annulléiert ginn, awer do geet de Chiffer och erëm an d'Luucht, also dat kréie mer bei deenen

2010 am ganze Joer 19, elo an der Halschent vum Joer 11, also och eng Richtung déi kritesch ass.

Dir hutt hannert deem Tableau vun Déguerpissementen d'Situatioun vun den Immeubles inoccupés zu Esch. Ech wéilt duerno drop zeréckkommen. Ech wéilt e puer Saache just nach zum Rescht vum Dossier soen, iert ech op dat Thema hei wëll agoen. Mir wollten e Beispill lech weise wéi en Haus vun de Servicer bei eis ëmgebaut gëtt, geplangt gëtt, wat do virgesinn ass. D'Beispill ass hei ëm den Eck, 5 Grand-rue, Dir erënnert lech vläicht wéi dat ausgesinn huet dat Haus, wéi dat virdu war. Hei kënn vum Service architecte d'Planung, d'Struktur vum Haus, wat passéiert ass, mat Fotoen, wéi dru geschafft ginn ass, vorher/nachher Fotoen. Dir gesitt datt dat Haus wierklech ganz schlëmm ausgesinn huet an a wéi engem Zoustand et elo ass, wou mer jo och d'Locataire dran hunn. Wéi och ale Wunnraum konnt a Stand gehale ginn. En Haus wat vun, mengen ech, 1925/27 ass, wéi ale Wunnraum erhale gëtt, nach mat den hëlzenen Träpen, Biedem, och do passen eis Leit enorm drop op, datt mer dat kënnen esou erhalen, den Zoustand vum Haus. An trotzdem awer kënnen modern renovéieren.

De Kapitel Immeubles à chambres heescht näischt aneschters wéi den Tëschebilan elo dee mer gemaach hu wat eis Cafészëmmeren ugeet. An ech si frou datt déi Stater Gemeng no zitt, no 3 Joer no zitt. Déi gëschter der Press virgestallt hu wéi si an hire Cafészëmmere wëllen elo virgoen. Bei hinnen ass natierlech genau esou eng katastrophal Situatioun wéi bei eis. Ech muss och soen, datt hire Schäfferot virun engem Joer hei war fir iwwert d'Form an d'Aart a Weis wéi mir dat gehandhaabt hunn, informéiert ze ginn. Si hunn e bësselche méi Caféen an Zëmmere wéi mir. Si hunn ugefaangen dat och elo ëmzesetzen dat Konzept, an ech muss soen datt mer se natierlech absolut dofir felicitéieren, well nëmmen zesumme kënnen mer alleguerten eppes maachen an den néidegen Drock maache fir datt och déi Situatioun an de Cafészëmmeren ophält.

Dir gesitt wéi mer virgaange sinn. Mir hunn e Constat gemaach, hunn du fir d'éischt mol e Brëif u sämtlech Cafetieren, Exploitanten, Propriétaires an esou weider geschéckt, wou mer se iwwert d'Situatioun informéiert hunn an iwwert d'Gesetz informéiert hu wat se missten anhalen a wat d'Konsequenze wiere wa se insaluber Zëmmere géifen un hir Leit ubidden. Duerno si Kontrolle gemaach gi mat der Police zesummen. Mir hunn de Leit natierlech och Zäit

gelooss an de Bréif deen deemools erausgaange war, wou nëmmen opmierksam gemaach ginn ass, datt mer wëilten elo reagéieren, deen hat awer schon esou ageschloe gehat, datt wierklech eng ganz Rei Exploitanten a Propriétaire vu Caféen hei op d'Gemeng komm sinn an dee Service och ugebuede kritt hunn, mam Service architecte zesummen, fir ze soe wat heescht dat, wéi setzen ech dat ëm? Wat seet d'Gesetz? Wat muss ech maachen? Déi dat och wierklech wollte maachen a mir hunn hinnen och déi Zäit gelooss fir dat kënnen ze maachen, esou datt sech der awer vill adaptéiert hu well se woussen, soss ass definitiv zou a mir ginn hinne keng Genehmegung méi, respektiv d'Bautepolizei gëtt keng Genehmegung méi fir datt se kënnen weider Cafészëmmere verlounen. 65 Immeublen, Gérante vu Café, Restaurant an esou weider hunn e Courrier kritt. 36 sinn der kontrolléiert ginn. 15 aus dem Beräich Café, Snack, Restauratioun an esou weider an 9 aner Gebaier déi net Horesca sinn. Dat heescht mir hunn insgesamt 60 Immeuble kontrolléiert, 249 Kummere fir eng Persoun an do kréie mer erëm mat, dee Chiffer ass esou héich, well eben immens vill Singlen, nennen ech se elo mol, en Zëmmer sichen oder eng Wunneng sichen. Hei sinn awer och ganz vill Leit dra wat Saisonsaarbechter sinn déi heihinner schaffe kommen oder vun Interimsfirmen, mä mir hunn och, an dat ass och erschreckend, immens vill Jonker a Jonker mat Kanner an de Cafészëmmere wunnen an Dir gesitt dat. 79 Cafészëmmere fir 2 Persounen, 1 fir 3 Persounen, 9 fir 4 Persounen. Ech brauch lech net ze soe wéi esou Zëmmeren a Caféen ausgesi wou 4 Leit dra sinn, meeschtens mat Kanner, dat ass eng grujeleg Situatioun. Dat heescht 338 Cafészëmmere mat 446 Leit dran. A wat immens schlëmm ass, wat bei deene Kontrolle jo och erauskomm ass, dat ass datt mer Privater gemellt kritt hunn, Appartementer, Haiser a Kelleren, sous-louéiert gëtt. Mir hunn hei an Esch méttlerweil wierklech dee Schloftourismus wou am 8 Stonnentakt an ech hunn et scho méi wéi eng Kéier gesot, awer et hëlt zou, am 8 Stonnentakt Better verlount gi vu private Leit. An dat ass einfach eng absolut Katastroph. Jo, a mir haten et, mir haten dat dote schon a mir sinn duerch déi grouss Wunnengsnout amgaangen erëm dorop zréckzekommen. Dir hutt hannert deem kuerze Constat, fannen ech, nach schéi Fotoen, op de Fotoen op d'mannst, wéi esou en Zëmmer, e Cafészëmmer ausgesäit. Als Erklärung wëll ech dozou ginn, datt an deem Café méi Zëmmer sinn déi

immens spartanesch natierlech ageriicht sinn an dat wat do als Kichefoto ass, gëtt vun 12 Leit, ech mengen et sinn der 12, aus dem Haus genotzt an och d'Kichen, d'Kichen an d'Buedzëmmer. Also esou sinn och Situatiounen vu Cafészëmmere woubäi ee wierklech muss soen, datt en absoluten Effort vun enger ganzer Rei Cafetieren hei zu Esch gemaach ginn ass. Hannendrun am Unhang sinn 3 Dokumenter déi mer lech mat bäigeluegt hu fir lech iwwert d'Diskussiounen, Débaten, Propositionen déi am Moment hei um nationalen Niveau, awer och um europäeschem respektiv internationale Plang op ënnerschiddlechen Niveaue gefouert ginn, als Informationsmaterial ze weisen. Dat stellen ech net vir. Ech soen lech just, datt et gutt ass an et interessant ass eng Kéier dran ze kucken, well Dir mierkt, datt de Statsminister dëst Joer am Etat de la Nation jo drop higewisen huet, datt hien och net méi eng Rei Situatiounen a besonnesch Opdachlosegkeet hei zu Lëtzebuerg géif akzeptéieren an et lafen op ënnerschiddleche ministeriellen an interministerielle Gruppen Diskussiounen déi och hei an Zesummefaassungen dra sinn, iwwer prekär Situatiounen wéi zum Beispill a Caféen, Privathaiser a Kellere wou ebe Propriétaire vun der Nout vun de Leit profitéieren. Esou guer an engem Dokument huet d'Union des Entreprises Luxembourgeoises, also d'UEL bestätegt, a verschiddene Rapporten, wéi grouss d'Wunnengsnout ass hei am Land a si mécht Proposen déi vläicht an der Konklusioun net ëmmer onbedéngt eis sinn, awer si mécht Proposen a wëll och hiren Deel dozou bäidroen. D'Europäesch Parlament huet eng Deklaratioun gemaach, de Problem vun der Obdachlosegkeet an der Strooss bis 2015 beenden ze wëllen. 2015 ass iwwermer! Mat deem ganzen Drock dee besteet, muss sech der awer nach eng ganz Rei eppes afale loosse fir dat kënnen ze realiséieren. A virun allem soll bei deene Jonken endlech eng Strategie entwéckelt gi wéi si zu abordablem Wunnraum kommen an da schwätze mer net nëmme vu kafen, wat jo e Virus ass hei zu Lëtzebuerg, datt d'Majoritéit vun de Leit wëll Propriétaire ginn, wat u sech näischt Schlechtes ass wann d'Präisser stëmmen, awer datt immens vill Leit dovunner betraff sinn déi eben deem ganzen nokucken a wunne mussen goen an do genau ass d'Situatioun ganz grave. D'Europäesch Union, an och hei am Land gëtt driwwer diskutéiert, d'Situatioun och vun de Leit, vun den Immigranten, soe mer mol, den Net-Lëtzebuerger, den Asylanten ze verbesseren, déi illegal Wunnsituatiounen ze stoppen, ech schwätze vu Camping, och hei zu

Esch hu sech eng ganz Zäit laang Leit um Camping ugemellt. Déi Situatioun ass elo geregelt mat eisem Foyer de nuit, awer et geet nach laang net duer.

Da gëtt et och um private Maart nach ëmmer immens vill Leit déi a Wunnenge sinn déi surpeupléiert sinn, wou vill ze vill Leit op enkem Wunnraum zesumme sinn, déi awer déi Wunnenge loune well se net méi kënnen ausgi fir sech 2, 3 oder 4 Zëmmer fir hir Kanner ze leeschten.

Dann natierlech gëtt och ugepaakt national an och endlech muss ee soen, déi prekär Situatioun fir Leit déi aus Prisong oder Therapie kommen. Ech mengen datt mir do mam gudden Beispill virginn duerch déi Konventiounen déi mer mat sozialen Organisatiounen schon hunn. An och hei zu Esch, wat um europäeschem Plang och elo gefuerdert gëtt, Offer ubidden fir Leit déi an der Urgence sinn, schwätze eise Foyer de nuit. Da fir déi déi e Logement encadré an accompagné brauchen. Och do bidde mer un an um Enn vum Joer gëtt do e grouse Projet fäerdeg bis hin datt d'Leit da kënnen autonom erëm wunne goen, soit um private Maart oder eben och an eise Wunnengen, wann ech dann elo fir déi Escher schwätzen.

An da gëtt et e Guide ganz hannen am Dokument dee bidden ech wierklech jiddweree sech unzokucken. Et ass e Manuel pour les décideurs politiques. Um europäeschem Niveau mat nationale Beispiller aus verschiddene Länner déi vun der FEANTSA ausgeschafft ginn ass. D'FEANTSA ass d'Fédération européenne des associations nationales travaillant contre le sans abris, géint d'Opdachlosegkeet an do si mir als Escher zënter e puer Joer mat Mitglied an an där Organisatioun dobäi. An et ass e Guide wou ech wierklech lech un d'Häerz leeën dat unzokucken.

Ech géif elo op déi aner Situatioun dann zeréckkommen, op déi Situatioun nach eng Kéier konkret hei zu Esch. Op Grond vum Recensement vum 15. Oktober 2010 hu mer eng éischt Analys gemaach op Grond vun deenen Donnéeë wéi gesäit dann d'Situatioun aus hei zu Esch bei den Immeubles inoccupés? An Dir gesitt hei an Ärem Dossier, datt mer hei zu Esch 195 Haiser eidel stoen hunn, 653 Appartementer an 9 Zëmmeren. Zëmmeren déi kënnen verlount ginn u Studenten, un eenzel Leit. Dovunner an Neibauten, also an neie Konstruktiounen sinn et 17 Haiser an 165 Appartementer. An der Enquête ass iwwregens och nach dobäi erauskomm, datt mer 10 Maisons Ruinen, nenne mer se mol esou, stoen hu wou mer jo och als Gemeng probéieren dat aus de Féiss ze kréien, endlech, wou Hai-

ser zesumme falen, déi geféierlech sinn, also 10 Stéck. Dat sinn Donnéeën déi mer elo mol aus deem Recensement eraus hunn an Donnéeë wou eng ganz Rei vun deenen och schonn 2009 dra stoungen, dat heescht esou wéi d'Gesetz oder de Pacte Logement et virgesäit, 18 Méint eidel stinn. 18 Méint. Dëst ass eigentlech, ass net eigentlech, ass eng inakzeptabel Situatioun. Bei iwwer 500 Demanden eleng bei eis op der Gemeng. Ech konnt net méi de Chiffer nofroe wéi vill Demande beim Fonds de Logement fir Esch sinn, awer ech denken esou wéi de Rapport war vum Fonds de Logement, ass déi Zuel och, déi geet och an d'Luucht, ass dat eng inakzeptabel Situatioun. Mir hunn eng Entwécklung um Wunnengsmaat, 2009 sinn 8.000 Leit an d'Land komm, Bevëlkerungswuesstum, a wann ee weess, laut Etuden déi hei am Land gemaach gi sinn, datt an den nächste 15 Joer 70.000 Wunnenge feelen, da kann een eigentlech déi dote Situatiounen net méi akzeptéieren.

Den Ombudsman huet a sengem Rapport gesot, datt hien ëmmer méi Kloekritt vu Leit déi sech an enger enorm grousser Détresse befanne well se hir Wunneng verléieren, op d'Strooss gesat ginn, Bail- a Loyersgesetz gegruff huet, si fannen näischt aneschtens an d'Entwécklung vun de Plaintë bei der Mietskommissioun sinn amgaangen zeréckzegoen. Dat ass net positiv, well elo wierklech eppes passéiert ass an Haiser adaptéiert gi sinn, mä dat ass absolut negativ, well enorm vill Leit, an dat seet och den Ombudsman, Angscht hu méttlerweil, Angscht hunn eng Plainte ze maachen op der Mietskommissioun. Si komme sech informéieren. Mir hu kierzlech eng Situatioun gehat wou e Locataire koom dee vun engem Mount op deen anere säi Loyer vu 550 op 750 Euro gehéicht kritt a sech dunn net getraut huet de Schratt weider ze maachen, aus Angscht erausgesat ze gi well esou eng grouss Wunnengsnout ass an natierlech de Propriétaire direkt ee fénnt deen dat heite bezillt.

Iwwerschuldung, Chômage, Scheedung, Kuerzaarbecht, all dat sinn Ursaache firwat dréngend soziale Wunnengsbau hei benéidegt gëtt zu Lëtzebuerg an och hei zu Esch. Awer ech wëll betounen, och zu Lëtzebuerg.

Dir gesitt déi Chiffre vun den Immeubles inoccupés. Mir wëllen direkt ufänke mat eisem Service Logement zesummen an de betraffene Servicer op de Wee ze goe wéi mer et bei de Cafészëmmere gemaach hunn. Mir wëllen déi Propriétaire vun deenen Appartementer an Haiser uschreiwten. Et ass en Aarbechtsgrupp

deen iwwert de Summer elo fonctionnéiert, dat geet iwwert de Service Logement eraus. Hei mussen och aner Servicer mat schaffe wéinst de genauen Adressen, der Durée. Mir setzen en Aarbechtsgrupp direkt a fir de Leit unzbediden, si kréien e Bréif vun eis, fir de Leit unzbediden, de Propriétaires unzbediden, eng Offer ze ginn a se ze informéieren iwwert d'Gesetzgebung oder dat wat se kéinte maache mat hirem Haus an hirer Wunneng déi eidel stinn. Mir mengen datt dëst en éischte richtege Wee ass dohinner ze goen, well mir hu mat der Agence immobilière sociale déi jo hei zu Lëtzebuerg och aktiv ass, Kontakt gehat. Déi hunn am Joer 2010 60 Logementer un 171 Leit verlount. Dovunner 94 Kanner. Si hu 603 Dossieren en attente. Déi Leit, déi Propriétaires déi sech bei der Agence immobilière sociale gemellt hunn, déi haten zu 80% hiert Haus oder hir Wunneng eidel stoen. A vill Leit hunn dunn d'Informatioun do kritt. Mir wëllen och mat deenen enk zesumme schaffen a versichen iwwert dee Wee d'Leit dohinner ze vermëttelen, well d'ALS iwwerhëlt d'Vermëttlung, d'Vermietung an d'Renovatioun. Si hunn eng Konventioun mam Ministère du Logement a Ministère de la Famille, mir wëllen awer an deem Beräich och weider aktiv ginn. Vill Leit sinn net informéiert wat et un Hëllef gëtt hei zu Lëtzebuerg. An dat mierke mer immens gutt un de Präsenzen, oder de Leit déi hei an eisem Service, dee mer jo och ubidden, vum Ministère, déi an den Info Logement kommen. Do ass d'Zuel hei ënne beim Biergeramt réckleefeg an déi Leit déi do an d'Consultatioun ginn, well net bekannt ass no bausse wat een un Hëllef ka kréien, mä awer och wat d'Suite si wann ee verschidde net ëmsetzt. Mir wëllen och do méi effizient zesumme schaffen. Iwwerens si mir déi eenzeg Gemeng och déi dee Service ubitt. Niewent natierlech dem Ministère si mir déi eenzeg Gemeng, well mer geduecht hu mir huelen déi Leit heihinner, dann ass et méi einfach, déi Escher kennen dohinner goen.

Mir wëllen d'Leit informéieren iwwert en eventuelle Mietkauf, datt se 100% kréie wa se Studentewunnenge maachen. Bei Asylanten och, dat wäert der wahrscheinlech net vill vum Hocker rappen, awer mir wëssen, datt zum Beispill och e private Propriétaire sech gemellt huet beim Ministère fir Asylantefamillje bei sech eran an d'Haus ze huelen, wat eidel stoung. Mir wëllen op dee Wee goen déi Propriétaires an der Form sérieux ze informéieren, esou wéi mer et bei de Cafészëmmere gemaach hunn, fir dann an enger zweeter Phas eréischet no deene Mesuren

ze gräifen déi de Pacte Logement och virgesäit. Ech muss lech soen, datt an der Vergaangenheet schonn de Service Logement fonctionnéiert huet fir Leit ze hëllef. Mir hunn eeler Leit déi sech gemellt hunn, déi sech ageschriwwen hunn, ech schwätzen ëmmer vun der berühmter Bomi déi kënnt an hiert Haus eidel stoen huet, déi keng Famill huet, déi net weess wéi se sech soll uleeën a wou deemools de Müller Arthur virun allem och mat esou Leit dann zum Beispill bei den Notaire gaangen ass, gesot huet, wat muss op der Bank geschéien? Wéi eng Akte musse gemaach ginn? A wou d'Fra dann iwwert dee Wee Hëllef kritt huet. Also och vill eleng stehend Personnen déi net wësse wat se solle maachen.

Et gëtt dee Projet Babuschka, deen de François Biltgen virun 3, 4 Joer der Éffentlechkeet virgestallt huet, wou Leit déi an Haiser wunnen, kënne Studenten eranhuele während enger gewëssener Zäit. Studente vun der Uni kënnen eranhuelen, wat am Ausland vill genotzt gëtt an déi wou da kleng Aarbechte maache fir déi eeler Leit doheem. Och dat sinn alles Saachen déi einfach net genuch oder net méi bekannt sinn an iwwert all déi Saache wëlle mer am Virfeld d'Leit informéieren wat fir eng Méiglechkeete se hunn.

Wéi gesot, mir sinn amgaange mat dem Aarbechtsgrupp dee sech iwwert de Summer elo wäert treffen a wou mer dann déi Leit wäerten uschreiw fir se opmierksam ze maachen op hir Situatioun a wäerten dann duerno an déi Richtung goe wéi verschidde Mesuren am Pacte Logement et virgesinn a fir et dann einfach eng Kéier auszuschwätzen, ze taxéieren. Och do si mer amgaangen d'Form erauszesechen iwwert wéi e Wee et soll gemaach ginn.

Ech wëilt heimat ofschléissen awer net ouni wierklech e riesegrouse Merci virun allem elo mol eng Persoun lass ze ginn, deen haut net hei ass, an deen och an enger Woch an d'Pensioun geet, esou wéi vun der Schoulkommissioun de Roby Gengler. Haut an enger Woch geet de Müller Arthur an d'Pensioun deen enorm laang elo um Logementsdossier geschafft huet – bekannt ville Leit ënnert dem Numm Beppo – deen haut leider net kann hei sinn, well hien e Rendez-vous huet. Hien ass nach d'nächst Woch 3 Deeg hei. Ech wëilt him e ganz grouse Merci soe fir an deene leschte Joeren do mat mir zesummen op deem Dossier geschafft ze hunn. Ouni hie wier villes net gaangen, hätte mer villes net realiséiert kritt an de Gespréicher mat Locataires, mat Demandeuren. Jiddweree kennt den Arthur. Entgéint deem wat vill

Leit mengen, hien ass streng awer gerecht, mä hien ass och sensibel an afühlsam. An dat hunn ech enorm oft matkritt an ech wëll him einfach fir seng immens Aarbecht déi hien iwwert déi leschten 11 Joer wou ech am Fong geholl mat him zesumme geschafft hunn, e ganz, ganz grouse Merci soen an him eng gutt Pensiou wënschen. Et ass awer en Nofolger jo fir de Müller Arthur komm, dat ass de Poncelet Jos an och am Service den Tom an och deenen zwee e grouse Merci well si vill un dësem Dossier hei, d'Majoritéit vum Dossier elo gemaach hunn. Eng super Equipe an och e würdegen Nofolger fir de Müller Arthur an op där anerer Säit wëll ech och dem Jost Tun an dem Alff Claude Merci soen déi bedeelegt waren oder déi déi éischt Auswärtung vun där Analys gemaach hu vun deenen Immeubles inoccupés. Dat ass net evident a mir wäerten an Zukunft do nach méi Problemer kréien, well Ännerunge vum Gesetz kommen. An dat net méi einfach kann iwwert de Recensement gemaach ginn. Och do muss mer eng Form fanne wéi mer un déi Donnéeën dann erukomme wäerten. Also hinnen och e grouse Merci, well dat war net einfach dat alles eenzel nozesichen. Dëst zu der Wunnengssituatioun. Ech soen lech e grouse Merci.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Madame Spautz. Ech hat elo déi Häre Jaerling a Codello gesinn. Den Här Jaerling, den Här Codello, den Här Huss.

Aly Jaerling (Indépendant): Merci, Madame Buergermeeschter, ech mengen et kann ee sech och nëmmen de Mercie vun der Madame Spautz un déi Verantwortlech déi hei an deem Dossier matgeschafft hunn, uschléissen. Awer och hir e Merci fir déi grouse Aarbecht a besonnesch och fir hiert sozialt Engagement wat se och am Wunnengsberäich ëmmer un den Dag bréngt. Ech mengen et ass net einfach a wa mer an deem Dossier eragesinn, dann ass déi Zuelen déi do stinn, an déi Texter déi do stinn, da spigelt dat nach laang net dat erëm wat de Misère deen do hannendrun hänt, wat dat mat sech bréngt.

Ech wëll mol einfach awer op eppes zeréckkomme wat d'Madame Spautz gesot huet a wat am Fong de Statsminister zwee mol an der Lag vun der Natioun gesot huet, am Beräich vum Logement hätte mer se net all beieneen. Mä ween ass „mir“? Dat ass hie mat senger Regierung, well hie ka jo net vun eis schwätzen. Ech huelen och un dass hie vun deene geschwat hunn déi verantwortlech si fir déi ganz Präisexplosioun

déi et am Fong am Wunnengsbau gëtt. Oder schwätzt hien och vun all deenen déi verantwortlech ware wéi am Traité vu Lissabon d'Recht op Wunnen an d'Recht eng Wunneng ze sichen ëmgewandelt ginn ass. Och dat gehéiert dozou, dass eng aner Situatioun entsteet an dass d'Rechter vun deene Leit déi eng Wunneng sichen, ageschnidde ginn, offiziell ageschnidde gi vun engem Traité, an net nëmmen hei a Lëtzebuerg, mä a ganz Europa. An dat spigelt sech einfach erëm. An dat spigelt sech och an engem Loyersgesetz erëm wou och erëm alt eng Rei Restriktiounen fir déi Leit mat erabruecht gi sinn déi eng Wunneng sichen. Ech mengen een deen eng Wunneng sicht a loune geet, huet Rechter. Mä hien huet och Flichten, mä et duerf awer net esou wäit goen, dass déi Flichten d'Rechter iwwerweien an dass de Mensch, den Individuum am Fong ëmmer den zweete Präis kritt.

Ech wëll mol nach eng Kéier ervirhiewen, dass déi déi a mengem Alter sinn, déi wëssen dass an der Zäit konnt ee mat enger Pei lues en Terrain kafen an duerno lues mat enger Pei bauen. Haut geet et mol net méi duer mat zwou Peie fir den Terrain ze kafen. Haut si mer an der Situatioun, dass praktesch all Famill muss zu zwee schaffe goen, dass dat och dann nach knapps duergeet fir iwwert d'Ronnen ze kommen, dass dat Konsequenzen huet op d'Famill, dass d'Elteren net méi esou fir hir Kanner do si fir se op d'Liewe virzebereeden. An dat huet dann och Konsequenzen am Fong op eis ganz Gesellschaft an et huet och Konsequenzen eben drop, op de Wunnengsmaart. Wat net hei ernimmt ginn ass, ass dass och ganz vill Wunnenge mol net verlount ginn u Famillje wou Kanner hunn. Ouni mol vun den Déieren ze schwätzen. Ech mengen och dat soll ee mol eng Kéier ernimmen, dass do och Retizenze sinn. An dass och ganz vill Wunnengen eidel stinn aus Spekulationsgrënn. Ech mengen och dat gehéiert dozou.

Dann d'Präisser vun de Wunnenge wann ee loune geet. Wann ee weess, dass mer hei an Esch 18% vun de Leit hunn déi den RMG hunn, iwwer 20%, an d'Moyenne vun de Leit an d'Landesmoyenne vun de Leit déi den RMG hunn ass 3%. Mir hunn hei zu Esch 18%. Dass mer hei zu Esch praktesch iwwer 20% Leit hunn déi an der Aarmut liewen oder souguer am Aarmutsberäich, da sinn et der nach méi, da muss ee sech eng Rei Froe stellen, da muss ee sech eng Rei Froe stellen, wéi gesäit deene Leit hir Situatioun aus wann déi Wunnengssituatioun do an Zukunft esou weider geet oder nach explodéiert? Wat maache mer mat deene Leit? Wéi vill

Sozialwunnenge kënnen mer iwwerhaupt bauen? Wat fir eng Moyenen hu mer fir Sozialwunnengen unzebaue wann d'Nofro ëmmer méi grouss gëtt a wa praktesch elo schonn de Mindestloun net méi duergeet fir eng Wunneng ze siche fir an Dignitéit ze liewen. Wann ech gesot hunn an der Mënscherechtskonventioun do steet d'Recht op d'Wunnen dran, mä do steet awer och dra wat d'Recht op Wunne gemengt ass. Recht op Wunnen, do ass gemengt, dass een an Dignitéit ka wunnen, dass een ënner normale Voraussetzunge ka wunnen an ech kann lech, an ech menge mir wëssen et alleguerten, dass all déi Leit déi de Mindestloun hunn an net méi wéi 7 oder 800 Euro kënnen fir eng Wunneng ausginn, ech mengen dass déi wäit vun enger Wunneng ewech si wou se kënnen an Dignitéit liewen.

An da muss ee sech d'Fro stellen, kann een elo einfach soen, d'Verantwortung läit net bei der Gemeng. D'Gemeng ass net Schold un der Situatioun, mä ech froe mech dann awer, all déi Gemengepäpp a -mammen, deenen hir Parteien an der Regierung sëtzen elo schonn iwwer 20 Joer, a wou elo op eemol de Statsminister erkennt, dass mer awer eng ganz kritesch Situatioun hu wat Wunneng ubelaangt, an dass mer eng kritesch Situatioun hu wat den Aarmut hei am Land, ma da froen ech mech awer, waren déi dann elo déi lescht 20 Joer vun dass dee Statsminister do ass am Exil? Oder wou ware se? Waren déi net hei am Land, dass se dat elo réischt matkréien? Oder huet een hinnen dat iergendeen elo eréischt matgedeelt? Ech mengen dat si mol Froe wou ech stellen. An dann d'Verantwortung? Wou läit d'Verantwortung? Ma d'Verantwortung läit einfach, well hei am Land eng ganz Rei Gesetzer gemaach gi wou Lobbyiste bestëmmen wou et higeet. Wou net d'Vollek bestëmmt, wou net d'Regierung bestëmmt, mä wou Lobbyisten hannendru sëtzen a bestëmmen a wat fir eng Richtung dass et geet. A wou dann ëmmer déi Regierung, egal wéi se heeschen, egal ween do dra sëtzt, dann ëmmer erëm virun deenen d'Box erofloossen an ëmmer erëm sech an den Eck dränge loossen an da komme mer an déi Situatioun, net nëmmen am Wunnengsbau, mä och wat d'Lounpolitik ubelaangt an och wat d'Hëllef un d'Familljen ubelaangt. Ech mengen da komme mer an déi Situatioun an dat ass de Problem. Et sinn net méi d'Regierungen déi bestëmmen an engem Land. Et sinn d'Lobbyisten. Et sinn d'Lobbyisten déi zu Bréissel bestëmmen, wou eng Rei Direktive kommen, wou engem d'Schudder ausginn, déi de Leit de leschte Frang aus der Täsche zéien. Ech wëll nëmme kucken

d'Waasserdirektive wou mer do Problemer kréien. Ech wëll nëmmen un d'Taxen erënnere wou de Käschtendeckungsprinzip d'Leit futti mécht. Ech mengen et ass also net nëmmen d'Wunnengssituatioun déi hei am Land oder hei zu Esch Problemer maachen. Et ass déi Gesamtsituatioun wat mer eise Bierger opdrängen an et ass doduerch, wou eis Bierger ëmmer méi a Bedrängnis kommen a wou déi Aarmut déi mer hunn, eben duerch déi falsch Politiken déi bedriwwen gi sinn, souwuel um Gemengeplang wéi och um nationale Plang. Duerch déi falsch Politiken déi bedriwwen ginn, komme mer an déi Situatioun. A mir kënnen nach 10 Joer hei driwwer schwätzen a mir kënnen och elo higoen a soen déi eidel Wunnengen, elo maache mer do mol en Opruff, elo maache mer mol eng Motivatiounscampagne dass déi solle verlount ginn, mä da muss ee sech mol froe fir wat gi se net verlount? Engersäits well der do sinn déi se net brauchen ze verlounen an déi dann Zäit hu fir op een ze waarden deen hinnen dat gëtt wat se gären hätten. An dann zweetens ass nach eng aner Situatioun. Et ginn nämlech déi gesetzlech festgeluegte Mietpräisser net respektéiert vun de Propriétaires. Do ass och de Problem an do ass et einfach aarmséileg wann de Mieter, dee keen Daach iwwer dem Kapp huet, wann deen eng Wunneng lount, an dee Präis bezilt eben deen e muss bezuele well hie keng aner Wiel huet, wann deen dann och nach bei d'Mietkommissioun geet a sech op déi gesetzlech Bestëmmungen iwwert d'Mietpräisser beriff, wat geschitt dann? Ma da sëtzt hien op der Strooss. Méi geschitt net, net méi an net manner. An dofir si vill Leit déi sech ducken an et wär um Stat fir Kontrollinstanzen opzesetzen iwwert déi effektiv Mietpräisser déi duerfe gefrot ginn an iwwert déi Mietpräisser déi effektiv bezuelt ginn. Awer do ass keng Kontrollinstanz do. Do mussen d'Leit sech selwer d'Fanger verbrennen. Do mussen d'Leit selwer hiert Recht sichen an ech fannen dass dat de falsche Wee ass. Ech menge wann e Gesetz gestëmmt gëtt wou kloer Präisser dra stinn, wat duerf gefrot ginn, da kann et net sinn, dass dat dem Mieter dann iwwerlooss gëtt, fir dass dee muss eng Plainte maache fir dass hien zu sengem Recht kënn. An do sinn d'Problemer. An et ass och do wou vill Leit fäerten a vill Leit fäerte keen Daach méi iwwert dem Kapp ze hunn an hir Situatioun ëmmer méi schlecht gëtt, well wa se déi Mietpräisser musse bezuelen déi verlaangt sinn, da kann ech lech soen, jo dann dreiwéi mer déi Leit, obwuel dass se en Daach iwwert dem Kapp hunn, nach

ëmmer méi an den Aarmut. Da kënnen se hir Kanner net méi normal erzéien, se kënnen sech keng Liewensqualität leeschten an do läit de Problem. A wann déi Politiken alleguerten net geännert ginn, da kënnen mir hei esou vill Mesuren an esou vill schwätze wéi mer wëllen, da kënnen mir soen, mir bauen nach esou vill Sozialwunnengen, mä mir hunn an Esch mol keng Plaz méi fir normal Wunnenge weider ze bauen. Ech mengen do si mir als Gemeng, ech géif mengen, eng mat deene begrenzten aus dem ganze Land an da wou solle mer dann nach Sozialwunnenge bauen. Mir kënnen natierlech wéi elo an der Stad se de System gemaach hunn, hire Baulückeprojete, wou se da Baulücken huelen a soen do maache mer Sozialwunnengen oder do maache mer Wunnengen zu erschwéngleche Präisser. Mä wat geschitt dann och do? Oder wa mer Baulücken hei an Esch, da geet dat op Käschte vun de Grénganlagen. Da geet et och op d'Käschte vun där Liewensqualität. Also hei an Esch si mer onheemlech begrenzt wat Logementspolitik ubelaangt, besonnesch wat elo neie Wunnengsbau ubelaangt. An ech menge wa mer elo d'Nonnewise fäerdeg hunn, da si mer bal um Enn. Ech mengen ech hunn dat scho viru Joere gesot, et war déi eenzeg Plaz wou mer nach konnten expandéieren. Da si mer bal um Enn a wat maache mer dann duerno? An iwwerhaupt,

(Interruption)

Wéi? Jo, gutt, ech mengen et ass einfach,

Une voix: Wa keng Plaz do ass, ass keng do.

Aly Jaerling (Indépendant): Jo, nee, Dir zitt lech ëmmer esou einfach aus der Verantwortung, mä ech weess, dass zu Esch, wësse mer allerguer dass mer keng aner Moyenen hunn, mä ech schwätzen hei iwwer Esch eraus, dass Dir lech als Parteien déi an der Verantwortung sëtzen, mol sollt Gedanke maachen iwwert déi Situatioun a wat fir eng Moyenen dass mer hu mol fir iwwerhaupt déi Wunnengspräisser an de Grëff ze kréien. Net nëmme wat d'Lounen ubelaangt, mä och wat Verkafen ubelaangt. Ech mengen och do déi Kafpräisser, et ass jo net méi normal wéi déi ëmmer erëm prozentual sech entwéckelen ouni dass iergendeng Ursach do ass, dass déi Valeure vun deenen Objeten déi verkaaft ginn, dass déi zougeluegt hunn. Well wou ass de Beleg wann een am Mietgesetz oder Kafgesetz, wann ee kuckt am Mietgesetz wann eng Revalorisatioun kënn vun engem Objet, dann huet een d'Recht all dräi Joer dat eng Kéier unzepassen an da

muss een awer säin Invest virweise firwat dass ee méi ka froen. Mä wéi ass et mat Objeten déi verkaaft ginn? Mat Objeten déi verkaaft ginn ass et ganz anescht.

Ech wëll just nach eng Kéier soen et kann nëmmen iwwert d'Ännerung vun enger Rei vu Politiken en Émdenke kommen. Mir wëssen dass dat net vun haut op mar geschitt, mä ech sinn awer der Meenung, dass een och vum Gemengeplang aus kann awer vill Impulser setzen, och vläicht mat Pilotprojete virgoen déi ee muss ausschaffen.

Dann nach zum Schluss ass et och esou, dass zum Beispill wat ech elo gewuer gi sinn, beim Öko-Pass, dass do deen nëmme Gültegeet huet, nëmme gefrot gëtt wann en Objet verkaaft gëtt. Ech sinn do einfach der Meenung, dass den Öko-Pass och misst am Fong virgeluegt ginn, wann eng Wunneng verlount gëtt. Ech mengen dat ass am Gesetz net virgesinn, mä ech mengen dat wär och mol e Wee fir ze kucken fir dass eng Rei Wunnengen d'office, ier se verlount ginn, mussen an engem valablen Zoustand sinn. Och dat si Saache wou kënnen mol mat an d'Diskussioun bréngen.

An da wann ee seet, et wëll een eng Taxe aféiere fir Wunnengen déi esou laang eidel stinn, gutt, da muss ee sech gutt iwwerleee wat ee mécht. Well och do, och do soen ech, ass zwar gesetzlech méiglech dass een dat um Gemengeplang ka maachen. Mä och do missten déi national Politike Regelunge fannen a mer wëssen awer, dass dann och do alt erëm eng Kéier de Lobbyismus wäert iwwerhand kréien an dass dat net esou einfach wäert si fir esou eng Taxe anzeféieren. Dat gesot, ech sinn einfach der Meenung, dass mer dat Recht op d'Wunnen erëm eng Kéier esou sollen definéieren wéi et an der Mënscherechtskonventioun steet an dass mer sollen dofir suergen, dass all Mënsch Recht op eng digne Wunneng kritt an dass mer einfach mussen iwwer eise Schiet sprangen an déi politesch Responsabel och dann hir Responsabilitéit sollen iwwerhuelen an och mol eng Kéier kloer Akzenter setzen, dass mer an déi Richtung ginn.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

Merci, Här Jaerling. Et sinn elo nach agedroen déi Häre Codello an Huss an Zwally a Baum. Awer d'Reiefolleg sinn ech mer elo net méi sécher. Solle mer mol mam Här Codello elo weiderfueren an dann den Här Zwally, den Här Baum an den Här Huss.

Daniel Codello (LSAP): Madame Buergermeeschter, den Här Weidig schreift sech och nach an d'Riedelëscht an.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Jo, tiptop.

Daniel Codello (LSAP): Merci, Madame Buergermeeschter, och Merci, Madame Spautz. Si huet eppes agefouert als Logementsschäfte wat als Gemengerot ze begrëissen ass, datt se méi oder manner regelméisseg mat engem Rapport iwwert d'Situatioun vun de Gemengewonnen hei an dee Conseil kënt a wou mer da kënnen dat als Grondlag huele fir iwwert d'Wunnungsbaupolitik hei an Esch och ze diskutieren.

De Logementsminister huet rezenterweis gesot, datt d'Wunnungsbaupolitik net zu enger obligatorescher Aufgab vun enger Gemeng zielt. Hien huet awer zur gläicher Zäit gesot, datt hien d'Gemengen als privilegierte Partner wat d'Wunnungsbaupolitik ugeet, ugesäit a virun 2 Woche war och dee Sujet Logement duerfir erausgesicht ginn op dem Buergermeeschterdag zu Munneref wou de Logementsminister an enger ganz flotter an och interessanter Presentatioun déi 21 Punkte vum Paquet Logement – well et gëtt jo elo nieft dem Pacte Logement och de Paquet Logement – virgestallt huet an dat enger Gemeng ganz vill Mesuren an de Grapp gëtt fir op dem wunnungspolitesche Plang kënnen aktiv ze ginn.

D'Politik ass gefuordert, Madame Buergermeeschter, wéi gesot um nationale Plang. De Pacte Logement dee mer mëttlerweil 103 Gemengen ënnerschriwwen hunn, dorënner och mir, d'Escher Gemeng als eng vun den éischten. Net méi spéit wéi dës Woch huet d'Chamber och mat deem neien Amenagementsgesetz e weidere Schrëtt gemaach wat d'Wunnungsbaupolitik méi flott mécht, well dat neit Amenagementsgesetz dat huet méi schnell Prozeduren an och eng Vereinfachung vun de Prozedure mat sech bruecht an ech hoffen, dat wäert elo am Hierscht a Kraaft trieden an ech mengen och dat Gesetz dréit dozou bäi datt um Gemengeplang méi schnell ka reagiert ginn um Wunnungsmaart.

Dann um kommunale Plang, wéi gesot, et ass keng obligatoresch Missioun vun enger Gemeng, duerfir wäert et och esou sinn, dass d' Stad Esch nieft der Haaptstad schonn zënter Joerzénge eng Virreideroll spilt wat hire Wunnungsbau ugeet, well mir sinn nieft der Stad Lëtzebuerg déi eenzeg responsabel Gemengen an deem doten Domaine an hunn eis och nach ni geschuddert eis Responsabilitéit do ze iwwerhuelen. Mir huelen eis Roll och an dem Bau vu soziale Wunnungen. Mir sinn eng sozial engagéiert Stad, mir hunn dat zënter Joerzénge bewisen, mir brauchen do viru kengem an och virun

anere Gemengepäpp a -mammen eis ze schummen. Mat 463 Unitéite wéi et aus dem Rapport ausheet, sinn 338 dovunner Sozialwunnungen. Eist sozialt Engagement geet weider, d'Madame Logementsschäfte huet et gesot, datt mer 22 Nationalitéite mëttlerweil an deene soziale Wunnungen do wunnen hunn, mä och dass mer 20 Unitéite reservéiert hu fir behënnert Matbierger. Dëst ass e ganz wichtege Aspekt och wann ee vu Wunnungsbaupolitik schwätzt, dass een dat net nëmme fir sou ze soen de soit disant normale Bierger mécht, mä dass och eis behënnert Matbierger do mat erageholl ginn.

Wunnungsbaupolitik ass och e ganz wichtege Domaine wat d'Stadentwécklungspolitik vun enger Gemeng ugeet. Stadentwécklungspolitik déi sech an der nächster Zäit ëmmer méi muss méi transversal definieren. Sozialpolitik ass en Deel vu Stadentwécklungspolitik. Schoulpolitik wat mer virdu geschwat hunn, mir hunn dat d'leschte Kéier scho mat engem, mat dem Secteursplang duerch diskutiert an d'Stadentwécklungspolitik muss eigentlech déi Zeeche setzen, datt eng Mixité sociale duerch d'Wunnungsbaupolitik ka garantéiert ginn. Well den Här Jaerling huet et selwer gesot, hautdesdaags ass et schwéier dass wann eng Koppel zu zwee schaffe geet, datt déi och scho bal den Terrain sech net kënnen leeschten. Dat heescht, datt d'Wunnungsbauproblematik och mëttlerweil d'Classe moyenne vun eiser Gesellschaft betrëfft. Dass déi schonn a Schwieregkeete sinn an net nëmme Leit déi a soziale Schwieregkeete sinn. Mä mëttlerweil ass och de groussen Deel vun eiser, de grouse Maillon vun eiser Gesellschaft, nämlech d'Classe moyenne sinn och hautdesdaags finanziell betraff wat d'Wunnungsbaupolitik ugeet.

Loosst mech nach e puer Bemierkunge maachen zu eise Immobilienpark. Mir begrëissen natierlech déi konstant Moderniséierung a Renovatioun vun de besteende Logementer. Ech mengen d'Madame Spautz ass do och an d'Detailer gaange wat d'Recetten ugeet déi mer vum Stat do kréien. Do hu mer och beim Stat elo schonn ouni de Paquet Logement e ganz wichtege Partner, mä mir begrëissen och weiderhin d'Acquisitioun vun neiem Wunnraum. Wa mer och net eis kënnen expandéiere wéi den Här Jaerling et schonn hei gesot huet, mir wësse selwer och als responsabel Politiker, dass mer un eis Grenze stoussen. Esou muss mer dann awer och vläicht d'Acquisitioun vu bestehendem Wunnraum an eise Park mat abannen an deem dann an eise Park da mat integrieren.

Drëtte Volet deen eis an Zukunft bevirsteet, dat ass dee vun de Studentewunnungen. Net als zukünfteg Universitëtsstad well mir sinn et, ech ginn et net midd hei ze soen, mir sinn et zënter dem 23. Dezember 2005 wou d'Regierung d'Décisioun geholl huet, muss mer elo op de Wee goe Studentewunnunge massiv op Escher Territoire ze créieren. D'Madame Buergermeeschter huet ënner Korrespondenz déi flott Nouvelle do matgedeelt. Ech wollt just soen an deem Kontext, well ech ënner Korrespondenz net konnt froen, froen ech et am Sënn vun dësem Punkt: Baut d' Stad Esch déi Studentewunnungen? Oder ass dat d'Uni deen do haaptführend ass? Mä wéi gesot Studentewunnunge wier et och mengen ech un der nächster Majoritéit ganz wichtege fir ganz kuerzfristeg mat sämtleche Partner déi involvéiert sinn, héchstwahrscheinlech eng Strategie auszeschaffen wéi mer d' Studentewunnungen an den nächste Joeren hei an Esch gesi wann d'Implantatioun vun der Uni ab 2014 konkret ass.

Dann d'Situatioun vun deem net bewunnte Wunnraum hei an Esch. D'Madame Spautz ass drop agaangen, de Virriedner huet et och scho gesot an de Virriedner huet mat Recht och drop higewisen, datt de Pacte Logement verschidde Mesuren de Gemenge virgesäit fir och do dergéint virzegoen, notamment eng Taxe anzeféiere wéinst Spekulation op net bewuntem Wunnraum. Mä de Virriedner, den Här Jaerling, huet awer ganz kloer gesot, datt een och do muss oppassen. An ech denken, dass mer eis och hei sollten Zäit ginn. Dass mer eis sollten Zäit ginn an dass mer sollte mol eng ganz approfondéiert Analys maache vun deem net bewunnte Wunnraum, wat déi Ursache sinn, dass dee Wunnraum net bewunnt ass. Well et ka keen heibanne soen, dass dat à 100% nëmme spekulativ Ursache sinn, dat kann ech mer einfach net virstellen. Esou dass mer elo sollte mol op de Wee goen, datt mer eise Servicer den Optrag sollte ginn déi Analys duerchzeféieren an da mat deene Proprietären déi dann doropper geäntwert hunn, aus där enger oder aner Ursach dee Wunnraum eidel stoen ze loossen, dann awer och mat de Proprietären eng ganz grouss Informations- a Sensibiliséierungscampagne sollte starte wéi se dee Wunnraum kéinten, si selwer, kéinte weider benotzen duerch d'Méiglechkeet Studentewunnungen ze schafen, duerch d'Méiglechkeet iwwert d'Agence immobilière sociale, wou d'Madame Spautz och drop agaangen ass, an och duerch aner Mesurë wou se och staatlech Hëllef kéinte kréien. A gleef mer, dass mer, wa mer fir d'éischt mol op dee präventive

Wee do ginn, dass dann eng Unzuel vu Propriétaires do wäerte matgoen, iert mer mol iwverhaupt op de repressive Wee sollte goen deen de Pacte Logement eis natierlech awer léist. Dofir ass et wichtig mol déi dote Bestandsopnam ze maachen, hei déi Diskussioun ze féieren an dann de Conseil, dat wäert den nächste Gemengerot sinn, dass deen dann op de Wee geet déi noutwenneg Décisiounen ze huelen.

Ech begréissen awer och an deem Kontext an ech géing et och wichtig fannen, Madame Spautz, datt den nächste Gemengerot vläicht méi regelméisseg iwwert d'Logementssituatioun kéint diskutieren. Well mir hunn déi eng oder aner grouss politesch Dossier déi regelméisseg an de Gemengerot kommen an dovun ass Logement ee wichtige Dossier an ech menge mat deem neie Service dee mer och elo opgestockt hunn, datt se eis do kéinte méi oder manner regelméisseg d'Situatioun erläuteren.

Wann elo de Gemengesekretär hei wier, da géing ech deen invitéieren eng Motioun auszedeelen, dofir wollt ech elo nach dee Saz drunhänken. D'Majoritéit presentéiert dem Conseil eng Motioun déi natierlech op déi Diskussioun vum haut ageet, déi op d'Wichtigkeet vum Logement och um kommunalem Plang an och virun allem um Escher kommunale Plang ageet, datt mer och natierlech weiderhi wëllen an d'Renovatioun vum eise Gemengewunnege weider investieren, och weiderhin Acquisitiounen vum neiem Wunnraum wäerte maachen an datt mer och leider mussen feststellen, dass eng ganz grouss Unzuel vum Immeuble leider fräi stinn a wëllen domatter de Schäfferot opfuereeren déi noutwenneg Analys esou schnell wéi méiglech mat de Servicer duerchzuführen an dann eng Informatiounscampagne ze starten an och de Schäfferot wierklech ënnerstëtzen an och deen nächste Schäfferot, datt e mat senger proaktiver Logementpolitik hei weiderfiert wéi d'Gemeng Esch se mécht a wéi ech mer et géing wënschen, dass vill Gemengen, vill Schäfferen a Gemengeréit hei am Land Lëtzebuerg et géinge maachen, déi awer do leider versoen. Ech soen lech Merci.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Codello. Dann ass et mengen ech um Här Zwally an dann un den Häre Baum an Huss.

André Zwally (CSV): Jo, Merci, Madame Buergermeeschter. Mir wollten och am Numm vum der CSV der Madame Spautz Merci soe fir de Rapport. Mir wëssen dass et fir eis allegueren eng grouss Erausfuere-

derung ass an deenen nächste Joerzénge wat de Wunnengsbau ubelaangt. Hei an Esch ass et ëmmer enk verbonne mat der soziologescher Struktur, mat der Vielfalt vum deene Leit déi mer heihinner kréien an ech kann nëmme feststellen, dass hei am Escher Gemengerot ëmmer eng grouss Solidaritéit do war an och Respekt vis-à-vis vum deenen déi bei eis waren an och bei eis gelieft hunn an déi sech näischt konnte leeschten. Dofir wäerte mir dat och an Zukunft als CSV selbstverständlich mat ënnerstëtze wann hei Beméiunge gemaach gi fir besser Situatiounen ze förderen.

D'Aarmut ass hei ugeschwat ginn. Et ass kloer, dass dat eng grouss Roll spillt am Wunnengsbau. Et brauch een nëmme déi Chifferen ze kucken déi Dir hei mentionéiert hutt wat den RMG an de Mindestloun ubelaangt a mat der Remarque déi och den Här Tonnar gemaach huet, et muss ee schonn zu zwee haut schaffe goen, respektiv en zweet Akommes hu fir iwverhaupt sech kënnen ze garantéieren fir esou eng Haaptfuereerung fir ze wunne sech kënnen ze leeschten.

Zu Esch, esou wéi mer d'Diskussioun hei hunn, huet sech net ëmmer alles ëm Gemengewunnege gedréint an et ass och net esou gewiescht, dass mir ëmmer déi eenzeg waren déi dat ugebueden hunn. Ech géif gären drun erënnere, dass d'Privatindustrie och a senger Ufanksentwécklung dofir gesuert huet, dass si, da wa se Kräfte gebraucht huet fir bei sech ze schaffen, Wunnengen zur Verfügung gestallt hunn, erkannt haten dass se de sozialen Aspekt vum esou Wunnengen och fir si eppes bruecht huet, an doriwwer eraus dann och deene Leit déi bei hinne geschafft hunn, Wunnengen zur Verfügung gestallt hu bis zum Schluss. Dat war eng Traditioun déi mer kann hunn. Kolonie si jo dorusser entstanen an doriwwer eraus war dat ëmmer och en Apport dee si ginn hunn um Niveau vum dem Wunnengsraum. Ech sinn haut der Meinung, dass d'Privatindustrie sech komplett distanzéiert huet, wat ech net gutt fannen, well ech einfach der Meinung sinn, dass hir Responsabilitéit méi wäit muss goe wéi nëmme déi wéi an hire Kollektivvertrag eventuell Primen ausbezuelen an domatter menge si hätte sech deem entleedegt. Ech sinn der Meinung, dass si missten, esou wéi dat an der Traditioun och war vum deem wat mir kann hunn, missten och aner Gedanke maachen an doriwwer eraus vill méi investieren an dat wat hir Leit ubelaangt, dat wat Wunnengsproblematik ubelaangt an och dat firwat dass si Responsabilitéit um Niveau

vum de Cohésions sociales missten huelen.

Et ginn Diskussiounen gefouert op et wichtig ass ze lounen oder ze kafen. Dat ass eng Diskussioun déi mer virdrun net esou haten. Et gesäit een hei eraus, dass och op Grond vum den Avisen déi virleie vum de Chambren, vum deenen eenzelne Responsabelen, déi d'Avisen do virgeluegt hunn an do kënnt esou ënnerschwellig eraus, op d'mannst gesinn ech dat bei dem Avis vum der Chambre des salariés, dass si och well d'Annonce maachen, dass et vläicht besser ass fir ze lounen amplaz fir Propriétaire ze ginn. Bei der UEL hutt Dir ugeschwat, war ech och erstaunt, dass eigentlech elo mol fir d'éischt esou en Avis virläit. Déi éischt Partie vum deem Avis ass schlecht. Fir meng Begrëffer ass se schlecht. Déi zweet ass e bësse besser, mä och nach net gutt genuch. Mir wësse wat dat alles bedeit a sinn och der Meinung, dass um Niveau vum eise Verhalen hei um Niveau vum der Tripartite et ëmmer erëm wichtig ass, dass jiddweree sech iwwert déi dote Suerge Gedanke mécht, well am Endeffekt déi Repercussiounen an och alles dat wat décidéiert gëtt fällt op och si zréck.

Den Här Codello huet de Paquet de Logement ugeschwat. Déi 21 Mesure si jo och Mesuren déi geholl gi sinn um Niveau vum der Nationalpolitik. Fannen ech gutt, mussen mer deem Ganzen och d'Chance gi sech mol ze developpieren an eng Bewäertung mengen ech, an dofir kann ech och domatter averstane si wat hei den Här Codello gefuereert huet fir regelméisseg heihinner ze kommen, well déi Bewäertung vum deenen 21 Mesuren hunn och hir Repercussiounen um Niveau vum eiser Politik déi mir hei kommunal maachen, ass et gutt wann eng Bestandsopnam gemaach gëtt, wann de Recensement gemaach gëtt a wa mir dann och kënnen deementspreechend reagieren op Grond vum deenen 21 Mesuren déi elo hei am Raum stinn, déi och solle hëllef fir eng erschwénglech Bautepolitik kënnen ze maachen.

Et ass och nach de Problem vum Flux vum der Demande. Mä et soll ee jo och wëssen, dass eis Entwécklung um Niveau vum 700.000 Awunner-Stat méi séier sech entwéckelt wéi mer dat kënnen maachen an da wësse mer och dass et schwéierfällig ass wa bis op eemol d'Demanden do sinn an d'Bautepolitik muss d'Realisatioun bréngen. An dat kann een net vum haut op mar maachen, dat brauch alles seng Zäit. Well do ass och eng Schwierigkeet do. Wann eng Demande do ass an et kann ee se net esou direkt realisieren, ginn dat Problemer an dat sinn éischter méi baulech

an technesch Problemer well een och seng Zäit brauch wéi aner Problemer déi domatter verbonne sinn.

Esch, Wunnengsbaupolitik, mir als CSV hu mer dat ëmmer ënnerstëtzt. Sinn och der Meenung, dass eng grouss Mixitéit muss kommen. Waarden op den Effet vun der Entwécklung vum Belval Ouest. Mir sollen dat am Hannerkapp behalen, dass mer do an 3, 4 Joer zesummen och mat deene Studenten déi dohinner kommen, eng Politik brauchen a sinn och der Meenung, dass mer fir déi Leit déi dohinner schaffe kommen, deemtsprechend eng grouss Mixitéit brauche fir dass si sech och wuel fillen hei zu Esch a mir och Interessi hu fir déi Leit hei ze halen.

Allgemeng huet d'Madame Spautz och vun 2002 geschwat wou mer ugefaangen hunn déi Politik ze maache fir an eis Wunnengen ze investéieren. Ech erënnere gären drun, dass mer do bäi 70/30% leien. Aus der Analys kënnst och ervir, dass awer an engem bestëmmte Moment de Loyer och méi héich ginn ass, wat jo och seng Ursachen huet, firwat dass dat esou ass. De Käschtendeckungsprinzip ass quasi op déi 30% ausgeweit ginn, esou dass ech mengen, dass et en equitable Wäert ass engersäits zur Verfügungstellung vu Wunnraum an och anerwärts och dat Drubedelegen un deene Käschten déi domatter verbonne sinn. Insofern kënnen mir domatter liewe wann et an deem dote Sënn virugeet a wäerten dat och voll ënnerstëtzen.

D'Nonnewisen, Fonds de Logement huet jo e ganzen Deel och do mat an d'Diskussioun geworf. Mir hu senger Zäit wéi mer d'Nonnewisen hei an der Diskussioun haten, och gefrot well mer vun 10% soziale Wunnengsbau geschwat hunn a wa mer vum subventionéierte schwätzen, da wësse mer dass dat eng Méiglechkeet ass op Grond vun all deene Mesuren déi et ginn, fir dat sech kënnen unzëeegnen, soziale Wunnengsbau ass jo fir eis de Begrëff ob mir selwer als Gemeng Wunnengen dohinner bauen an ob mir selwer interesséiert si fir déi 10% anzehalen. A wa se anzehale sinn, wéi dat da kann ausgesinn. Also eis Fro ass och an deenen 10%, wëll Dir dat um Niveau vun den Nonnewise maachen oder wéi gesitt Dir déi Weiderentwécklung wat d'Nonnewisen ubelaangt?

De Guide vun de Sans abris, jo, dee wäert ech mer nach eng Kéier op de Leescht huelen. Ass e ganz wichtegen Aspekt, dee wäert och net ofhuelen. An deem Sënn sinn ech och frou, dass mer regelméisseg hei d'Diskussioun vun de Sans abris hunn.

D'Infoe vun de Propriétaire mat där Motioun déi Dir hei eis virgeluegt hutt,

wäert ech elo nach eng Kéier kuerz duerchkucken a wann et deem entsprécht wat mir als CSV kënnen mat ënnerstëtzen an och op Grond vun deem wat ech elo hei gesot hunn, wäerte mir déi Motioun da mat stëmmen. An deem gesinn, wäert ech da kucke wat d'Analys an Zukunft wäert bréngen. An deemtsprechend wäerte mer dann och hei reagéieren, respektiv och eis Meenung dozou soen. Ech soen lech Merci.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Zwally. D'Wuert geet dann elo un den Här Baum an duerno un den Här Huss.

Marc Baum (DÉI LÉNK): Fir d'alleréischt och e Merci un d'Madame Spautz fir deen heite Bericht dee si eis presentéiert huet. Merci och un d'Servicer well ech mengen dat heiten ass en Dokument wat net vill Gemengen esou an där doter Form virweise kënnen. Och vum vernetzten Zesummeschaffe vun de Servicer fir dohinner ze kommen. Dat eenzegt wat een nach vläicht kéint wënschen, och fir d'Zukunft, wann een iwver soziale Wunnengsbau oder d'Wunnengsbauproblematik am allgemenge schwätzt, da kann een et net, wéi och elo schonn an deenen aneren Interventioune geschitt ass, da kann een et net lassgeléist gesi vun enger Analys vun der sozialer Situatioun. Et misst een am Fong implizit ëmmer och d'Zuelen an d'Zuelematerial hu wat déi allgemeng sozial Situatioun ass. Well genau do herrscht, mengen ech, eng ganz grouss Konfusioun. Den Här Jaerling huet elo schonn e puer mol gesot, dass mer hei zu Esch 18% vun de Leit hätten déi den RMG géife kréien. Den Här Jaerling huet dat net erfonnt. Dat ass eng Äntwert vun der Madame Buergermeeschter op eng Fro un de Schäfferot. Mä déi 18%, dat géif heeschen all fënneften, do misst dach bei jiddwengem d'Alarmklacke lass goen an direkt d'urgence Pläng missten opgestallt gi fir ze soen, wéi gi mer géint déi dote ganz grave Situatioun vir? Et sinn net 18%, mä et sinn 9%, dat ass déi, ech hu mech informéiert, déi aktuell richteg Zuel. Déi ass alarméierend, ouni Fro, mä et ass net 18% RMG an et wier och dramatesch mengen ech, wann dat weiderhi an der Effentlechkeet ...

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci fir déi Richtegstellung, Här Baum. Dat war e Feeler vun eiser Säit.

Marc Baum (DÉI LÉNK): t'Ass gär geschitt. Madame Buergermeeschter, d'Wunnengspräiser an déi domatter

zesummenhängend Wunnengsnout zu Lëtzebuerg sinn ee vun deenen Haaptgrënn, wann net ze soen dee gréissten Haaptgrond vun der Präkariséierung vun ëmmer méi groussen Deeler vun der Populatioun. 14,9% sinn zu Lëtzebuerg dem Aarmutsrisiko ausgesat a Lëtzebuerg ass op zweetleschter Plaz wéi d'Madame Spautz och scho gesot huet, wat d'Ugebuert vu soziale Wunnengen an der Europäescher Unioun ugeet. Zu Esch ass déi Situatioun nach méi schlëmm. Mir hunn hei zu Esch iwver 12% Chômage, 9% RMG an Esch huet eng traditionell Aarbechterpopulatioun, dat heescht Leit déi net onbedéngt iwwert déi allerhéchste Revenue verfügen, och wa se Salarié sinn, mä éischer am Niddreglounsecteur unzesidelen sinn. Dat bedeit fir ganz vill Leit effektiv eng sozial Détresse vun där souwuel den Här Spautz ...

(Interruption par M. Codello)

Jo, déi ass zwar mengen ech anescht an déi ass och vläicht nach méi selbstverschold.

(Hilarités)

Vun där souwuel d'Madame Spautz wéi den Här Jaerling och geschwat hunn. Dat heescht d'Fro ass, wat ass den Afloss an d'Responsabilitéit vun der effentlecher Hand? Dat heescht vum Stat an awer och wat ass d'Responsabilitéit déi d'Gemeng huet, déi d'Gemengen hu fir op de Wunnengsmarché ze agéieren a fir géint déi am Moment desastréis Situatioun virzegoen. Mir stelle fest, dass hei zu Esch d'Demande no abordablem Wunnraum massiv klëmmt. Innerhalb vu 6 Joer vun 350 Demanden op iwver 500. Am gläichen Zäitraum ass dee Renovatiounsprogramm vun de soziale Wunnengen, deen de vieregte Schäfferot ugefaangen huet, weider gefouert ginn, mä et si keng nei Sozialwunnengen entstanen. Et sinn zwar 7 Unitéiten, Eefamilljenhaiser an deene leschte 6 Joer opkaaft ginn, mä trotzdem ass, an absoluten Zuelen, d'Zuel vun deene Sozialwunnengen déi mir hei zu Esch hu vu knapps 300 op 280 erofgaangen, an dat bei enger massiv wuessender Demande. Ech mengen duerfir, dass et eng Prioritéit vun der Gemeng misst si fir erëm neie soziale Wunnengsbau ze schaffen. Entweder doriwwer, dass ee bestoend, eidel stoend Haiser opkeeft a Sozialwunnengen dorausser mécht, respektiv awer och, dass een do wou een zum Beispill Bauhär ass wéi an den Nonnewisen, selwer nei Sozialwunnenge baut. Ech mengen, dass dat eng vun deene grouse Responsabilitéite vun der Gemengepolitik misst sinn an ech menge wat d'Acquisitioun an d'Erweiterung vum Wunnpark dese Schäfferot wierklech net wäit genuch gaangen ass. Besonnesch

wann ee bedenkt datt et wéi d'Madame Spautz gesot huet, en Nullsummenspiel ass fir d'Gemeng. Et ass net esou, datt d'Gemeng massiv investéiere muss aus am Fong Emprunten oder Prête muss ophuele fir nei Sozialwunnengen ze bauen. Nee, et ass esou, dass duerch d'Subventionéierung vum Stat déi bei 75% läit, an d'Loyeren déi jo Recettë sinn déi erakommen, d'Gemeng am Fong näischt ausgëtt. Ech mengen datt dat fir d'Zukunft eng vun deene ganz, ganz grouse Prioritéite muss sinn. Besonnesch och en vue vun deem wat gesot ginn ass, vun der Stadentwécklung. Dat heescht, doduerch datt eng Gemeng selwer plangt, e Plang opstellt, wou a wéi engem Quartier et de Besoin gëtt respektiv a wéi enge Quartieren een dofir misst suergen, datt eng ugemiesse Mixité sociale misst si fir och an deene Quartieren da soziale Wunnengsraum ze schafen. Dat ass dat eent Element.

Dat zweet Element ass den Afloss op de Wunnengsmarché deen d'Gemeng huet. An do hu mer effektiv zënter 2008 e Gesetz wat Pacte Logement heescht a wat der Gemeng d'Méiglechkeet gëtt Taxen ze erhiewen op länger Zäit eidel stoende Wunnraum. A wa mer da gesinn, datt hei zu Esch insgesamt iwwer 1.000 Wunnunitéiten net besat sinn – iwwer 1.000! – da mengen ech datt et héich Zäit gëtt, datt mer dëse Pacte Logement an e kommunaalt Reglement ëmsetzen. Ech sinn och der fester Iwwerzeugung, wann déi 1.000 Wunnengen déi de Moment inoccupéiert sinn, um Marché wieren, dann hätt dat net nëmmen en direkten Effekt op Sozialwunnengen, mä et hätt virun allem en direkten Effekt op déi allgemeng Loyers- a Kafpräisser an ech mengen datt et vun dohier ganz wichteg ass, datt dat Pacte Logements Gesetz ëmgesat gëtt an e kommunaalt Reglement.

Mir hunn elo hei eng Motioun virleie wou de Schäfferot opgefuert gëtt, wéi den Här Codello virdu gesot huet, eng Analys vun der Situatioun ze maachen an d'Propriétaires ze informéieren. Dëst Pacte Logements Gesetz gëtt et zënter 3 Joer. 3 Joer hu mer dat! A mer sollen elo no 3 Joer wou mer wëssen, datt et eng schwierig Situatioun ass ufänken eng Analys maachen? Ech mengen, mir sollten dat, déi Moyenen déi mer hunn duerch de Pacte Logement ëmsetzen, mir sollten dat Gesetz ëmsetzen an e kommunaalt Reglement. An ech sinn awer scho ganz erstaunt doriwwer, wann ech hei héieren, déi aarme Propriétaires, déi ee muss informéiere wéi se Sue verdéngen. Dat fannen ech scho ganz erstaunlech, datt d'Propriétaires alleguer op

eemol esou aarm sinn, datt se Informatioun brauche wéi si sech kënnen uleeë fir Suen ze verdéngen. Dat eent, wann een esou e Gesetz géif ëmsetzen an e kommunaalt Reglement, schléisst dat anert net aus. Et schléisst net aus, datt ee gläichzäitig eng Informatiounscampagne mécht. Mä déi Informatiounscampagne huet eréischt dann e richtegen Nodrock an e richtige Sënn wann een et verbënnt mat enger Taxe zu Haiser déi zu spekulativen Zwecker fräi stinn. Duerfir kann ech zwar déi Motioun hei ënnerstëtzen, mä ech mengen awer datt se wierklech net wäit genuch geet an datt se net wäert d'Léisung sinn op d'Problemer vun der Wunnengsnout hei zu Esch. Mä vläicht wann de Schäfferot vläicht eng Kéier anescht zesumme gesat ass, kënne mer och do méi proaktiv virgoen.

Daniel Codello (LSAP): t'Läit um Här Braz.
(Hilarités)

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Baum. Et ass dann domatter um Här Huss.

Jean Huss (DÉI GRÉNG): Merci, ech wéilt och ...
(Interruption)

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Komm mir konzentréieren eis op d'Diskussioun déi mer amgaange sinn. Ech wëll lech just rappeléieren, dass et 11.40 ass an dass mer nach ongeféier 15 Punkten um Ordre du jour hunn. Et ass domatter um Här Huss, a just um Här Huss.

Jean Huss (DÉI GRÉNG): Duerfir wäert ech mech och da relativ kuerz halen.
(Hilarité)

Mech ganz kuerz halen a fir d'éischt awer der Madame Spautz Merci soe fir d'Beschreibung vum Wunnengsmaat hei zu Esch, déi jo wierklech ganz instruktiv ass. Ech wëll awer gläich dobäi soen, datt och wann et esou ass, datt mer hei Wunnengsnout natierlech hei zu Esch hunn, dat geet aus de Chifferen eraus, dann ass dat awer net esou éischtens, datt mer hei eleng mat där Situatioun sinn. Et gëtt am ganze Land Wunnengsnout. Et gëtt och an anere Stied hei am Süde Wunnengsnout a wann eng Gemeng awer versicht huet an deene leschten 10, 20 Joer ze versichen deem entgéint ze kommen, dann ass et d'Escher Gemeng zesumme mat der Stad Lëtzebuerg déi do och Efforte gemaach huet. Leider hunn aner Gemenge ronderëm eis, mä am ganze Land keng Efforte gemaach an deem

dote Sënn an dat wëll een hei nach eng Kéier betounen.

Plusieurs voix: Très bien!

Jean Huss (DÉI GRÉNG): Ech wëll och soen, fir direkt op den Här Baum zeréckzekommen, datt et natierlech och sënnvoll ass, datt och hei zu Esch nach weider soziale Wunnengsbau gemaach gëtt, och an deenen nächste Joeren. Ech muss awer dobäi soen, ech wëll awer gläich dobäi soen, datt net Esch eleng de Wunnengsmisère vum ganze Land hei ka léisen. Mir sollen nach virun a sozial Wunnengen installéieren, natierlech, mä mir kënnen dat net eleng maachen.

Plusieurs voix: Très bien!

Jean Huss (DÉI GRÉNG): A mir mussen och kucken, ob eis Stadentwécklung musse mer kucken, a wat mer wëllen an deenen nächsten 10, 15 Joer. A wat mir net wëllen dat ass datt hei just hei zu Esch nach just dierfe Sozialwunnenge gebraucht ginn, well mir brauchen eng Mixitéit vun der Bevëlkerung a mir hunn eng Universitét déi kënnt a mir wëllen och datt d'Universitétsproufen an d'Chercheuren an d'Studenten an esou virun hei an Esch, datt déi och Wunnenge fannen déi eben hirem Porte-feuille oder hirem Standing an esou virun ugepasst sinn. Niewent deem datt mer solle viru kucken eis Park nach schrëttweis auszubauen. Dat also wëll ech hei ganz däitlech gesot hunn.

Ech wëll elo net agoen op déi Saachen déi scho vun all menge Virriedner gesot gi sinn, Pacte Logement wat fir eng Méiglechkeeten datt dat bitt an esou virun, dat ass bekannt. Ech sinn och mat d'accord fir ze soen, datt mer kucke sollen all dat wat eidel steet, datt mer do wierklech déi Analys solle maachen an do sinn ech mam Här Baum d'accord. Wa mer no där Analys erausfannen, datt do zu 90 oder 80% Spekulation ass – well et ass wahrscheinlech nëmmen e gewësene Pourcentage Spekulation – et kënnen och aner Ursaache si firwat am Moment Haiser oder Appartementer nach eidel stinn, ech kenne beispillsweis ee ganz präzise Fall dee strictement näischt mat Spekulation ze dinn huet. Bon, Klammer zou.

Mir sollen dat maachen, präventiv awer mer sollen et séier méache mat der Informatioun. A wann dat net geet, da sinn ech der Meenung, dass eng ganz sec Taxatioun soll kommen. Absolut eng sec Taxatioun do soll komme fir do géint Spekulationsgewënner kënne virzegoen. Ech wëll nach just folgendes soen, mir

bekloen eis hei jo ëmmer am Gemengerot, datt just d' Stad Lëtzebuerg a mir an de soziale Wunnengspark investéiert hunn. Mir bekloen dat all Kéiers. Bon, ech mengen datt ee vläicht dann awer misst mol iwwert eppes schwätze wat iwwert eis Kompetenz erausgeet, mä wou d' Regierung gefuerdert ass. Déi Regierung déi elo do ass. Wann et nämlech esou ass, well mir hu jo, et ass jo net nëmme op dësem Punkt, mir hu jo och am kulturelle Beräich maache mir hei Investitiounen a mer hu Fonctiounskäschte vun deene sämtlech Nopeschgemenge mat profitéiere wa se an eisen Theater, Conservatoire an esou viru kommen. A wa mer hei déi Gemeng sinn, déi Dépenses huet um Niveau och vum soziale Wunnengsbau dee mer nach wëllen ausbauen an och den Ënnerhalt an d' Renovéierung vun deem ganzen, da misst een awer vläicht drun denken ze soen, beim Verdeelungsschlüssel deen d' Gemenge kréien iwwert d' Gewerbesteier beispillsweis, aus dem Fonds de dotation communale, da misst ee vläicht der Regierung mol soen, hei huet är Verantwortung. Esch huet hei Ausgaben déi aner Gemenge ronderëm net hunn oder net wëllen hunn a mir hu se awer a si profitéieren awer mat do dervun. A mir wëllen hei net d' Situatioun hu wou mir hei soen, hei aus eisem sozialem Engagement baue mir elo massiv nëmme nach just Sozialwunnengen an déi aner, déi aner ronderëm, déi Gemenge ronderëm, déi maache schéi Kulturzentren a bretze sech domatter an esou virun. Dat heescht also, ech plädéiere carrément do derfir, datt um Regierungsniveau endlech dat mol unerkannt gëtt, dee Rôle deen d' Stad Esch hei spillt, souwuel am soziale wéi am kulturellen an datt dat gekuckt gëtt och um Niveau vum Verdeelungsschlüssel vun deem wat Esch kritt. An da si mer net méi an enger Situatioun wou mer just kloen, mä wou mer da soen hei wann ech gelift, elo sinn déi gefuerdert déi am Moment an der Verantwortung sinn. Si hunn e positive Schrëtt gemaach mam Pacte Logement. Dat muss ee ganz objektiv soen. Do stinn eng ganz Partie Mesuren dran déi wierklech ganz gutt sinn. Och zum Beispill wat d' Energiespueren an esou virun ubelaangt, mä hei ass d' Regierung gefuerdert fir d' Escher Efforte vill besser ze revaloriséieren a fir dann ze soen, hei déi Gemengen déi näischt maachen, déi keng Verpflichtungen nokommen, dann déi beim Verdeelungsschlüssel an datt déi dann net méi esou gutt ewech kommen. Aneschtens geet dat do net, well soss bleiwe mer am kloen. Dat gesot ass et kloer, datt mer déi Motioun hei selbstverständlech ënner-

stëtzen. Fir d' éischt kucken hei nach séier déi Analys a kucke wat ass Spekulation a wat ass keng Spekulation, d' Leit informéieren a wann dann näischt, a wann dann an engem Joer wa mer hei erëm kommen an engem Joer a mer hunn déi Analys um Dësch a mer wësse wat wat ass, da wann ech gelift eng sec Taxatioun drop maachen. Mir als Gréng stinn op jidde Fall do derfir. Merci.

Schäfte Félix Braz (DÉI GRÉNG): Bravo! Très bien!

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Huss. Et wier dann, nee, ass gutt, wa kee méi virgesinn ass, da kann d' Madame Spautz äntweren. Den Här Weidig war virgesinn? Jo.

Paul Weidig (LSAP): Awer wierklech ganz kuerz. Ech mengen dass dat wat den Här Huss elo gesot huet, dat ass am Fong geholl de Resumé vun deem wat ech am Fong och wollt soen. Mä ech wëll awer ganz kuerz ob de Problem agoen dass ganz vill Leit net zwësche sozialem Wunnengsbau a subventionéiertem Wunnengsbau ënnerscheiden. Ech kréien ëmmer gesot et géif zu Esch nëmme soziale Wunnengsbau entsto. Dobäi ass dat wat de Fonds du Logement baut bal nëmme subventionéierte Wunnengsbau. D' Dokumentatioun déi mer hei virgestallt kritt hunn, déi ganz explizit ass, ass eng wichteg Analys vun der Wunnengssituatioun hei zu Esch an doriwwer eraus vun eise ganze Land.

De wierkleche Problem ass de soziale Wunnengsbau. Dat heescht, dass Leit Wunnengen zur Verfügung gestallt kréie wou een net am Ufank muss eng Kautioun vun zwee bis dräi Loyere stellen, eng Zomm déi vill Familljen net hunn, an dass en d' Méiglechkeet huet de Loyer dem Akommes vun de Leit unzepassen. Hei muss gehandelt ginn esou dass och déi Leit déi wierklech an d' Precaritéit eragerode sinn en Dach iwwert dem Kapp hunn. E Recht dat nom neien Gesetz iwwer d' Offices sociaux kann ageklot ginn. Mir hu wierklech – an et ass elo just nach vu menge Virriedner gesot ginn – exemplaresch geschafft an deene leschte Joeren an et ass dat wou mer wierklech kënne stolz drop sinn.

Dat verhënnert net, dass mir awer och an den Nonnewise subventionéierte Wunnengsbau schafen, wat awer net verhënnert dass ee muss fir e Reihenshaus muss méi ewéi 300.000 Euro ob den Dësch leeën. Dat kann ee wierklech net als soziale Wunnengsbau bezeichnen an ech mengen do muss ee wierklech la part des choses maachen. An och de Pacte

Logement geet ganz an déi Richtung eran, mä wat wierklech de Problem ass, dat ass de soziale Wunnengsbau.

Dat wat bis elo gesot ginn ass, war ganz interessant an ech mir sinn hei gefuerdert fir eis an deenen nächste Joere weider massiv ze engagéieren, engersäits am subventionéierten awer andersäits och am soziale Wunnengsbau. Besonnesch duerch d' Renovéierung vun aler Bausubstanz gëtt e wichtige Beitrag gelescht fir d' Liewensqualität an eiser Stad ze verbesseren a fir d' Quartieren ze verschéieren. Dës Aarbechte gi vum Stat zu engem héijen Undeel subventionéiert, mer léisen domat e puer Problemer ob eng Kéier. Merci.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Weidig. Den Här Jaerling. Ah, den Här Jaerling huet geschwat, majo dann ...

Aly Jaerling (Indépendant): Entschëllegt Madame Buergermeeschter, ech wëll zu der Motioun schwätzen. Déi hat ech net wéi ech geschwat hunn.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Gelifft?

Aly Jaerling (Indépendant): Mir hunn déi Motioun elo réischt kritt. Ech hat déi net wou ech geschwat hunn. Et deet mer Leed. An ech kann net hei eppes ofstëmme wou ech awer elo kee Wuert dozou gesot hunn.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Kee Problem, Här Jaerling. Mir hu gutt Zäit.

Aly Jaerling (Indépendant): Ech wëll lech just kuerz soen, ech hu kee Problem mat der Motioun do, mä se geet mir awer net wäit genuch. Ech sinn der Meinung dass hei, wa mer schonn esou eng Motioun maache fir Remedur ze schafen an deem Beräich, dass dann awer och kloer muss drastoen d' Suiten déi komme wann déi Motivatioucampagne do net duergeet. An dat feelt mir hei an där Motioun.

(Interruption)

Wou steet et? Wou steet et dann? Ech wëll kloer hunn dass hei drastoe kënnt, dass wann déi Motivatioucampagne näischt déngt, dass dann duerno Sanctiounen kommen, dass duerno Sanctiounen virgesi sinn. Well wéi ech am Virfeld héieren hunn, war schonn esou gutt wéi geplangt hei eng Taxe direkt stëmmen ze loossen. Elo aus iergendenger Ursach ass dat vum Ordre du jour ewech komm. Elo komme mer hei mat enger Motioun déi

wuel richteg ass, mä déi awer näischt ausseet, déi just eng Motivatiounscampagne mécht wéi den Här Baum gesot huet fir d'Propriétaires drop hinzeweise wou se Sue kréien. Do steet och nach staatelech Hëllef an hei, mä awer et muss Konsequenze komme wann déi Motivatiounscampagne do näischt déngt an ech hätt gär dass dat kloer an déi Motioun hei mat dra kënnt, soss muss ech mech enthalen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Den Här Codello freet och d'Wuert.

Daniel Codello (LSAP): Als ee vun den Auteurs vun der Motioun. Et ginn zwou Versiounen, ech muss mech entschëllege beim Här Jaerling. A menger steet dran: à mettre en oeuvre toutes les mesures prévues par le pacte du logement. Déi steet an der zweeter Versioun net méi dran. Mir mussen elo e Konsens hei fannen. Ech hunn als éischten Auteur vun der Motioun hat ech, an ech hat mech op déi och a Gedanke baséiert, duerfir hunn ech gesot, liest d'Motioun. An deen Tired ass an der zweeter Versioun net méi dran. Well et huet kee Sënn datt mer eng Analyse approfondie maachen an dass mer dann net den zweete Schrëtt maachen. Dat war eigentlech den Objet vun der Motioun.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Do muss elo ee mir hëllef. Den Här Codello huet hei eng Motioun am Numm vun de Majoritéitspartei presentéiert an déi ass menges Wëssens hei verdeelt ginn. Wisou schwätzt elo iergendeen hei vun zwou Versiounen? Dat verstinn ech elo net.

Daniel Codello (LSAP): U menger ass geschafft ginn. Et ass en Tired erauskomm.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Also ech wëll wëssen, Här Codello, wéi eng Motioun Dir presentéiert hutt? Ass dat déi déi verdeelt ginn ass?

Daniel Codello (LSAP): Jo.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Wann dann nach eng aner Versioun ass, da geheit déi an d'Dréckskëscht. Den Här Codello huet eng presentéiert am Numm vun eis an déi steet zur Diskussioun an et ass Äert gutt Recht, Här Jaerling, net mam Contenu vun där Motioun averstannen ze sinn. An dann äntwert d'Madame Spautz op déi Froen an da komme mer zur Ofstëmmung. (Discussion générale)

Här Gemengesekretär, mir hunn hei eng Motioun virleien, dat ass déi déi den Här Codello eis gewisen huet, déi ass verdeelt ginn. Wann et nach eng aner gëtt, dann ass dat en Iertum, et deet mer Leed dass dat esou ass, mä et steet nëmmen eng Motioun zur Ofstëmmung an dat ass déi déi hei verdeelt ginn ass an déi mir kritt hunn.

Schäffin Vera Spautz (LSAP): Däerf ech während där Zäit äntwere bis dat gekläert ass.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Jo, gären.

Schäffin Vera Spautz (LSAP): Eng kuerz Äntwert. Wat déi Fro oder dee Punkt ugeet wou den Här Baum genannt huet, datt an de leschte Joeren d'Zuel vun de Wunnengen hei zu Esch erofgaangen ass, vun de Gemengewunnengen erofgaangen ass, ech wollt dozou just soen, dat ass méi oder manner stabel bliwwen a kënnt och bäi. An de Renovéierungen hu mer vill kleng Wunnenge gehat, aus deene mer grousser maachen. Da geet natierlech d'Zuel vun de Wunnengen u sech erof. Dat heescht, mir hunn esou e ganze Appartementsblock, dat sinn enorm kleng Wunnenge gewiescht, aus deene si grouss Wunnenge gemaach ginn. Da geet déi Zuel zrëck. Oder wann ech elo huelen den Eck Brillstrooss/CM Spoo Strooss wou amgaangen ass ëmgebaut ze ginn, wou och an Ärem Dossier dran ass, do hate mer well dat eng Maison praktesch vétuste war, just nach zwou Familljen dra wunne bis mer déi relogéiert hunn an eng ass an Italien mengen ech zeréckgaangen, aus deem Block wäerten awer 12 Studioen an Appartementer kommen, esou datt dat dann erëm an d'Luucht geet.

Weider Haiser kafen, respektiv Appartementer an och an ënnerschiddleche Quartiere muss ech betounen, datt eng Sozialmixitéit ass hei zu Esch, dat wäerte mer wëlle weider maachen oder ech schwätzen elo mol déi nei Majoritéit sollt an déi Richtung weider investéieren.

A bei den Nonnewisen ass natierlech niewent deem, an do huet den Här Weidig Recht, deem subventionéierte Wunnengsbau an de Projete vum Fonds du Logement och virgesinn, datt mer géifen als Gemeng do och mat aklammen a Sozialwunnengen do kafe wäerten. Déi Diskussioun hate mer iwwregens schonn d'lescht Joer gehat wou mer iwwert de Budget geschwat hunn, wou deen zeréckgaange war bei der Acquisitioun fir nei Logemente well mer jo ofwaarden, da ginn der jo dann an engem Block méi

beieneen. Déi Diskussioun déi hate mer do scho gehat. Ech spieren hei eraus oder fillen hei eraus, datt awer d'Diskussioun an déi Richtung geet oder d'Entscheidung och an déi Richtung geet wat elo déi Enquête ugeet an dann déi Mesuren déi duerno natierlech solle dorop folgen, ech soen op jidde Fall do e grouse Merci lech alleguerten a waarden dann of wéi sech dat mat der Motioun entwéckelt.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): D'accord. Majo ech géing proposéieren, well dat heite war jo eigentlech e Punkt Informatioun wat de Schäfferot ubelaangt. Mir hunn awer eng Motioun nach ze klären déi hei déponéiert ginn ass vum Här Codello. Mussen elo déi Fro vun deene Versiounen do klären, ech gesinn do selwer net ganz kloer dran.

7. Règlement-taxé pour la Maison Relais de l'École à journée continue; décision

Ech géing lech da proposéieren, dass mer d'Madame Spautz des Kéier an hirer Eegenschaft als Responsable vun de Maisons Relais eis de Punkt 7 proposéiert an da kënne mer deen och zur Ofstëmmung bréngen.

Schäffin Vera Spautz (LSAP): Jo, Merci, dat geet séier. Mir hu jo eng Konventioun mengen ech am leschte Gemengerot gestëmmt wat d'Ganzdagsschoul ugeet, de Fonctionnement an d'Maisons Relais mat de Ministären zesummen. Hei geet et elo drëm den Taxereglement frësch ze bestëmmen dee sech ëm d'lessen an d'Chèques services bekëmmert. Dat hu mer bis do net gemaach gehat. Mir hunn elo d'Konventioun zrëck kritt vum Ministère, déi ass accordéiert. An et geet drëm fir dat ab September dann déi Leit déi do ageschriwwen sinn, déi Kanner déi ageschriwwen sinn, kënnen natierlech och vun de Chèques services profitéieren awer op där anerer Säit ass et jo keng Maison Relais déi de ganzen Dag ass. Also dat ass da fir an der Mëttesstonn d'lessen 2 Euro, wat d'Plages horaires vun 12-14 Auer ugeet an de ganze Rescht hutt Dir als Reglement hannendru leie wéi d'Chèques services fonctionnéiere wéi an den anere Maisons Relais och. Hutt Dir alles hannendru leien, also einfach eng, wéi seet een dat, fir d'Situatioun propper ze maache muss mer et ofstëmmen, datt mer et kënnen ëmsetzen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Madame Spautz. Au vote.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – M. Henri Hinterscheid – M. Aly Jaerling – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – Mme Vera Spautz – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally
Le Conseil communal adopte à l'unanimité le règlement-taxe pour la Maison Relais de l'école à plein temps.

Sou, mir kéimen dann nach eng Kéier kuerz zrëck op de Punkt 6, do war déi Fro vun der Motioun nach en suspens. Här Codello, wann Dir eis just wëllt soen a wéi enger Versioun déi Motioun zur Ofstëmmung kënn an da kënn mer de Vote maachen.

Daniel Codello (LSAP): Jo, ech hu mam Här Braz geschwat well mir zwee d'Auteur vun der Motioun waren, mä ech mengen ...

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Kënn mer elo driwwer schwätzen oder kënn mer net driwwer schwätzen?

Daniel Codello (LSAP): Jo, mir huelen de Vote iwwert déi Motioun wéi se hei virläit, well et e Kommunikatiounsproblem war tëschent den zwee Schäfte an a mir déi de Mueren eppes mëndlech ausgemaach haten, vun deenen ech näischt wouss. Ech hat geduecht den Tiret géng ëmformuléiert ginn. Mä mir haten awer schlussendlech decidéiert mëndlech an net schrëftlech, dass déi sollt erauskommen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Gutt, majo da stëmme mer fir dat awer elo sécher ze sinn, stëmme mer dann déi Versioun déi hei virläit.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – Mme Vera Spautz – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally
Le Conseil communal approuve par 11 voix oui et 2 abstentions la motion de la majorité concernant les logements communaux.
Ont voté oui Madame le bourgmestre Mutsch, les échevins Braz, Hinterscheid et Spautz ainsi que les conseillers Codello, Hannen, Huss, Roller, Weidig, Wohlfarth et Zwally. Les conseillers Baum et Jaerling se sont abstenus.

Texte de la motion:

Le Conseil communal,
Considérant la situation des logements communaux telle que discutée lors de la réunion du Conseil communal du 8 juillet 2011;
Soulignant l'importance que la Ville d'Esch accorde aux questions liées au logement;
Conscient du nombre élevé de demandes de logements communaux par nos concitoyens et de la pénurie d'immeubles sur le marché luxembourgeois;
Soulignant l'importance d'un renforcement substantiel des efforts de rénovation - y incluse énergétique - sur le marché de l'immobilier;
Soulignant sa volonté de continuer à rénover les logements communaux et à poursuivre sa politique d'acquisition;
Constatant que des immeubles restent sans affectation sur une période parfois prolongée;
Considérant la conclusion du «Pacte Logement» entre la Ville d'Esch-sur-Alzette et le Ministère du Logement;
invite
le Collège des Bourgmestre et Echevins à procéder à une analyse approfondie des causes de la non-affectation d'immeubles sur une période parfois prolongée;
à informer les propriétaires de ces immeubles des différentes possibilités qui s'offrent à eux pour les affecter (logements étudiants, locations, aides étatiques, AIS...);
à continuer sa politique proactive en matière de logements communaux.

8. Conclusions du Jury sur la nouvelle dénomination de la Place dite „Agora“; décision

Da géinge mer zu Punkt 8 kommen, dat sinn d'Konklusioun vum dem Jury dee mer déi lescht oder déi virlescht Gemengetrotssëtzung agesat hate fir d'Konklusiounen ze zéie vun engem Concours dee vum Schäfferot aus gemaach ginn ass. Ech wëll lech nach eng Kéier déi Kompositioun rappeliere vum Jury. Et sinn 2 Membere vum Schäfferot, 1 Representant vun der Majoritéit an 1 vun der Opposition. De President vun der Bautekommissioun, de President vun der Stadentwécklungskommissioun, de Chef vun der Division Géomètre, de Chef vun Développement urbain, dann de President vun der ACAIE, de Recteur vun der Universitéit, den Direkter vum Fonds Belval an den Direkter vun der AGORA. Tatsächlech waren 3 Persoune remplacéiert duerch aner Kollegen, respektiv Per-

sounen aus deene Gremien, esou dass déi Kompositioun déi war déi Dir an Ärem Dossier hat an dat waren déi Häre Weidig, Codello an Zwally vum Gemengerot. Et war den Direkter Fixmer vum Fonds Belval, et war den Direkter Delwiche vun der AGORA, als Remplaçant vum Recteur vun der Uni den Här Malvetti, d'Madame Freis als Presidentin vum Geschäftsverband an da vun eise Servicer déi Dammen Wagner a Bisdorff an ech selwer. Mir haten am ganze ronn 50 Propositionen déi gemaach gi sinn. Ech wëll nach eng Kéier rappeliere, dass de Concours eng Lafzäit hat tëscht Mëtt Abrëll a Mëtt Juni. Mir hunn do en cours de route eng Extension gemaach fir och de Lycéëen d'Méiglechkeet ze gi fir matzemaachen, esou dass niewent den Awunner vun eiser Stad och d'Universitéitsmembere konnte matmaachen an och déi héijer Klasse vun de Lycéëen, souwuel de Classique wéi och den Technique. Vun deene ronn 50 Propositionen sinn der 47 als admissibel zrëckbehale ginn.

De Pré-Jury deen zesumme komm war, huet déi 47 Propositionen ënnerdeelt an 3 Genren oder Kategorie vu Propositionen. Dat eent si Propositionen déi sech méi mam Charakter vum Quartier Universitaire ausanergesat hunn, well et ass jo eng vun den Haaptplaze vun eise Quartier Universitéit. Déi aner Nimm hunn éischter Allusioun gemaach op de Passé vun der Sidérurgie, respektiv op den Thema vum Stol. An déi drëtt Kategorie dat waren Nimm déi en direkte Lien zu Esch haten. De Jury war unanime d'accord, dass bei deene Propositionen déi gepréift gi sinn, der dobäi wieren déi sech géingen eegne fir den Numm där Plaz ze attribuieren, dass mer also de Concours géinge validieren an en Numm aus deene Propositionen eraussichen. An et war dunn och eng Unanimitéit do fir net a Richtung vum Numm vun enger Persoun ze goen, well do elo keen Numm dobäi war dee mir fonnt hunn, hätt en direkte Lien zum Site. Mir waren och der Meenung, well et e Site ass wou d'Mixitéit vun de Fonctiounen absolut ersichtlech ass, well déi Plaz agebonnen ass an den Entourage vun der Héichuewenterrasse, duerfir hu mer gemengt, dass et och net onbedéngt noutweneg wier en Numm erauszesichen deen exklusiv Referenz op d'Vergaangenheet vun deem Site géing maachen. Mir hunn dunn unanimer een Numm zrëckbehalen dee mer lech och haut wëllen als éischte Präis proposéieren. Dat ass d'Place de l'Académie. Mir hunn eng länger Diskussioun iwwert deen Numm gefouert. Wat eis gutt gefall huet, dat ass de Lien zu der Universitéit. A ville Länner

gëtt den Terme Académie genotzt fir d'Universitéit ze ëmschreiven. Et waren och Memberen am Jury déi Angscht haten et géingen ze vill Leit un d'Académie française denken an dat géing ze héich schwiewen. Mir sinn awer der Meinung, dass souguer wann eng Referenz augenfällig gëtt zu der Exzellenz, da wier dat och keen Nodeel, well d'Universitéit befénnt sech op e puer honnert Meter vun där Plaz do ewech an och d'Universitéit strieft Exzellenz un. Dat wier also, wann dat d'Haaptkonnotatioun wier, déi ee kéint bei deem Numm fannen, wier dat net en Nodeel mä éischter e Virdeel fir deen Numm.

Flott fanne mer et och, dass de Gewënner oder d'Gewënnerin, well den Numm gëtt jo eréischt am Nomëtten offiziell dévoiléiert, dass de vun eis proposéierte Gewënner, dass deen an d'Vergaangeneheet siche gaangen ass an erausfonnt huet, dass am 17. Jorhonnert dat Wuert „Académie“ genotzt ginn ass fir am Sammelbegrëff universitär Aktivitéiten ze ëmräissen an déi Persoun war der Meinung, dass dat an engem Quartier, deen den Numm Universitéit dréit, dee richtige Lien wier. Dat waren Allusiounen déi deemools haauptsächlech vun der protestantescher Bewegung opgegraff goufen. Dat féiert zwar elo wäit, mä dat stoung awer an der Argumentatioun vum Gewënner dobäi.

Ech kann och nach soe wat ze gewinnen ass. Ze gewinnen ass en iPad 2. Dat ass mengen ech e ganz flott, ganz ganz aktuell Schaffinstrument. Dat zweet ass an Zesummenaarbecht mat deem Hotel deen an direkter Noperschaft zu där Plaz steet, wou mer och speziell Arrangementer konnte maachen. Et ass also eng Nuecht an deem Hotel inklusiv engem Diner vun 2 Persounen an der Rockhal an 2 Séancen am Ciné Belval. Dat ass mengen ech och e ganz flotte Kado. Dat dréit ass e Bon d'achat vun enger Valeur vun 150 Euro an engem vun de Geschäfte am Centre Ville oder am Plaza um Site Belval am Quartier wou eben déi Plaz sech befénnt.

A mir géingen lech dowéinst proposéiere fir deem doten Numm, also „Place de l'Académie“ Är Zoustëmmung ze ginn. Den Här Jaerling.

Aly Jaerling (Indépendant): Merci, Madame Buergermeeschter, erlaabt mer dass ech zumindest erstaunt si wann ech déi Zesummesetzung vun deem Jury do gesinn. Wann ech gesinn,

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Här Jaerling, mir hu se hei votéiert an ech mengen et war unanime.

Aly Jaerling (Indépendant): Wat?

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): D'Kompositioun vum Jury.

Aly Jaerling (Indépendant): Vum Jury hei. Nee, et war menger Usicht no geduecht dass awer och déi Ëmfro déi gemaach gëtt, net de Jury, mä déi Ëmfro déi gemaach gëtt zumindest och bei deene gemaach ginn déi awer joerelaang do geschafft hunn an hire Schweess do gelooss hunn, nämlech d'Schmelzaarbechter oder zumindest d'Schmelzdelegatiounen, déi jo awer och do derniewent sinn, déi awer och misste kënnen hiert d'Wuert mat bäileeën.

Zweetens hunn ech lech deemools scho gesot, dass ech net frou driwwer war, wéi Dir den Arrêt vum Zuch Belval Usine, wéi Dir deen ëmgeännert hutt a Belval Université. Ech mengen dat war scho menger Usicht no, war dat schonn zumindest eng Ondelikates vis-à-vis vun de Schmelzaarbechter. An hei géif ech awer mengen, hätt Dir awer e bësse kënnen gutt maachen, wann Dir zumindest deen Numm vun där Plaz geholl hätt deen awer am Zesummenhang mat deem Site vu senger Historik hier, dat heescht zumindest dass Dir en hätt kënnen nennen „Place de l'Usine“ oder och nach „Place de l'Acier“, dat seet eppes aus. Mä „Place de l'Académie“, also ech weess et net. Mir hu keng Académie hei am Land a mir hunn eng Universitéit, mä vun enger Académie si mer wäit ewech. Also ech sinn einfach der Meinung, dass deen Numm deem Site do net déi Würdegkeet gëtt déi hie verdéngt. Dee Site do misst ëmmer a Relatioun bleiwe mat där Geschicht vun deem Site. An déi Geschicht vun deem Site dat ass d'Schmelz, dat sinn d'Schmelzaarbechter an d'Beamten a soss guer näischt.

Also ech stëmmen op jidde Fall op kee Fall deen Numm „Place de l'Académie“ dat kënnt net a Fro. Also ech géif lech bieten, wa mer en Numm sichen, dann hätte mer sollen den Numm sichen „Place de l'Acier“ oder „Place de l'Usine“ an en aneren Numm ass där Plaz do net würdeg.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Jaerling. Sinn nach Wuertmeldungen? Den Här Zwally.

André Zwally (CSV): Jo, ech muss awer elo dorop äntwere wat den Här Jaerling hei gesot huet. Ech mengen dass dat ... (Interruption par M. Jaerling)

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Den Här Zwally war Member vun der Jury

a kann an där Eegenschaft bestëmmt och eppes soen.

André Zwally (CSV): Jo, stëmmt, dass mer hei zrëckbehalen haten, also am Numm vun der Oppositioun hei en unanime Vote geholl ginn ass fir och e Representant vun der Oppositioun an dese Jury eranzesetzen. D'Argumenter firwat dass plädéiert ginn ass, waren ënner anerem och wéinst der Geschicht vun der Stolindustrie. Dass net egal wat soll geholl ginn an dass soll een dobäi sinn deen och eise Standpunkt doranner géif verrieden.

Wann een elo déi genau Plaz kuckt, do wou d'Diskussioun entstanen ass an déi och elo hei mentionéiert, da muss ee wëssen, dass op där doter Plaz keen Numm explizit dobäi war deen dat hätt kënnen ervirbréngen. Well déi Plaz do wou dat war, war exklusiv eng Plaz wou Stockage war. Dat waren Hochbahnen zwou Stéck déi do drop waren an do muss ee wëssen, dass dat an deem Gesamtkontext vun der Diskussioun déi een engem Numm kann zouweisen, wéi zum Beispill Belval ass bekannt well et e Quartier war, dass dat net ka goen, well ganz einfach een dann hätt misste soen, jo dat ass dann eng Place du stockage vun iergendenger Matière déi senger Zäit hei ofgeluegt ginn ass. Insofern si mer op d'Konklusioun komm, dass deen zweeten Deel an och déi zweet Propositioun déi richtig Propositioun war, well dat dat Ganzt beinhaltet huet a fir eis och deementsprechend geéiert huet, dat wat do geschitt ass. Awer net eleng do, mä op deem ganze Site an dass d'Zukunft fir eis e grouse Volet spillt um Niveau vun dem Belval a senger Entwécklung a mir plädéiert hunn, esou wéi fréier dat ëmmer gemaach ginn ass, dass ee plädéiert huet fir ganz einfach an d'Zukunft eranzedenken a mir gesinn och hei déi richtig Orientatioun an déi richtig Décisioun. Doriwwer eraus wëll ech nach soen, dass mer mat all deene Stroossen an Avenuen déi mer hei votéiert hunn, unanime votéiert hunn, dass do scho genuch an op d'mannst alleguerten deenen Eier ginn ass déi do geschafft hunn, insofern hunn ech op jidde Fall als Member vum Jury an och als deen, deen hei d'Oppositioun representéiert huet, kee Problem mat deem dote Choix an ech kann nëmmen hoffen an nëmmen op Grand vun deenen Aussoen déi ech hei gemaach hunn, soen dass Dir lech dat sollt iwuerleeën a mir wäerten op jidde Fall dat dote matstëmmen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Gutt, Merci, Här Zwally. Da kéime mer

zur Ofstëmmung. Entschëllegt, dierft ech zur Ofstëmmung stellen de Klassement deen de Jury proposéiert? Mir proposéieren eng Plaz 1 eng 2 an eng 3 an d'Propose déi ech am Numm vum Schäfferot wëll maachen ass dee Klassement wéi en hei an Ärem Dossier virgesinn ass.

1. Place de l'Académie
2. Cour de l'Acier
3. Place Frantz Clément

an esou géingen dann och déi entspreichend Kadoe verdeelt ginn, 1., 2., 3. Präis. Da mussen mer zwee Voten huelen. D'accord. Si mer d'accord, Place de l'Académie? Au vote.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally
 Le Conseil Communal décide par 12 voix oui, 1 voix non et 1 abstention de donner à la place dite «AGORA» la dénomination "Place de l'Académie".
 Ont voté oui Madame le bourgmestre Mutsch, les échevins Braz, Hinterscheid, Spautz et Tonnar ainsi que les conseillers Codello, Hannen, Huss, Roller, Weidig, Wohlfarth et Zwally. Le conseiller Jaerling a voté non et le conseiller Baum s'est abstenu.

Mir kéimen dann zum Vote vum Klassement, 1, 2, 3.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally
 Le Conseil Communal décide par 12 voix oui, 1 voix non et 1 abstention d'arrêter le classement suivant:
 1^{er} prix:
 Place de l'academie: iPad 2
 2^{ème} prix:
 Cour de l'acier: 1 nuit à l'Hôtel
 3^{ème} prix:
 Place Frantz Clément: bon d'achat
 Ont voté oui Madame le bourgmestre Mutsch, les échevins Braz, Hinterscheid, Spautz et Tonnar ainsi que les conseillers Codello, Hannen, Huss, Roller, Weidig, Wohlfarth et Zwally. Le conseiller Jaerling a voté non et le conseiller Baum s'est abstenu.

Da si mer elo de Mëtteg gespaant ween de Gewënnernumm fonnt huet. Dat maache mer dann zesummen um halwer 3, do freeë mer eis schonn drop.

9. Dénomination d'une place pour la nouvelle école Nonnewisen; décision

Mir kéimen dann direkt zum Punkt 9, dat ass och en Numm dee mer do proposéieren an zwar fir déi nei Plaz virun eiser neier Nonnewise Schoul an do muss ech éierlech soen, dass net nëmmen deen aktuelle mä virun allem de viregte Schoul schäffen do mat op déi flott Idee komm ass déi mer lech haut proposéieren. An eigentlech ass de Ball ugestouss gi vun der Bautekommissioun, well do d'Propose war fir e meritanten Enseignant ze huele fir déi Plaz, just dass deen Numm deen an enger éischer Phas ugeduecht gi war vun der Bautekommissioun hei am Land scho besat ass fir eng aner Schoul, esou dass mer op de Wee gaange si fir éischens vun enger Enseignante – well mir hunn hei vill manner Stroossenimm vu Frae wéi vu Männer – an zum zweeten eng Damm geholl déi jiddwereen hei zu Esch kennt an dat ass d'Madame Pellegrino, déi Inspektesch war an déi mat strammer Hand awer streng a gerecht gewalt huet hei zu Esch während laange Joeren. Leider verstuerwen ass an déi Éierung net méi kann entgéint huelen. Mä dat ass d'Proposition déi mir dem Gemengerot maachen, „Place Adeline Pellegrino“.
 Au vote.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally
 Le Conseil Communal décide à l'unanimité de dénommer la place pour la nouvelle école Nonnewisen "Place Adeline Pellegrino".

10. Organisation du service M-Pass destiné aux salariés des administrations communales de la Région Sud pour l'année 2012; décision

Da kéime mer zum nächste Punkt, dat ass eigentlech eppes ganz Flottes. Wat mer do maachen ass eng vun 12 Pro-Sud

Gemengen an et ass eng unanime Décision vu Pro-Sud, esou dass elo lues a lues dat an all d'Gemengeréit wäert goen. An zwar ass dat den M-Pass, dee sougenannten M-Pass. „M“ steet fir Mobilitéit. Dat ass eng Méiglechkeet vun engem Abonnement fir all Mataarbechter a Mataarbechterinne vun den 12 Südgemengen. Inklusiv d'Léierpersonal an och d'Personal vun de Maisons Relais. Dir hutt och virun lech leien eng Proposition de délibération vum Conseil communal wat d'Organisation vum Service M-Pass ubelaangt. Vlächicht nach e puer Explikatiounen.

Den initiale Präis vun engem Abonnement annuel, also Joeresabonnement fir am ganze Land den Transport en commun ze benotzen, läit bei 400 Euro. Mir hunn als Pro-Sud eng Konventioun ausgeschafft wou mir dann iwwert de Verkéiersbond Prozenter kënnen aushandele fir eis Mataarbechter vun de Gemengen. Dat erlaabt et fir zwee mol 20% kënnen ze attribuieren. Et wier also dee Moment net nëmmen de Verkéiersverbond, mä och déi eenzel Gemenge vu Pro-Sud déi des Ermässeung géinge ginn. A mir hunn dat elo gefaasst an eng Deliberatioun wou déi Ausféiermodalitéiten nach net dra sinn, well dat eréischt hir Trace wäert fannen an der definitiver Konventioun déi Pro-Sud mat dem Verkéiersbond ofschléisst. Mä mir wollten awer zu engem fréien Zäitpunkt eis Gemeng doriwwe informéieren, dass mer op dee Wee kënnen goen. An dofir wollte mer lech ganz einfach froen, ob mir den Aval kréien als Schäfferot fir där Aktioun vu Pro-Sud bäizetrieden? An de Salariaée vun eiser Gemeng des Facilitéit unzebidden.

Mir wëllen als Schäfferot ofschléissend soen, dass sech den M-Pass perfekt an eis Bestriewungen integréiert fir e Maximum op den effentlechen Transport zréckze-gräifen.

A wa mir déi Facilitéiten eise Mataarbechterinnen a Mataarbechter kënnen zoukomme loosser, da wëlle mir dat als Schäfferot gäre maachen, mä mir brauche fir d'éischt den Aval vum Gemengerot a wieren da frou wa mer op dee Wee kéinte goen. Au vote.

Conseillers présents:

M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally
 Le Conseil Communal à l'unanimité des voix donne son accord de principe

de participer à l'action du syndicat PRO-SUD tendant à introduire le service M-Pass pour les salariés de leur commune pour l'année 2012.

Et ass hei elo net en public eng Fro gestallt ginn, ech wëll awer trotzdem drop äntwären, well déi nämlecht Fro ass nämlech am Pro-Sud gestallt ginn. Ob et och fir d'Membere vum Gemengerot gëllt? Et gëllt och fir d'Membere vum Gemengerot vun deenen 12 Gemengen, ausser se ginn explizit an där Konvention ausgeschloss an dat ass net de Wunsch vu Pro-Sud. Ech wollt dat hei och soen.

Plusieurs voix: Aaah!

11. Convention avec la Kulturfabrik asbl dans le cadre de la „Carte culture jeunes“; décision

Gutt, mir kéimen dann zu der Konvention mat der Kulturfabrik am Kontext vun eiser „Carte culture jeunes“ de Punkt 11 an dat ass natierlech fir eise Kulturschäffen, den Här Tonnar.

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): Jo, ech hat déi Konvention schonn d'lescht Woch annoncéiert wéi mer d'Carte culture jeunes gestëmmt hunn. Et geet drëm dass d'Kulturfabrik déi 300 éischt Ticketen, déi Reduktioun vu 6 Euro op deenen Ticketen, d'Fraise selwer iwwerhëlt, déi 6 Euro, an alles wat méi wéi 300 verkaaft gëtt, iwwerhëlt d'Escher Gemeng, déi 6 Euro pro Entréesbillet. Dat ass déi Konvention déi ech lech géif bieden ze stëmmen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Au vote.

*Conseillers présents:
M. Félix Braz – M. Daniel Codello – M. Mady Hannen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – M. Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally
Le Conseil Communal approuve à l'unanimité la convention entre la Ville d'Esch-sur-Alzette et la Kulturfabrik asbl.*

12. Questions de personnel (création et suppression de poste, réduction et prolongation de stage); décision

Sou, mir kéimen dann zum Punkt 12, dat sinn déi Personalfroen déi mer an der éffentlecher Sëtzung hunn, Här Hinterscheid, Personalschäffen.

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): Merci, do hu mer als éischt eng Creatioun vun engem temporaire Posten am Statut vum Employé communal, nee am Statut vum Salarié, mä calquéiert op d'Carrière C vum Employé communal an eiser Recette. Do hu mer effektiv Problemer mat vill Krankeschäiner an der Recette. Et ass awer net en onwichtige Posten an eiser Gemeng. Also et ass Poste fir e Joer.

Dann hu mer an eise Service industriel, Dir kënnt lech erënneren, dass mer d'leschte Kéier eng Demission hate vun engem Expéditionnaire technique awer réischt an engem décke Joer. Do huet den Interieur eis elo gesot, trotz deem dass mer deen demissionéiert hätten, misste mer temporaire awer dann en neie Poste créiere fir dee scho kënnen ze besetzen. Well dee Beamte vill krank ass, musse mer deen och elo ersetzen.

Dann hu mer eng zweet Creatioun vun engem Fonctionnairesposten, net an der Carrière vum Artisan wéi et hei steet, dat ass eng Erreur de frappe, copy/paste ass net ëmmer praktesch, mä et ass en Expéditionnaire technique wat awer an der Carrière plus ou moins datselwecht ass, dee sech op déi ganz Gestiou vum de Reseau vum Service industriel setzt, wat ëmmer méi komplex gëtt fir do e geographic information system an d'Projektioun vun eise ganze Reseauen ze suivieren.

Dann hu mer an de Structures socio-éducatives e Posten an der Carrière PA3 ze créieren. A mer hunn am Nettoyage 14 Poste vun Agents de nettoyage. Dir wësst dass zwou nei Schoulen a wou eng Schoul mat enger Piscine opgeet an dofir gëtt dat am ganzen op Grond vun där Berechnung déi mer hunn, der Quadratmeterzuel gëtt dat 14 Posten.

Dann hu mer eng Fixatioun vum Loyer vum Logement de service fir de Portier an der neier Nonnewise Schoul an dann hu mer och en Ajout an dat ass eng Creatioun vun engem Posten an der Carrière C am Service Enseignement mat gläichzäiteg enger Modifikatioun vun engem Contrat de travail an zwar vun der Madame Tessa Stroh déi aus dem Theater an den Enseignement geet op dee Full-time-Posten dee mer elo do créieren.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Au vote. Alles zesummen.

*Conseillers présents:
M. Marc Baum – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – M. Mady Hannen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – M. Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally
Le Conseil Communal approuve à l'unanimité les questions de personnel.*

13. Avenant à la convention du 17 avril 2008 concernant l'organisation de l'Ecole des Parents «Janusz Korczak»; décision

Ech géng lech proposéieren da mam Punkt 13 weider ze fueren. Dat ass en Avenant dee mer maachen zu enger bestoender Konvention an zwar mat der Eltereschoul. Hei schwätzt eis d'Madame Spautz driwwer.

Schäffin Vera Spautz (LSAP): Jo, wéi gesot et ass en Avenant an net eng nei Konvention. Mir hunn déi Konvention den 18. Abrëll 2008 scho mat der Eltereschoul gemaach, déi fonctionnéiere schonn 3 Joer. Hei ass en Avenant dozou wou mer wollte maache well et zwee Changementer ginn.

Dat éischt ass, si si geplënnert, nieft dem Haus vun de Bierger eraus a méi gréisser Raimlechkeeten an dat zweet war, dat einfach déi Explikatioun vum Personal wat bei hinnen engagéiert gëtt, do stoung an eiser Konvention genau och d'Nimm dran déi mer ofgemaach haten. Elo hunn zwee nei Leit do ugefaange mat schaffen an si brauchen et och par rapport zu hirem Ministère kloer Aussoen, datt dat elo Educateurs gradués à tâche complète sinn, also datt si sech géigeniwwer vum Ministère kënne justifiéieren a bei eis et och kloer ass, wéi gëtt agestallt, wou si se elo, wat kréie se als finanziell Ënnerstützung?

Dat heescht schrëftlech dat wat elo un Ännerungen do war, gëtt heimadder gestëmmt. Si maache scho laang Konferenzen, Coursen, Seminarer, Weekender, dat an alle Sproochen, och op portugiesesch, sinn immens gutt am Quartier Brill och ënnerwee mat der Maison Relais a mat de Schoulen. Et steet jo dran op d'mannst 40 Manifestatiounen sollten an de Gemenge gemaach ginn. Also et geet driwwer eraus, dat wäert beim nächste Rapport dann iwwert d'Eltereschoul an all déi begleedend Moosnamen dann hei och nach eng Kéier presentéiert ginn. An

ech géif lech bieden deem zouzestëmmen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
Merci, Madame Spautz. Au vote.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité l'avenant à la convention précitée entre la Ville d'Esch-sur-Alzette et la Fondation Kannerschlass.

14. Décomptes des services industriels de l'exercice 2010; décision

Mir hunn dann ënner Punkt 14 wéi all Joer d'Décompté vun de Services industriels, an dësem Fall vum Exercice 2010. Au vote.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité les décomptes concernant les travaux et fournitures du département des services industriels achevés pendant l'exercice 2010.

15. Etat des restants à recouvrer de l'exercice 2010; décision

An dat nämlecht gëllt fir den Etat vun de Restante vum Exercice 2010. All Detailer sinn an Ärem Dossier. Au vote.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité d'approuver l'état des restants 2010.

16. Relevé et rôle supplétif de l'impôt foncier pour l'exercice 2010; décision

Dir hutt dann och ënnert Punkt 16 de Relevé an de Rôle supplétif vum Impôt foncier. Och fir den Exercice 2010. Au vote.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le Conseil Communal décide à l'unanimité d'approuver le relevé et rôle supplétif de l'impôt foncier.

17. Modification budgétaire; décision

Mir hunn dann ënner Punkt 17 eng Modification budgétaire aus dem Service culture wou Dir d'Detailer hutt. Et geet ëm d'Acquisition vu Maschinnen a Frais de mobilier de bureau déi an deem Service nach guer net virhande waren an ech géif lech bieden dëser Modifikation vum Är Zoustëmmung ze ginn. Au vote.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le Conseil Communal décide à l'unanimité de modifier le budget ordinaire de l'exercice 2011.

18. Transactions immobilières; décision

Mir hunn dann ënner Transactions immobilières der 3 Stéck. Ech géing iech proposéieren, dass eise Bauteschaffen déi kuerz presentéiert.

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): Déi éischt ass en Avenant, en zweeten Avenant zum Bail emphytéotique dee mer mat der Fondation pour la promotion du tennis hunn. Dir wësst dass am Lankelz deen nationalen Tenniszenter steet. Do huet d'Gemeng deemools d'ar Fondation iwwert e Bail emphytéotique den

Terrain zur Vefügung gestallt. De Bail leeft elo aus. Am Tenniszenter muss reinvestéiert ginn an do ass d'Fro gestallt ginn, och vum Stat dee jo den Hauptinvestissement do dréit, ob mer dee Bail kënne verlängere fir d'Perinitéit vum Investissement sécher ze stellen. Dat hu mer natierlech ganz gär gemaach a mir géingen lech dann och proposéieren eis do ze suivéieren.

Dann hu mer eng zweete Punkt, dat ass en Acte de résiliation tëschent der Stad an der Madame Fatima Ramcilovic. Déi Damme huet deen Terrain, ee vun deenen Terraine gesteet an den Nonnewisen an hire Papp huet fir si den Terrain gesteet an deen hat e Certificat wou vum Notaire acceptéiert ginn ass. Finalement huet d'Bank awer herno net matgespillt. Elo ass déi Fra an enger ganz schrecklecher Situatioun. Wa mer et à la lettre géinge praktizéiere wéi et war, da géinge mer hir 10% vum Terrain rechnen, vun der Valeur vun der Stee rechnen als Pénalitéit. D'Situatioun ass awer wierklech net esou, dass ee konnt unhuelen, dass do iergendeppes Spekulative derhannert ass. A well de Feeler awer beim Notaire ze imputéieren ass, proposéiere mer lech den Akt opzeléisen, dass mir vun eisem Recht gebrauch maache fir den Terrain erëm an eisen Domaine ze réintégréieren an nëmmen d'ar Persoun déi real ugefale Käschten a Rechnung ze stellen an dat wäeren dann och virun allem d'Notaireskäschten a mir hoffen och, dass den Notaire dann deen Akt an dee Geste mécht fir déi wou hien awer do e bësse verjuckt huet an dann näischt a Rechnung stellt, proposéieren dat dann esou ze suivéieren.

Deen drëtte Punkt, dat ass eigentlech och, deen hutt Dir verdeelt kritt, dat ass d'Konventioun tëschent der Stad an der CFL Immo, concernant l'entretien de la gare routière Belval Université. An do proposéiere mer lech och, dat ass eng Konventioun, fir ee symboleschen Euro d'Joer, proposéiere mer lech do och deem zouzestëmmen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
Merci, den Här Zwally huet eng Fro.

André Zwally (CSV): Ech hu just eng Fro zu deem zweeten Deel, dat heescht d'Réiliation vun deem Akt mat der Madame. Ass et esou dass do alles conform ass? An der Finanzkommissioun war et net sécher, op jidde Fall konnt een do erausspiieren, dass eng oder déi aner Konformitéit gefeelt huet.

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):
Also et ass eigentlech eng dramatesch

Situatioun. Also wa mer et à la lettre – an dofir muss mer an de Gemengerot kommen – wa mer et à la lettre maachen, misste mir där Fra 10% vun der Stee, vun der Valeur a Rechnung stelle fir dann näischt ze hunn. Well den Notaire dem Papp vun der Fra gesot, dee Certificat vun der Bank ass an der Rei. Dir kënnt steeën domat. Deen ass och nach do dohinner gaangen. An duerno kréie se vun der Bank gesot, et deet eis Leed dat geet net duer dat do, mir kënnen lech do net de Prêt drop ginn. Also wa mer et à la lettre géingen de Konditiounen duerchzéien, da wär et dat. Dann hu mer natierlech eppes gemaach wou ee sech dann awer och muss froen ob dat an eisem Sënn ass. A mir hu laang hin an hier ronderëm kalennert a mir hunn eis och do vun, eise Jurist huet finalement och gesot, also dat do ass verrietbar, et muss just vum Conseil gestëmmt ginn.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Au vote dann.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally
Le Conseil Communal accepte à l'unanimité les transactions immobilières.

19. Commissions consultatives; modifications; décision

Mir hätten da bei Punkt 19 Ännerungen ze votéieren oder Ännerungen eis Zoustëmmung ze ginn déi eis eragereecht goufe vun der DP Sectioun fir verschidde Kommissiounen. Et sinn der nawell eng Rëtsch an ech bieden lech an engem

geheime Vote dëse Changementer Är Zoustëmmung ze ginn. Mir kënnen se jo en bloc huelen, huelen ech un?

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally
